

	22^e séance	Présidence M. Jean Spautz, Président
	Mercredi 13 décembre 2000	

Ordre du jour

Projet de loi 4700 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2001 (*Discussion générale - Suite*)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Fernand Boden, Luc Frieden et Mme Anne Brasseur, Ministres.
(Début de la séance publique à 9.02 heures)

M. le Président.- D'Sëtzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Kommunikatiounen ze maachen?

(*Négation*)

Dat ass net de Fall. Da fuere mer haut weider mat der Debatt iwwert de Statsbudget vum Joer 2001.

Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Den Här Bausch huet d'Wuert.

Projet de loi 4700 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2001 (*Suite*)

Discussion générale (Suite)

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, ech weess net, ob ech soll soen Dir Dammen an Dir Hären. Ech wëll awer déi puer net strofen, déi de Moien hei ugetratt sinn, fir mer nozelauschten. Ech wëll och mäin déifste Protest aleen dogéint, dass de Moien zwou Kommissiounssëtzunge stattfannen, d'Commission du Travail et de l'Emploi an d'Commission de la Sécurité sociale, während enger öffentlecher Sëtzung, während de Budgetsdebatten. Ech si selwer Member an deenen zwou Kommissiounen. Ech hu mech zwar do ersetze gelooss, mä ech mengen, dass dat net gutt ass fir de parlamentaresche Stil.

Ech wëll drop verweisen, dass mer an der Conférence des Présidents mindestens schon zéngmol décidéiert hunn, dass während den öffentleche Sëtzunge keng Kommissiounssëtzunge solle stattfannen. Ech stelle fest, dass dat awer erëm eng Keier de Moien de Fall ass an zwou Stéck mateneen tagen. Ech hat deene recommandéiert, haut de Moien um 8.00 Auer hir Sëtzung ofzehalen amplaz um 9.30 Auer. Da wäre se um 9.00 Auer wahrscheinlech fäerdeg gewiescht, an dann hätte mer kënnen hei zu méi am Plenum sëtzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nach ni konnt eng Regierung vun esou enger gudder Ausgangspositioun profitéiere wéi déi Regierung, déi elo am Amt ass.

Tëschent 6 a 7,5 % Steigerung vum PIB an der Moyenne, en Taux de progression vun de Recettë vun 12,73 % am Budget vun 2001, eng Statsschold, déi net méi ausmécht wéi 5,6 % vum PIB. De groussen Deel vun där Schold ass och nach vum Fonds de la Dette publique ofgedeckt.

E Chômage vun 2,6 %, woubäi ze soen ass, dass dee Chômage sécherlech net konjunkturrell bedéngt ass, mä héchstens nach ze situéieren ass ronderëm Leit, déi souwisou ganz schwéier placéierbar sinn, dat heescht Leit, déi op eisem Aarbechtsmaart, Konjunktur hin oder hier, souwisou schwéier ze placéiere sinn an een dofir natierlech awer muss Effore maachen.

En Emploi vun de Moment 264.000 Unitéiten, mat enger järelecher Progressioun tëschent 5 an 8 % pro Joer. Op d'Konsequenze kommen ech herno nach ze schwätzen.

E Rentensystem, bei deem no leschte Berechnunge vum Bureau International du Travail d'Reserve fir déi nächst 15 Joer kontinuéierlech an d'Luucht ginn. Dat heescht, mir hunn e Rentensystem, dee mindestens fir déi nächst 25-30 Joer ofgeséichert ass. Wann ech dat vergläiche mat deenen aneren europäesche Länner ronderëm eis, da stellen ech fest, dass déi gréisstendels an deem dote Beräich mat immense Problemer ze kämpfen a mir hei also eng Situatioun hunn, déi extrem favorabel ass.

Mä déi ekonomesch Ausgangspositioun, déi mer haut hunn, déi des Regierung och huet, iwwert déi se ka verfügen, gesond Statsfinanzen, niddreg Schold, niddrege Chômage an e permanent steigenden Emploi, huet och hir Schietsäiten a Risikofelder.

Eng éischt dovunner ass de Monolithismus vun eiser Economie, de Bankesecteur. Ech wëll drop hiweisen, dass een e bëssen d'Gefill kritt huet, an deser Debatt an och am Rapport, wéi wann des Feststellung eng nei Feststellung wär. Dat ass se awer sécherlech net, well an deene leschten 10 Joer sinn ech zumindest - an och eng ganz Rei aner Spriecher - op deem Pult net midd ginn, ëmmer erëm drop hinzeweisen, dass dee Monolithismus do besteet a sech ëmmer méi verschäerft a

verfestegt, dass mer do eppes müssen ënnerhuelen. Dat Eenzezt, dat wahrscheinlech nei dorunner ass, ass, dass duerch Feira dës Problem fir eis Ekonomie erëm méi an de Virdergrond geréckelt ass vum öffentleche Bewosstsinn.

Virun allem muss ech soen, dass ech iwwerrascht war, wéi ech am Rapport an och an den Ausféierunge vu Spriecher vun der Demokratescher Partei héieren hunn, an deene leschten Deeg, wéi si mat där Fro ëmginn, wann ech weess, wat se an der Vergaangenheet ronderëm déi dote Fro alles gezielt hunn.

Den Här Krecké huet gëschter schonn de Walprogramm vun der Demokratescher Partei opgezielt, wou ganz däitlech dra steet, dass se géint eng Quellesteier ass, dass se sech mat Hänn a Féiss dogéint wiert. An deene leschte Joren huet de finanzpolitesche Spriecher vun der Demokratescher Partei an dësem Parlament méi wéi eng Kéier op dëser Tribün gesot, d'DP géif d'Bankgeheimnis „becs et ongles“ verteidigen, mat der DP wier kee Komma um Bankgeheimnis ze réckelen. Ech stelle fest: An deem doten Domän ass d'Demokratesch Partei ganz schnell vun der Realitéit ageholl ginn, a si huet misse vill, vill Waasser an hire sauere Wäin vu virdu schëdden.

Fir déi Gréng kann ech nëmme soen: Mir brauchen an deem doten Dossier eis Virgehensweis an eis Aussoen net ze revidéieren, well mir haten ëmmer eng aner Positioun. Mir brauchen och dofir par rapport zu deene leschte Legislaturperioden net vill Waasser an eise Wäin ze schëdden, fir kënnen d'accord ze si mat der Approche, déi dës Regierung am Moment huet, mat deem, wat se erreecht huet op deene leschte Sommeten.

Mir hunn als Gréng zwar nach ëmmer eng kritesch Haltung zum Bankgeheimnis, virun allem wann et ëm Fraude an Évasion fiscale geet, well mer der Meenung sinn, dass dat eigentlech aus moraleschen an ethesche Grënn net vertriebbar ass.

Ech muss och soen, dass et esou ass, dass souguer de Stats- a Finanzminister an deene leschte Joren déi Positioun ageholl huet. Dat heescht, an deene leschte Joren hunn ech méi wéi eng Kéier op dëser Tribün héieren, wéi e vun der Demokratescher Partei schaarf attackéiert ginn ass, well en an där viregter Regierung déi dote Meenung vertratt huet. Et stellt een awer elo fest, dass et effektiv méi einfach ass, an deem doten Dossier haart ze schwätzen, wéi eppes ze erreechen, wat och Sënn an Zweck mécht.

Op alle Fall ass et esou, dass mir der Meenung sinn, dass déi Approche, wéi se elo ageschloe ginn ass, richtig ass, dass een a Richtung muss goen, fir eischens eis Finanzplaz ëmmer méi ofzeséchere mat Qualitéitsproduiten an zweetens dann an enger géuerdener Form, mat där néideger Transitiounsphas, an d'Richtung ze goen, fir bei deenen doten zwee Punkten d'Bankgeheimnis jiddefalls net méi spillen ze loossen.

Mir hunn awer och genau ëmmer esou als Gréng gesot - an et freet mech, dass d'Regierung doru festhält -, dass fir eis d'Fro vun der Kapitalbesteuerung nëmme een Element ass an där ganzer Diskussioun an Europa, dass d'Fro vun der Betrëbsbesteuerung mindestens esou wichteg ass. Dofir si mir der Meenung, dass, wann an Europa iwwert d'Steieren diskutéiert gëtt an eng Kéier sollt e gesamte Package verofschied ginn, och méi e verbindleche Code de conduite par rapport zu der Betrëbsbesteuerung muss festgehal ginn, well den Dumping, dee mer riskéieren an Europa, an d'Geforen, déi domadder verbounne sinn, wann d'Spiral vun de Betrëbssteieren no ënnen dréit, ass mindestens esou geféierlech, wann net nach méi, wéi déi op deem anere Gebitt vun der Kapitalbesteuerung.

Dofir si mir der Iwwerzeegung, dass een op alle Fall an där doten Hinsicht muss dofir suergen, dass an Europa an deenen nächste Joren och verbindleche Minima festgeluegt ginn.

Mir hunn als Gréng och am Kontext vun der Ofsécherung vun der Finanzplaz Lëtzebuerg ëmmer alles ënnerstëtzt, wat vun Initiativen, och vun där viregter Regierung, komm ass, fir d'Finanzplaz, wat hir Produktpalette ubelaangt, ze diversifiéieren, se méi op Qualitéit auserüchten.

Ech hu gesot, wéi mer hei iwwert d'Pensiounsfongen diskutéiert hunn, dass Lëtzebuerg eigentlech gutt outilléiert war an et Lëtzebuerg och gutt zu Gesiicht géif stoen, wann et e Créneau géif besetzen, dee mat Sécherheet an deenen nächste Joren a Jorzéngte wäert weider un Importenz gewannen, nämlech dee vum ethesche Banking, virun allem awer dee vun den etheschen Investitiounsfongen.

Lëtzebuerg ass an Europa d'Finanzplaz Nummer 1, wat d'Fonds d'investissement ubelaangt. Lëtzebuerg ass eng vun deene gréisste Finanzplazen op der Welt, wat d'Fonds d'investissement ubelaangt. Lëtzebuerg huet en enormen Know-how do entwéckelt a kéint mat senger wierklech staarker Positioun op deem dote Gebitt eppes ënnerhuelen a Virreider ginn. Dat géif sécherlech och dozou bäidroen, fir den Image vun der Finanzplaz staark ze verbesseren.

Ech hat deemools eng Rei Propositione gemaach, wéi mer iwwert d'Gesetz vun de Pensiounsfongen diskutéiert hunn, an ech hat och verlaangt, dass déi deemoleg Regierung sech sollt genauestens verschidde Législatiounen ukucken am Ausland, déi an der Zwëschenzäit geholl gi sinn an deem dote Bësch. Ech denken do virun allem un d'Législatiounen an Holland an an England. Haaptsächlech déi angelsächsesch Länner hu vill nei Gesetzter gestëmmt an deene leschte Joren. Mä och souguer d'Schwäiz huet eng Rei Initiative geholl, an ech mengen, Lëtzebuerg soll sech dat alles ukucken a versichen, mat deem Know-how, deen

d'Finanzplaz Lëtzebuerg huet, dee Secteur ze entwéckelen.

Fir deem nach eng Kéier Nodrock ze ginn an och opzeweisen, dass et eigentlech nach ganz vill aner interessant Piste gëtt fir eis Finanzplaz, hunn ech eng Motioun ausgeschafft, déi ech heimat wëllt déposieren.

Motion 4

La Chambre des Députés

- considérant que dans le cadre d'une orientation de l'économie vers un développement durable, il est clair que la responsabilité des secteurs financiers doit être prise en compte;

- considérant que les décideurs financiers influencent fortement les investissements industriels et infrastructurels, soit par la facilité et les taux accordés lors de l'accord de prêts, soit par des prises de participations dans différents secteurs industriels;

- estimant qu'il est important de défier cette énorme responsabilité du secteur financier pour l'avenir de la planète et de l'humanité;

- considérant que surtout dans les pays anglo-saxons des „fonds d'investissement éthique“ excluent un certain nombre d'investissements (les industries de l'armement, de la chimie à base de chlore, l'énergie nucléaire...) ou focalisent sur des investissements „positifs“ (énergie solaire, investissements dans la médecine de base, infrastructures ferroviaires...);

- constatant que la majeure partie des fonds d'investissement éthique européens sont des fonds d'investissement de droit luxembourgeois;

- considérant le rôle éminent de la place financière luxembourgeoise dans le contexte des fonds d'investissement;

- constatant que le Gouvernement néerlandais a créé en 1998 une législation qui accorde des avantages fiscaux aux investisseurs qui acquièrent des parts de fonds d'investissement éthique, permettant ainsi à l'investissement éthique néerlandais de prendre un certain essor;

invite le Gouvernement

- à analyser la possibilité de créer des instruments et des législations financières qui permettraient de créer un „environnement favorable“ pour faire de la place financière luxembourgeoise un des centres financiers privilégiés pour gérer des fonds d'investissement éthique.

(s.) François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.

Deen zweete Punkt, deen negativ kéint oder wäert zu Buch schloen, wann näischt geschitt an deenen nächste Joren, wa keen Ëmdenke geschitt, ass déi

eigentlech Dynamik, déi hannert deem Wuesstum steet, déi Lëtzebuerg an de Lëtzebuerger Stat kennen.

Ech hu virdu gesot, dass mer eng Wirtschaftsdynamik hunn, déi eigentlech bal phenomenal ass, déi wäit iwwert der Moyenne läit vun der Europäescher Unioun, wäit iwwert der Moyenne läit vun aneren europäesche Länner, déi souguer wäit iwwert der Moyenne vu villen, villen anere Staten an der Welt läit. Dës Wirtschaftsdynamik huet zwar engersäits eng Rei Virdeeler, mä si huet sécherlech anerersäits och eng ganz Rei negativ Konsequenze fir d'Entwécklung vun eisem Land, fir d'Liewensqualitéit an deem Land, mä wann näischt gemaach gëtt, fir déi Spiral a gëuerdnet Bannen ze leeden, da kann dat eng Kéier kontraproduktiv ginn, an och eenzel Elementer, déi Konsequenze si vun där Dynamik, kënnen dozou féieren, dass déi Dynamik wäert ganz rapid gebremst ginn.

Negativ Konsequenze kënnen eng Awunnerzuel si vu 500.000-700.000 oder souguer méi Awunner. De Statec huet jo dräi Szenarie beschriwwen, déi méiglech sinn.

En Aarbechtsplazvolumen tëscht 500.000 a 700.000 Leit, reng op eisem Territoire: Ech wëll widderhuelen, dass eis Fraktioun kee Problem domadder huet, dass mir eis duerchweeës kéinte virstellen, dass am Kontext vun der Groussregioun den Aarbechtsplazvolumen nach massiv opgestockt gëtt.

Eng dramatesch Verkéiersentwécklung, déi domat verbonnen ass: Ech mengen, dat, wat mer an deene leschte Méint erlieft hunn, wou jo souguer vu Ponts et Chaussées sech d'Hiobsbotschaften iwwerschloen, Saache sech confirméieren, déi mir an deene leschte Joren oft hei gesot hunn, wou mir souguer als Gréng iwwerrascht sinn, dass se eigentlech nach vill méi rapid evoluéieren, wéi mer eis dat virgestallt hunn.

Et muss ee soen, dass, wann näischt geschitt an déi dramatesch Entwécklung do virugeet, wa mer weider bei deene falschen Décisiounen bleiwen, déi d'CSV/DP-Regierung an deem dote Beräich wëllt huelen, sougutt um Niveau vun der Landesplanung wéi vun der Verkéiersplanung, wou sech kaum eng Léisung ofzeechent, da wäert dat zur Konsequenz hunn, datt d'Liewensqualitéit hei am Land massiv wäert erofgoen. Dat wäert dozou féieren, dass de Landverbrauch, mat all senge Konsequenzen, enorm wäert zouhuelen, an da wäerte mer iergendwann eng Kéier op de Punkt kommen, wou den Attrait vum Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg wäert staark biergof goen.

Ech weess, dass haut schonn zum Beispill am Bankesektor gewässeremoosse Recrutementsschwieregkeete bestinn an der Groussregioun. Dat huet sécherlech domat ze dinn, dass an der Groussregioun, dat heescht am Saarland, a Lothringen an an der belscher Provënz Lëtzebuerg de Chômage erofgeet, och do d'Konjunktur sech verbessert an dofir d'Leit eischer d'Tendenz hunn, fir net méi op Lëtzebuerg ze

kommen, well se an deene Regiounen erëm méi Aarbechtsplaze fanne wéi virdrun.

Mä et huet awer och domat ze dinn, dass et an der Tëschenzäit ëmmer méi Leit aus deene Regiounen gëtt, déi sech soen: Och wann ech zu Lëtzebuerg 20.000, 30.000 oder souguer 40.000 Frang méi verdéngen, ech hunn es genuch, fir all Dag op Lëtzebuerg ze fueren, mat all deene Konsequenzen, déi dat huet. Dat kascht ënnert dem Stréch souwisou deier, soudass beim Ënnerscheid an och, wat dat mech un Nerve kascht, ech besser hunn, dann awer eng Aarbechtsplaz an där Regioun ze sichen, wou ech wunnen. Dat heescht am Kloertext, dass wierklech déi dote Fro zu engem gréissere Problem gëtt an deenen nächste Joren, wann net aner Prioritéite gesat ginn.

De Rapporteur seet, dass eng éischt Prioritéit misst déi sinn, dass mer an Zukunft eng „diversification économique dans un sens écologique“ hei zu Lëtzebuerg kréien, an e mécht gewässeremoossen a sengem Rapport, wéi wann dat eng immens nei Feststellung wier, an et ass och dat, wat ech him reprochéieren.

Ech wëll soen, dass et sécherlech keng nei Feststellung ass. Ech wäert och nach dorop zrëckkommen. Mä virun allem wëll ech awer zitieren, wat d'OECD elo kierzlech an engem Bericht geschriwwen huet, wou se wierklech eng schaarf Kritik mécht par rapport zu Lëtzebuerg an deem dote Beräich a feststellt, dass „avec peu d'exceptions, les préoccupations environnementales n'ont pas encore été pleinement intégrées dans les politiques sectorielles. Dans l'ensemble, le Luxembourg met surtout l'accent sur le développement économique et social, la protection de l'agriculture, le développement des transports par route et la croissance de la consommation des ménages“.

Ech muss soen, déi Kritik ass ganz berechtigt, an et ass dat och keng nei Feststellung. Eng ganz Rei Rapporturen hunn déi Feststellung déi lescht Jore scho gemaach. Ech hätt mer erwaart, dass an deem Budget an an deem Budgetsrapport de Rapporteur net nëmmen déi Kritik nach eng Kéier widderhëlt a mécht, wéi wann dat eppes Neies wär, mä dass e konkret Propose gemaach oder opgewisen hätt, wou am Budget 2001, wat deen zweeten ass vun der CSV-DP-Regierung, eppes géif änneren.

Op alle Fall ass et fir eis sécher - an ech wäert dat nach beleen herno -, datt, wat deen do Défi ubelaangt, sech an deem Budget näischt ännert, datt keng konkret Akzenter gesat ginn, fir eng aner Politikrichtung ze kréien.

Ech fannen dat ëmsou méi bedauerlech, well schonn déi Rapporture virdrun, an deene leschte Joren, eng ganz Rei Saachen zu deem Sujet gesot hunn. Schon 1991 hat den deemolege Rapporteur vum Budget fir d'Joer 1992 beim IFO-Institut eng Analys vum Budgets-état maache gelooss iwwert den Impact écologique

vun deenen eenzelne Ressorten am Statsbudget. Do ware ganz interessant Feststellungen gemaach ginn.

Dat heescht, et ka keng Partei an deem Haus, och net d'Demokratesch Partei, behaupten, och wa se elo eréischt knapps zwee Joer an der Regierung ass, si hätt dat elo eréischt erausfonnt, wéi se an d'Regierung komm ass. Ech mengen, et leie genuch Donnéeën um Dësch vun deene leschten 10 Joer, déi hätte misse maachen, datt d'Demokratesch Partei, déi jo ugetratt ass mat engem héijen Usproch, dofir gesuergt hätt, datt e Politikwiessel komm wär an deem dote Beräich, datt eng ganz Rei aner Décisiounen geholl gi wären. Mä, au contraire: Ech wäert herno beweisen, datt souguer den Antrëtt an d'Regierung vun der Demokratescher Partei nach dozou bägedroen huet, datt op enger Rei Gebidder verschidden Initiativen, déi nach vun der aler Regierung geholl gi sinn a mir positiv fonnt hunn, nach gebremst gi sinn.

D'Etüd vum IFO-Institut senger Analys vum Budget huet datselwecht Schicksal erlidden, dat wahrscheinlech och déi vill Etüde wäerten erliden, déi dës Regierung an Optrag ginn huet. D'Koalitionsofkommes ass jo en eenzeg Appel un Etüden, an och erëm eng Kéier am Kader vun deem Budget gëtt haaptsächlech vun Etüde geschwat, déi musse gemaach ginn. All déi Etüde wäerten, wéi gesot, gréisstendeels datselwecht Schicksal erleide wéi dem IFO-Institut seng; si wäerten an deem berühmte ronnen Dossier oder an deem berühmten Tirang verschwannen, an net vill dovunner wäert herno konkret ëmgesat ginn.

Ier ech op den Développement durable méi am Detail ze schwätze kommen, wëll ech fir d'éischt zu deem Punkt kommen, wat eigentlech deen eenzege groussen Novum ass am Budget 2001, nämlech déi sougenannt Steuerreduktiounen fir d'Haushalter, déi virgesi si fir 2001.

Duerch déi Steuerreduktiounen kréie mer en Déchet fiscal fir 2001 vu ronn 210 Milliounen Euro. Déi wichtegst Elementer dovunner sinn, datt den Agangssteuersaz, deen haut 6% ass, op Null erof geet an eréischt bei 390.000 Frang usetzt, an do gëtt en da 14%, datt et mat Tranché vun 69.000 Frang an d'Luucht geet, 2% pro Tranche, datt de Maximalsteuersaz vu 46 op 42% erof gesat gëtt.

Wat hei 2001 gemaach gëtt, ass, eiser Meinung no, eng onselektiv Ëmverdeelung vum gesellschaftlechen Iwwerfluss, deen de Stat hei zum Deel géréiert, sougutt am soziale wéi och am ekologesche Beräich. Et ass eenzeg an eleng dat, wat dobäi erauskënnt, wat de Rapporteur och eigentlech gutt beschreift, nämlech eng Stimulatioun vun der Consommatioun.

Gëschter ass hei vill polemiséiert gi ronderëm eenzel Propositionen vun der LSAP am soziale Beräich, déi mir perséinlech vill méi sympathesch si wéi déi Richtung, andéi dës Regierung wëllt goen. Et ass gesot ginn, d'LSAP géif sech d'Saach einfach maachen, si géif mat

hire ville Proposen am soziale Beräich einfach wëllen d'Consommation stimuléieren, d'Sue massiv ausginn.

Ech wëll lech soen, Dir Dammen an Dir Hären vun der CSV an der DP: Dat, wat Dir hei maacht, ass awer nu wierklech weider näischt gemaach wéi déi Suen, déi do sinn, mat der Strenz verdeelt, ouni iergendee Lenkungseffekt, fir datt se an d'Consommation herno wäerte goen. Heimat wäert Der mat Sécherheet awer net dee geréngste Lenkungseffekt erzilen an eiser Gesellschaft, fir datt dee Consummationsmodell, mat deem mer befaasst sinn, dee jo vill mat deem éischten Défi ze dinn huet, iwwerduecht gëtt.

Donieft ass et och esou, dass dës Steierreduktiounen - Reforme sinn et jo net - sozial zimlech ongerecht sinn, well déijéineg, déi vill verdéngen, verdéngen zweemol, respektiv à la limite souguer dräimol, wa se ganz gescheit sinn. Se verdéngen eemol, well de Spëtze-steiersaz massiv erof gesat gëtt, se verdéngen eng zweete Kéier, well queesch duerch d'Tabellen natierlech d'Progressioun méi niddreg gëtt, de Steierdrock manner staark gëtt, a se kënnen, wa se schlau sinn, nach eng drëtte Kéier profitéieren, well um Niveau vun de Steierabattements geschitt jo an dëser Phas nach guer näischt.

Ech behaupten och, datt fir 2002 - obschonn d'Regierung gesot huet, si wëllt dee ganzen Abattementsdschungel duerchforsten a verschidde Saachen ofschafen - nach net ganz vill wäert geschéien, d'autant plus wou ech d'Confirmation kritt hunn, datt déi weider Erofsetzung um Spëtze-steiersaz 2002 op 38 % iwwerhaupt net gekoppelt gëtt un d'Duerchforstung an un d'Ofschafe vu verschiddenen Ofschreiwungsméiglechkeeten, soudatt et do...

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget. - Wéi eng Abattements solle mer dann ofschafen, Ärer Meenung no?

M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - Majo, zum Beispill, Här Minister, fannen ech, datt et net normal ass, datt een eng Liewensversécherung, déi ee fir méi wéi 10 Joer festsetzt - wat eigentlech näischt anescht méi ass wéi e Spuerbuch -, nach weider ka vun de Steieren ofsetzen. Déijéineg, déi dat maachen, profitéiere jo souwisou scho vun der Entwécklung vun de Finanzmäert, vun de Produkter, an déi se investéieren.

Mir fannen dat net normal, well dat hei si jo gréissten-deels Leit, déi ganz héich Revenuen hunn, déi sech esou eppes kënnen leeschten. Bei sou Leit geet de Stat och nach hin a finanzéiert quasi en Drëttel dovunner, doduerch datt en hinnen d'Steieren do iwwerléisst. Dat ass ee Beispill, mä et fënnt een der sécher nach eng ganz Partie méi, wou mir der Meenung sinn, datt ee muss eppes maachen.

Dofir, wéi gesot, wäert et esou sinn, datt déi Leit, déi ganz, ganz héich Revenuen hunn, zwee- an, wa se schlau sinn, souguer dräimol profitéieren. Dat ännert

och net, wann een - wéi den Här Gibéryen dat, menger Meenung no, souguer richtig gëschter opgewisen huet -, wéi de Finanzminister et och gemaach huet am Kader vun der Presentatioun vun der Steierreform, amplaz Geldzuele Prozenter an de Virdergrond setzt an domat d'Leit wëllt ierféieren, haaptsächlech deene Leit mat klenger Revenue wëllt ze verstoe ginn, datt si eigentlech d'Gewënner wäere bei dëser ominöser Steierreduktioun.

Mir fannen dat wierklech schued, d'autant plus well bei deem doten Aspekt, dee sozial ongerechten, wéi ech gesot hunn, och nach iwwerhaupt kee Lenkungsaspekt dra kënnt, fir eise Consummationsmodus ze änneren. Ech denken do natierlech haaptsächlech un deen ekologesche Volet. Ech wëll awer op déi Komponent net agoen, well ech dat en Donneschdeg de Mëtteg am Kader vu menger Interpellation wäert maachen.

Mir sinn awer der Iwwerzeegung, dass schonn dës Joer bei de Steierreduktiounen fir d'Ménagen - mir sinn och net der Meenung, et hätt näischt solle gemaach ginn, datt mer eis do richtig verstinn! - hätte missen Elementer virgeluegt ginn och vun ekologescher Steierreform. Och do soll kee mer soen, et wär net Zäit genuch gewiescht an et léigen net genuch Donnéeën um Dësch.

Ech wëll nëmmen op déi rezentst Donnéeë verweisen, nämlech déi Aarbecht, déi de Mouvement écologique maache gelooss huet vun engem auslänneschen Institut, vum Wuppertal Institut, virun e puer Joer. Do huet de Mouvement écologique jo eigentlech d'Aarbecht vun der Exekutiv gemaach, well déi Etüd, déi do um Dësch läit, ass jo eigentlech eng Aarbecht, déi d'Exekutiv hätt misse maache vu sech aus, wa se dovun iwwerzeegt ass, datt dat richtig ass. Et soll dofir kee soen, et léige keng Donnéeën um Dësch. Och dës Regierung hätt scho kënnen zumindest opweisen, wat se wëllt maachen. Ech hunn éischter de Verdacht, datt sech bis de Summer glat a guer keng Gedanke gemaach gi sinn iwwert deen dote Sujet an, ausser enger Ukënnegung an der Regierungskoalition, wierklech d'Iwwerleeungen nach net ganz wäit gaange sinn.

Da kommen ech zu engem Punkt, dee fir eis grad sou wichteg ass, wou mer fannen, datt an deem heite Kontext och zumindest hätt misse prezis ugekënnegt ginn, wat dës Regierung wëlls huet, nämlech den Aspekt vun der Neutralitéit vun eisem Steiersystem par rapport zum État civil. Ech wëll dofir - well ech dat deemools ganz gutt fonnt hunn, wat eng Partei gesot huet, wou ech och haut nach ëmmer der Meenung sinn, datt dat richtig ass - e Steierdokument zitéiere vum Mee 1997 vun der Demokratescher Partei, déi zu de Steieren deemools Folgendes zum Beschte ginn huet:

„Face aux défis économiques qui l'attendent en cette fin de siècle, face à la menace d'asphyxie à moyen terme de l'État providence, le pays a réellement besoin d'une réforme profonde de l'ensemble de la fiscalité qui permette de retrouver les objectifs fondamentaux et qui en fasse un instrument moderne et motivant pour le renouveau du pays. Le parti démocratique se rend parfaitement compte qu'une telle réforme ne s'improvise pas du jour au lendemain.“

Wann ech da bedenken, datt de Fraktiounspräsident vun der DP nach am Juli dëst Joer iwwerhaupt net wosst, datt déi massiv Steuerreduktiounen hei sollten ugekënnegt ginn,...

(Interruption)

...da gëtt fir eis daitlech, datt dës Steuerreduktiounen zwar keng Réforme profonde sinn, wéi d'DP se verlaangt huet 1997, mä awer dofir sécherlech du jour au lendemain décidéiert gi sinn. Ech muss och soen: Et ass fir mech net verwonnerlech, datt d'Demokratesch Partei an hire Fraktiounspräsident näischt wosste vun där Steuerreform. Et ass och fir mech net verwonnerlech, datt vun hirem Steierdokument, dat se 1997 presentéiert hunn, net dee geréngsten Impuls komm ass bei dëse Steuerreduktiounen, och näischt méi konnt duerchgesat oder gebremst ginn, well dat do ass en Domän, deen ënnert der Kontroll vun der CSV ass, an dat schonn zënter iwwer 40 Joer, mat enger Ausnahm, vun 1974 bis 1979.

(Interruption)

Et ass net fir näischt, datt d'CSV sech deen doten Domän net sou séier aus de Fangere rappe léisst, well et ass ee vun deene wichtegste vun eiser Gesellschaft. Iwwert deen Domän kann ee vill an der Gesellschaft gestalten, mä et kann een awer och vill an der Gesellschaft esou ënner Kontroll behalen, wéi et engem senger Ideologie entsprécht. Op alle Fall gëtt et do e Punkt, dee liberaalt Gedankegut éischter erëmispigelt, deen och als ee vun den Hauptpunkten 1997 vun der DP hei stigmatiséiert ginn ass, an deen huet hei awer keen Nidderschlag fonnt. Op deem Punkt wäert d'CSV näischt zouloossen, an dat ass, wéi gesot, d'Kritik, déi d'DP deemools gemaach hat par rapport zum Système fiscal, well en net neutre ass par rapport zum État civil.

Ech wëll nach eng Kéier zitieren, wat d'DP deemools geschriwwen huet, well et richteg ass, mä och well et sech haut nach eng Kéier besser liest wéi deemools, well domat moosst ee jo den Usproch, deen dës Partei huet par rapport zu deem, wat se virdru gesot huet, wa se géif an d'Regierung kommen. D'DP huet deemools an hirem Steierdokument geschriwwen:

„Le régime fiscal actuel ne correspond plus aux réalités sociologiques et démographiques. En effet, les modes de vie ont changé. Bon nombre de femmes travaillent et les formes de cohabitation ont changé. Or, le

système fiscal actuel ne tient pas compte de cette évolution. Au contraire, il cherche à mener une politique conservatrice dans le sens où il pénalise par le biais de la fiscalité toute forme de cohabitation en dehors du mariage traditionnel. Cependant le DP est d'avis qu'une société moderne a aussi besoin d'un système fiscal moderne, motivateur, innovateur et bénéfique à l'évolution socio-économique.“

Wonnerbar beschriwwen, muss ech soen, an ech huelen un, dass dat do sécherlech e wichtige Bestandteil war vun där Moderniséierung, déi vun der DP préconiséiert ginn ass am Walkampf, firwat datt si der Meenung war, datt si onbedéngt misst un de Pouvoir kommen, well de Stat op ville Punkten - an de Steiersystem ass jo awer wichtig - misst moderniséiert ginn.

Mir, déi Gréng, fir eisen Deel, deelen dës Kritik och nach haut, dat heescht mir bleiwe bei eiser Meenung! Mir hunn dat deemools richteg fonnt, mir fannen dat och nach ëmmer haut richteg. Am Géigesaz zu der DP menge mir och haut nach, datt eng Reform vun eise Systemen fiscal an d'Richtung vun der Neutralitéit par rapport zur gewielten Form vum Zesummeliewe misst goen. Dat heescht, mir bräichten eigentlech och an deem dote Beräich eng verdéifte Reform.

Mä hei geet et natierlech un den ideologesche Fong vun der CSV! Hei geet een dorunner rëselen, wann een do eppes wëll änneren. Dofir ass et kloer, datt d'CSV, déi aner Moralvirstellungen huet an der Meenung ass, datt d'Steierprivilegie weider deene musse virbehale bleiwen, déi no chrëscht-kathoulescher Moralvirstellung zesummeliewen, net bereet ass, dëse Steiersystem esou ze änneren, datt en effektiv deenen neie Forme vun Zesummeliewe Rechnung dréit.

Elo kann een natierlech soen: D'CSV ass parfaitement an hirem Rôle, dat steet an hire Programmer, dat ass dat, wat se zënter 50 Joer vertritt. Doriwwer kann d'CSV sech éischter freeën a brauch sech net vill Gedanken ze maachen, mä d'Demokratesch Partei, déi mat groussen Uspréchen ugetratt ass, misst sech do awer eng Rei Gedanken maachen iwwert dat, wat se konkret erreecht huet an dësem Domän. Ech hunn hei ganz kloer de Verdacht, wéi gesot, datt d'CSV do der DP souwisou alles octroyéiert an net dee geréngste Spillraum gelooss huet.

(Interruptions)

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Wa mer et elo net maachen, maache mer et déi nächste Kéier!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Se hu se net gefrot!

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här Rippinger, ech si frou iwwer Ären Tëscheruff, well ech wollt elo just hei e Blat erauszéie mat enger Motioun, wou all Är Fuerderunge vun der Steuerreform vun 1997 dran enthale sinn. Dat ass jo elo eng Opfuerderung, fir dat an Zukunft ze maachen. Da ginn ech dovun aus, datt

Der kee Problem wäert hunn, fir dës Motioun matzedroen!

Motion 5

La Chambre des Députés

- *considérant que le Gouvernement va procéder en 2001 et 2002 à des réductions d'impôts au profit des ménages;*

- *considérant que ces baisses d'impôts ne comportent aucun élément réformateur et ne reflètent donc pas les changements intervenus dans la société luxembourgeoise;*

- *considérant que notre fiscalité n'est pas neutre face à l'état civil des contribuables en ce sens que les individus formant un ménage fiscal sont privilégiés;*

- *considérant que ce manque de neutralité ne reflète pas les multiples formes de cohabitation entre individus;*

- *considérant que seule l'imposition individuelle permettra de remédier à cette injustice;*

- *considérant que la notion de ménage au sens fiscal doit être redéfinie;*

invite le Gouvernement

- *à redéfinir le sens fiscal du terme ménage en créant la base légale du contrat d'union civile;*

- *à opérer les changements nécessaires à rendre notre fiscalité neutre par rapport à l'état civil des contribuables.*

(s.) *François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.*

Une voix.- Ah, très bien!

(Interruptions)

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Ech hu gesot, déi nächst Legislatur, ech hunn net gesot dës.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Fir lech ass dës gesamt Legislaturperiod natierlech eng eenzeg Transitionphas, ginn ech dovun aus, wann ech lech heiansdo héiere schwätzen!

Mir sinn als Gréng der Meenung, dass dëst keng déifgräifend Reform ass, mä nëmme Steierreduktiounen sinn, well éischtens en transparenten an domadder demokratesche Steiersystem - wéi d'DP en iwwregens och an hirem Pabeier 1997 verlaangt huet - net geschafe gëtt, well zweetens par rapport zur familiärer Situatioun de Steiersystem weiderhin net neutral ass a bleift - d'Familljepolitik soll, eiser Meenung no, souwisou insgesamt iwwer Sozialtransferte gemaach ginn, wa méiglech net iwwert de Steiersystem - a well drëttens iwwerhaupt keng ekologesch Komponent virgeluegt ginn ass vun dëser Regierung. Ech kommen en Donneschdeg nach méi am Detail dorop ze schwätzen.

Déi elo ageleete Steierreduktiounen droen, eiser Meenung no, eenzeg an eleng d'Handschrëft vum Chef a vu senger Partei, der CSV. D'DP huet och an deem dote Beräich näischt géint déi iwwermächtig CSV beweegt. Déi Gréng kënnen dofir och déi ageleete Steierreduktiounen fir 2001 net matdroen. Mir wäerten och e Vote par division verlaangen an eis enthale bei deem Vote.

Mir soe ganz däitlech: Mir wëssen zwar, datt vill Leit frou sinn, wann et vum 1. Januar u kuerzfristeg am Portmonni rabbelt, mä mir wëllen dovir warnen, well dat à la longue oder mëttelfristeg aner gesellschaftspolitesch Konsequenze kann hunn, wann dat nëmme esou duerchgefouert gëtt, wat se nach eng Kéier wäerten deier mussen zréckbezuelen.

Mir kënnen dës Steierreform net madroen, well se éischtens net sozial gerecht gestalt ass, mir kënnen se zweetens net matdroen, well keng verdëften Elementer dran enthale sinn, mir kënnen se drëttens net matdroen, well keng ekologesch Komponent dran ass, a mir kënnen se véiertens net matdroen, well hei de Spëtzesteiersaz an zwou Etappen - déi éischt d'nächst Joer an déi zweet, ouni iergendeng Konditioun, d'iwwernächst Joer - ouni déi geréngsten Debatt erof gesat gëtt, ab 2002, op 38 %.

Mir sinn der Meenung, datt dat, kombinéiert mat där zimlech drastescher Senkung vun der Gesamtbesteuerung vun de Betriber op 30 % - wann een net aner Mechanismen derbäi diskutéiert -, zu riseg Problemer ka féiere fir de Lëtzebuerger Stat, well, au contraire wahrscheinlech zu de Majoritéitsparteien, mir ebe laangfristeg denken, net nëmme kuerzfristeg. Wann et eng Kéier esou wäit kënnt, datt mer net méi vu Wuesstumsraten tëschen 5 a 7 % profitéieren, mä erëm eng Kéier zréckfalen an Zäiten, déi nach net sou laang hier sinn, nämlech ufanks den 80er Joren, wou de Wuesstum ënner 5 % gefall war, da kann de Stat ganz, ganz rapid a Finanzéierungsschwieregkeete kommen, wa mer sou llichtfankeg wéi dat dote Milliarde verdeelen, ouni datt eng verdëfte Gesamtreform gemaach gëtt.

An da wäerten alleguer déi Leit - an dat soe mir als Gréng och ganz däitlech -, virun allem Privatpersounen, déi sech haut vläicht drüwer freeën, datt se dovu profitéieren, domm aus der Wäsch kucken. Et wäert jo awer kee mengen, datt, wann de Stat eng Kéier Finanzéierungsschwieregkeete kennt, dann de Spëtzesteiersaz oder d'Betriebsbesteuerung als éischt erop gesat ginn. Neen, da wäert als éischt dru geduecht ginn, fir de Sozialstat ze entschlaken, wéi d'DP et schonn eng Kéier verlaangt huet, an dat wäert ganz kloer op Käschte goen net vun deenen, déi gutt an eisem Stat dru sinn,...

(Interruption)

Bei deene vun der Regierung geplangte Steierreduktiounen, Dir Dammen an Dir Hären, ass de liberalen

Tiger am Tank zur braver Kätzchen am Kierfche mutéiert. Et leie Welten tëschent de liberalen Uspréich vun der Oppositionspartei DP an der CSV-Handschréft am Beräich vun der Regierungskoalitioun. Ech si gespaant, ob d'DP zumindest nach de Courage huet, fir déi Motioun, déi ech eraginn hunn, herno matzestëmmen, déi wéinegstens eng Opfuerderung mécht, fir am Kader vun dëser Legislaturperiod an eng gewësse Richtung eppes ze maachen.

An därselwechter Logik vun der Kontinuitéit vum Statsminister senger Ried vum Abrëll huet de Budgetsrapporteur zum Budget 2001 dann och e grouss Raum a sengem Rapport gelooss fir Beschreiwunge ronderëm dee groussen Défi vum Développement durable. En huet haaptsächlech verweisen op d'Sommeter vu Rio, New York a Kyoto a gesot, Lëtzebuerg wier e grousst Engagement agaangen op deene Sommeten, fir e Wuesstumsmodell ze fördern, deen eis natierlech Ressourcë schützt, deen op d'laang Zäit ausgerichtet ass, an en definéiert, fir déi Ziler ze erreechen, sechs Punkten, op déi ech wëll agoen.

Deen éischten ass dee vun den Energies renouvelables. Mir si jo sécherlech frou, datt mer als Gréng an Zesummenaarbecht - dat muss ech éierlechkeetshalber soen - mam President vun der Ëmweltkommissioun, dee ganz vill op eiser Säit stoung - an dofir ass et och duerchgesat ginn -, ...

(Interruption)

... dat doten duerchgesat konnte kréien, mä wann awer elo fir d'27. d'DP hei zum Beschte gëtt, datt dat dat grousst Prunkstéck wär am Budget vum Développement durable, da kann ech awer nëmme grinsen. Éischtens emol muss een dann hei awer e kleng Rappel maachen iwwert d'Geschicht, wéi et iwwerhaupt dozou komm ass, datt déi Règlements grand-ducaux sou sinn, wéi se haut sinn, datt se iwwerhaupt zustane komm sinn.

Ech wëll drun erënneren, datt eng éischt Versioun vu Règlements grand-ducaux an der Conférence des Présidents gelant si virun 8, 9 Méint, wou déi do Saachen iwwerhaupt net drastoungen, déi an deenen drastinn, déi elo verabschied gi sinn.

(Interruption)

Déi Règlements grand-ducaux wäeren éischter kontraproduktiv gewiescht par rapport zu deem, wat hei ugestriift gëtt.

(Interruption)

Et war eigentlech nëmmen dank der grousser Opmierksamkeet vun der grénger Fraktioun, datt déi Règlements grand-ducaux net am Schnellverfahren d'Conférence des Présidents duerchlaf hunn. Mir hunn e Bréif geschriwwen un dëselwecht Kommissioun, wou mer verlaangt hunn, datt déi dote Reglementer missten d'urgence an d'Ëmweltkommissioun zréck verwise ginn, fir datt déi kéint en Avis driwwer ofginn.

Dat ass och du geschitt, an ech muss soen: De President vun der Ëmweltkommissioun huet sech zwar séier iwwerzeegt gelooss vun den Argumenter vun deene Gréngen, mä dat war awer nach laang net esou fir d'gesamt Majoritéit, respektiv fir d'Regierungsvertreder. Et huet misse vill an hefteg diskutéiert ginn an der Kommissioun. Et huet souguer misse souwäit kommen - wat en Novum ass an der Geschicht vum Parlamentarismus -, datt déi betreffend Commission de l'Environnement am Oste vum Land eng Pressekonferenz huet missen ofhalen, wou se hir Meenung zum Beschte ginn huet - wat fir vill Opreegung gesuergt huet an der Demokratescher Partei, laut mengen Informatiounen -, ...

(Interruptions)

... fir datt effektiv dunn endlech déi betreffend Regierungsvertreder noginn hunn, fir an déi dote Richtung matzegoen.

Et ass awer e bësschen e staarkt Stéck, wann een dat elo op eemol, après coup, ouni dat do ze erwähnen, hei presentéiert als e grouss Succès vun dëser Majoritéit. Och wa mer déi Reglementer hei hunn, dann ass dat nach laang net d'Garantie, dass dat erreecht gëtt an deem dote Beräich, wat den Här Graas hei beschreift. Mir mussen och kucken, datt mat deene Reglementer eppes ugefaange gëtt, dat heescht mer mussen an de Gemengen, um Terrain a bei deenen néidege Corps de métiers, déi hei gebraucht ginn, eng Sensibiliséierungsarbecht maachen. Wa mer also net kucken, fir déi néideg Kreditter zur Verfügung ze stellen an eng Aktioun um Terrain ze maachen, da wäerte souwisou déi Reglementer do, déi zwar gutt sinn, net ganz vill bewierken.

Mir sinn awer der Meenung, datt effektiv an deem dote Beräich, wann eng offensiv Aktioun gestart gëtt, haaptsächlech och am Beräich Diversification économique d'un point de vue écologique vill kéint geschéien. Den Här Graas huet hei eis Nopeschlänner opgezielt an haaptsächlech Däitschland zitéiert, wou d'Photovoltaik e regelrechte Boom erlieft huet. Här Graas, dat ass richtig. Ech muss lech soen: Déi routgréng Regierung an Däitschland huet awer net nëmmen einfach esou Reglementer geholl, se huet gläichzäiteg zum Beispill en 100.000-Dächer-Programm decidéiert, fir eng konkret Aktioun um Terrain ze maachen. Et ass eigentlech duerch déi ganz Aktiounen, déi ronderëm gemaach gi sinn, déi grad sou wichteg si wéi d'Décisioun vum zur-Verfügung-Stelle vu Kreditter, datt dee Boom do entstanen ass.

En zweete Punkt, deen zitéiert gëtt, ass, dass d'Efficacité énergétique vun der Energieproduktioun misst verbessert ginn. Wann ech dat kucken, wat de Moment zu Esch geschitt ronderëm déi nei grouss TGV-Zentral, déi do soll gebaut ginn, dann hätt dës Regierung a virun allem dee Minister, deen do en cause ass, besser, amplaz datt e versicht, geleeëntlech

an öffentliche Discourse Greenpeace ze kriminaliséieren, deenen hir Rotschléi ze befollegen. Well effektiv: Dat, wat Greenpeace do seet, ass e wichtege Bestanddeel, fir déi Efficacité énergétique do ze kréien am Beräich vun der Produktioun vun der Energie. Wann een hir Rotschléi géif befollegen, da géif net dat geschéien, wat eigentlech geschitt, wann et sou weider geet, an da géif d'Hëtzt do récupéréiert ginn.

Ech fannen et ëmsou méi problematesch, datt d'Regierung do nach kee Millimeter bougéiert an nach keng Initiativ geholl huet, well d'Escher Gemeng net nëmmen an hirem Koalitiounsaccord gesot huet, datt se staark drun interesséiert wär, d'Hëtzt vun deem TGV-Wierk ofzehuelen, mä datt se och scho Bréiwer geschriwwen huet, fir Entrevuen ze kréien, fir an déi do Richtung eppes beweegt ze kréien. Wann d'Demokratesch Partei dat do wëllt eescht huelen, wär se gutt beroden, dann och dofir ze suergen, datt deen zoustänneg Minister elo relativ séier handelt, ophält mam verbale Klengkrich géint Greenpeace, hinnen éischter nolauschtert an hir Rotschléi befollegt.

Fir datt dat e bëssche méi schnell geet, hunn ech och eng Motioun gemaach, déi an deem Sënn d'Regierung opfuert, eppes ze maachen.

Une voix.- Très bien!

Motion 6

La Chambre des Députés

- *considérant que le Luxembourg s'est engagé à réduire ses émissions de gaz à effet de serre de 28 % pendant la période 2002-2012 par rapport au niveau de 1990;*

- *considérant que le Gouvernement entend mettre cette stratégie en application à l'aide de 6 axes majeurs d'intervention politique;*

- *considérant que l'un des axes vise à améliorer l'efficacité énergétique dans la production d'énergie;*

- *considérant que la centrale TGV actuellement en construction à Esch/Raemerich restera contraire à cet axe d'intervention aussi longtemps que le découplage de l'énergie thermique disponible ne sera pas opéré;*
invite le Gouvernement

- *à élaborer un concept visant à découpler un maximum de la chaleur disponible à la centrale TGV;*

- *à soumettre ce concept à la Commission de l'Environnement et de l'Aménagement du Territoire de la Chambre des Députés.*

(s.) François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Da kënnt den drëtten Punkt, deen opgezielt gëtt, an dat ass d'Promotion d'appareils et techniques faibles en consommation d'énergie.

Ech hunn dat gelies a ganz interessant fonnt, mä ech muss soen, ech hu vun hinnen no vir gesicht, fir ze fannen, wat den Här Graas da géif do proposéieren. Kee Saz! Dat steet do beschriwwen, a kee Saz hannendrun, a wat fir eng Richtung d'Regierung wëllt goen, fir do Saachen ze maachen. Och do gëtt et Beispiller.

Ech muss lech soen, Här Graas: Dir hätt solle bei mäi Kolleg Camille Gira goen an d'Gemeng Biekerech. Deen huet op Gemengenniveau scho laang Initiative geholl an deem dote Beräich. Dir hätt lech vläicht kennen e bësschen informéieren,...

(Interruptions)

...dann hätt Der zumindest ee Beispill kennen an Äre Rapport schreiwen.

Une voix.- Bettborn!

Une autre voix.- Am Präizerdall, et ass um Wee fir op Biekerech.

(Interruptions)

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, wann dat alles esou ass, wéi den Här Graas seet,...

M. Gusty Graas (DP), rapporteur.- Här Bausch, dann hätt de Rapport 200 Säite gehat. Dann hätt Der nach manner dra gelies!

(Hilarité)

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- ...da verstinn ech net, firwat datt ech am Rapport näischt erëmfonnt hunn.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Dir beschäftegt lech awer zimlech vill mat deem Rapport, deen näischt daagt!

(Interruptions)

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här Rippinger, ech hunn d'Gewunnecht, au contraire vläicht zu villen anere Leit heibannen, fir d'Rapporen ze liesen, an ech setze mech domat ausenaner.

Une voix.- Dat ass eng gutt Iddi!

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Dat ännert awer näischt drun, datt ausser Platitüden net vill dra steet! An ech befaasse mech hei sou intensiv domat, fir eben dat ze beleen.

(Interruptions)

E véierte Punkt, deen dra steet a ganz wichteg ass, ass dee vun der Ecofiscalitéit. Do sinn zimlech widder-spréchelech Aussoe vum Rapporteur gemaach ginn, zumindest par rapport zu sengem eegene Minister, well de Rapporteur seet hei, ouni dat mussen am Detail ze erklären, wéini, ënner wat fir enge Konditiounen a mat wat fir enge Moyene se wëllen déi Ecofiscalitéit maachen. E beschreift dat och erëm eng Kéier ganz vague, mä zumindest eng konkret Ausso ass dran, an zwar seet en, datt d'Recettë vun der

Ecofiscalitéit op kee Fall solle benotzt ginn, fir Sozialpolitik ze maachen, mä fir d'ökologesch Reconversion ze garantéieren.

M. Gusty Graas (DP), rapporteur.- Sidd Dir dann anerer Meinung?

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Neen, ech sinn net anerer Meinung, mä den Här Goerens, Här Graas, an den Här Goerens muss jo awer sécher wëssen, vu wat e schwätzt, well hien ass den zoustännegen Minister an deem Beräich.

Den Här Goerens huet de 25. Oktober am „Trierischer Volksfreund“ en Interview gi mam Titel „Ökosteuer für die Pflegeversicherung. Goerens kann sich die Erlöse aus einer Ökosteuer für die Pflegeversicherung vorstellen“.

Une voix.- Vorstellen!

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- An da gëtt hei beschriwwen, datt den Här Goerens der Meinung ass, datt e gudden Deel vun deene Recettë sollen an d'Fleegeversicherung an a sozial Zwecker goen. Do schéngt entweder d'Ofsprooch tëschent dem Rapporteur a sengem Minister net gutt ze klappen oder zumindest an der Demokratescher Partei - an ech mengen, dat ass éischer de Fall - de Stand vun der Diskussioun ronderëm d'Ökosteier nach net immens vill évoluéiert ze hunn.

Et ass éischer sou, hunn ech de Verdacht, datt hei e bëssche konterbont jidderee seet, wat e wëllt, well dat elo in ass, well een elo och muss eppes zu deem Sujet soen.

(Interruption)

Här Rippinger, dat hei si keng Altlasten! Dat hei ass de 25. Oktober, also schon am Kader vun Ärer Participatioun un dëser Regierung, gesot ginn.

(Interruptions)

D'DP schéngt och hei vum Gedanke geleet ze sinn, datt effektiv jiddereen e bëssche seet, wat e wëllt, mä keng konkret Konzepter um Dësch leien.

Wann et ëm d'Ecofiscalitéit geet, ass et jo ganz daitlech, datt net nëmmen de Finanzminister eng Responsabilitéit huet - deen huet sécherlech och eng -, mä och den Ëmweltminister. Ech hunn an deem leschten annerhalwe Joer nach net am geréngsten héieren, wat dann déi konkret Virstellung vum Ëmweltminister an deem heite Beräich wäeren.

E fënnefte Punkt - an do hunn ech awer wierklech misse staunen, wéi ech dat gelies hunn - ass d'Réduction de la consommation des carburants d'ici 2010, en héich aktuell Thema! Mä wann ech dann awer versichen ze liesen, wat den Här Graas oder d'Demokratesch Partei proposéiert, fir dat ze erreechen, wéi se an der Regierung wëllt dohi kommen a wat fir eng Moyene se sech wëllt ginn, da fannen ech keen ee Saz am Text doriwwer.

M. Alex Bodry (LSAP).- Dir musst tëschent den Zeile liesen!

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Jo, ech hätt vläicht och missen den Här Graas froen, ob en net nach Foussnouten agebaut hätt, déi illisibel sinn, déi een nëmmen iwwer e Geheimcode entschlüsselt kritt!

(Interruptions)

Ech hunn op alle Fall näischt fonnt.

E sechste Punkt, deen ugeschnidde gëtt, sinn d'Engagement fir d'Reduktioun vun den CO₂-Emissiounen bis d'Joer 2010. Do wëll ech de kierzlech erschéngenen OECD-Rapport Säit 25 zitieren, wou steet: „Dans les années 90 l'intensité énergétique du Luxembourg a diminué de 33 %, mais elle reste 9 % au-dessus de la moyenne de l'Europe.“

A la fin des années 90 les émissions de CO₂ par unité de PIB dépassent largement le niveau moyen de l'OECD-Europe de 20 % malgré l'importation de 94 % de l'électricité consommée au Luxembourg. Ce dépassement ne serait pas substantiellement modifié si l'on soustrayait les émissions résultant de la consommation à l'étranger des carburants vendus au Luxembourg et si l'on ajoutait les émissions résultant de la production d'électricité à l'étranger. La consommation d'énergie par les transports a augmenté de 54 % depuis 1990, la plupart de l'énergie étant consommée par des véhicules routiers.“

Wann dat esou ass, a wa mer wëssen, dass de Stroosentransport souwisou 30 % ausmécht vun den CO₂-Emissiounen, da froen ech mech, wann ee sech deen Défi hei wëllt setzen, fir bis d'Joer 2010 déi Engagementer anzegoen, vun deenen den Här Graas schwätzt: Wou ass dann d'Strategie vun der Regierung an deem Beräich?

Ech wëll lech soen, Här Graas, dass d'LSAP-CSV-Regierung vu virun zumindest en Usaz hat vun enger Léisung am Persounenverkéier. Dat hutt Dir fäerdeg bruecht, dass dee Projet och nach vun de Schinne gehäit ginn ass. Dir hutt e Projet vun de Schinne gehäit, mä Dir hutt et kaum fäerdeg bruecht, en anere Projet an d'Plaz ze setzen, well wann ech schwätzen iwwer Gidder op der Schinn, do gesinn ech bei dëser Regierung iwwerhaupt keng Strategie. Et gëtt zwar scho vill Proposen. Ënner anerem hunn ech selwer eng Proposition de loi viru Jore gemaach, wou Iddien dran enthalte sinn, a wéi eng Richtung ee misst goen. D'Demokratesch Partei schéngt do nach net vill weiderkomm ze sinn an hiren Iwwerleeungen.

A wat de Persounentransport ubelaangt op der Schinn, respektiv wat de gesamte Persounentransport ubelaangt, do muss ee soen, dass effektiv dank der DP et fäerdeg bruecht ginn ass, e Projet, dee bestanen huet, erëm futti ze maachen, wou mer elo an d'Richtung ginn, fir hallef Léisungen ze realisieren, déi zwar wahrscheinlech ënnert dem Stréch grad esou vill Sue

wäerte kaschten, mä nëmmen eng Halschent vun deem Rendement wäerten hu wéi den ursprüngeleche Projet.

Wann ech dann am Rapport liesen, dass eigentlech déi grouss Neierung am Budget 2001 an deem Beräich den Akaf ass vun dräi „no emission busses“, fir deen Défi ze léisen, deen do beschriwwen gëtt, da kann ech awer nëmmen nach grinsen. Fir mech ass esou eppes wéi dat do iwwerhaupt net derwäert, dass een et en long et en large beschreift, wéi hien dat gemaach huet. Dat misst dach esou en Detail sinn an enger Gesamtstrategie, dass et bal lächerlech ass, fir dat esou laang ze beschreiwen. Et ass eigentlech symptomatesch, well et ass den Ausdrock vun der Hëlleflosegkeet vum Rapporteur, senger Partei, awer och vun där Majoritéit an deem Beräich.

Et muss ee sech och d'Fro stellen, wou d'CSV an deem Dossier drun ass. An der CSV gëtt et vill Leit, déi vu sech behaupten, si wäeren ganz engagéiert an deem Beräich. Ech wëll drop hiweisen, dass et eigentlech par rapport zum - wat eiser Meenung no nach ëmmer d'Léisung ass, zumindest an Persouneverkéier - BTB-Projet eng Majoritéit an deem Parlament gëtt, dass näischt eis géif drun hënneren, e Vote ze huelen en faveur vun deem Projet. Menges Wëssens ass d'LSAP nach ëmmer derfir, déi Gréng och, a bei der CSV och grouss Dealer. Zumindest héiert een dat oft verbal dobaussen, och souguer heiansdo hei um Pult.

Dofir sinn ech der Meenung: Wann een deen Discours vun der Nohaltegkeet eescht hält a weess, wat fir e wichtegt Element de Verkéier an deem Beräich ass, da wär d'CSV och endlech an deem Dossier gefuerdert, sech duerchzusetzen, dem Koalitionspartner den Diks ze setzen - si mécht et jo an aneren Dossiere vu moies bis owes - an derfir ze suergen, dass deenen Dossier weiderkënnt a mer Léisungen treffen an deenen nächste Joren, déi derzou féieren, dass effektiv mer net vun der Verkéierslawin iwwerrullt ginn, mä déi dem Défi vum Développement durable gerecht ginn an awer och derfir suergen, dass eise Wirtschaftsstanduert net eng Kéier Nodeeler doduerch kritt, dass mer verpasst hunn, déi richteg Décisiounen an deem Beräich ze huelen.

Da kommen ech zu engem Volet, dee mer ganz vill Freed gemaach huet, wéi ech deen am Rapport nogelies hunn. Virun allem huet mer gëschter d'Ausfeierung vum Fraktiounschef vun der DP ganz vill Freed gemaach, wéi ech déi hei héieren hunn, nämlech den Dossier vun de Pensiounen.

De Rapporteur mécht a sengem Rapport eigentlech revolutionär Feststellungen, zwar net fir mech an och net fir vill anerer heibannen, mä virun allem géif ech soe fir seng Partei, well et si Feststellungen, wou seng Partei diametral an deene leschte Joren de Contraire gesot huet.

E seet, den Équilibre financier vum Pensiounsregime kéint een net onofhängeg gesi vun der globaler ekonomescher Konjunktur.

E seet, d'aktuell gesond Situatioun vun de Lëtzebuerger Pensiounskeese géife mer dem permanent steigenden Emploi verdanken.

D'Problemer, déi mer an Zukunft kéinte kréien, weist en op duerch déi vill Frontalieren an déi Main d'œuvre étrangère, déi mer am Land hunn, wann déi eng Kéier hir Pensiounsrechter an Usproch wäerten huelen, an e kënnt dann zu där fir mech formidabler Konklusioun, an där e seet: „Le rapporteur partage de même les points de vue du Gouvernement concernant les réserves actuelles des caisses de pension qui sont le résultat d'une politique prudente et préventive qui doit servir à tempérer les effets d'un repli conjoncturel. Il ne peut être question de dilapider des réserves destinées à garantir l'avenir.“

Wann en natierlech do schreift, dass dat d'Resultat ass vun enger Politique prudente, da lueft en domat sécherlech, huelen ech un, déi 15 Joer CSV-LSAP-Regierung, mat alle Reformen, déi am Pensiounswiesen insgesamt vun där Koalitioun geholl gi sinn. Wann ech nogelies hunn - an ech hunn dat gemaach; ech wäert e puer Blümen hei zitieren, déi d'Demokratesch Partei nach virun zwee Joer zum Beschte ginn huet zum Pensiounswiesen -, da kann ech awer nëmme staunen, an da soen ech mir: Eigentlech huet selten eng Partei an esou kuerzer Zäit eng esou grouss Kéier geholl a sech missen, wéi een op gutt Lëtzebuerger seet, op de Kénn späize wéi d'DP am Rentendossier. An ech schwätzen domat emol net dee sois-disant Verrot u vun der Demokratescher Partei an der Fonction publique, wou se och vill versprach an net vill gehalen huet, mä ech schwätzen haaptsächlech dat un, wat d'Demokratesch Partei nach virun een, zwee Joer gesot huet par rapport zu de Renten am Privatsektor.

Ech fänken u mat enger Pressematdeelung vun der DP zur Rentepolitik vum 3. Februar 1998, wou se Folgendes seet: „In der Rentenpolitik hatte die Regierung Konvergenz zwischen dem beitragspflichtigen und dem öffentlichen Sektor versprochen. Allerdings wurde sie bisher den Erwartungen keineswegs gerecht. Im Gegenteil! Insbesondere die Hoffnungen des Privatsektors sind inzwischen zunichte gemacht worden.“ Dat sinn natierlech déi Fuerderungen, déi deemools vum OGB-L a vum LCGB opgestallt gi sinn, vun deene strukturelle Verbesserungen, Fuerderungen, déi deemools vun der Demokratescher Partei lauthals ënnerstëtzt gi sinn.

Ech zitieren dofir nach e Communiqué, deen d'Demokratesch Partei gemaach huet am Juli 1998, no enger Entrevue mam OGB-L, wou se Folgendes seet: „Die Demokratische Partei bedauert, dass die Regierung sich mehrfach geweigert hat, jedwede struktu-

relle Rentenanpassung im Privatsektor vorzunehmen, und verlangt von den Koalitionsparteien CSV und LSAP, ihre Haltung zu überprüfen. Die DP fordert die Regierung und die Mehrheit im Parlament auf, endlich im Privatsektor einen Beitrag zur oft verlangten, aber bislang völlig auf der Strecke gebliebenen Rentengerechtigkeit zu leisten. Auch sagt die Demokratische Partei jenen Gewerkschaften aus dem Privatsektor, die dieses Ziel anstreben, ihre Unterstützung zu. Es sollte kurzfristig dafür gesorgt werden, dass eine Verbesserung der Renten im Privatsektor realisiert wird.“ „Kurzfristig“ steet ausdrécklech am Text.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Dat ass nach ëmmer amgaangen.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Ech hätt mer erwaart, no deem, wat Dir 1998 gesot hutt, wou Dir d'Gewerkschaften aus dem Privatsektor all ënnerstëtzt hutt, wou ech muss soen, wann ech deen Text hei liesen, dass ech bal de Verdacht hunn, dass Dir dee beim Här Gibéryen am Walprogramm ofgeschriwwen hutt - esou sec ass dee formuléiert -, dass Dir elo am Kader vun deem éischte Budget, wou Dir jo selwer sot, dass et net méi en Transitiounsbudget wär, derfir gesuergt hätt, dass, vu déi wonnerbar wirtschaftlech Ausgangspositioun, déi d'Land huet, an déi héich Reserven, déi do sinn, dat, wat Der deemools hei geschriwwen hutt, agetraff wär. Dann hätt Der effektiv e Minimum u Korrektheet nach kënnen opweise par rapport zu deene Fuerderungen, déi Dir deemools opgestallt hutt, wat Der de Leit alles versprach hutt.

Ech sinn der Meinung, dass, wann een dat do alles liest an d'Aussoe kuckt, déi de Rapporteur a sengem Rapport mécht, een dann nëmme ka soen: Wat gi mech meng domm Riede vu gëschter un! Ech mengen, d'DP huet sech dee Slogan haaptsächlech no 1999 zu Häerz geholl, a si wäert dee magistral an am leschten Detail an deenen nächste Jore weider applizéieren.

Et ass wichteg, dass een déi Saachen do ëmmer rappeléiert, well d'Wieler an d'Wielerinnen effektiv keen esou e kuerzt Gedächtnis hunn, wéi Dir dat oft mengt, dass se sech dofir un déi vill Versprechen an un déi grouss Kéieren, déi Dir geholl hutt, wäerten erënnere bei deenen nächste Walen. Mir wäerten op alle Fall mat derfir suergen, dass bei deenen nächste Walen déi Saachen alleguer an Erënnung bleiwen.

Am Beräich Educatioun muss ech soen, dass de Rapporteur just dat paraphraséiert huet, wat kräiz a quer an de Motiounen geschriwwen ginn ass an deene leschten dräi Woche bei den Debatten am Parlament. Do war keen neit Element dran. Ech brauch net vill drop anzegoen, well mäi Frënd Robert Garcia hat zwou Interpellatiounen an huet en long et en large mat engem 41-Punkte-Programm a 27 Motiounen am Parlament däitlech genuch gesot, wat mir ze soen

hunn. Op de Beräich Kulturpolitik wäert den Här Garcia nach selwer agoen.

Ech wëll nach ee Punkt uschneiden, deen am Rapport ernimmt gëtt. Dat ass de Secteur conventionné. Et steet am Rapport, dass d'Regierung en Audit an Optrag ginn hätt, fir de Secteur conventionné ze analyséieren. Ech wëll drop hiweisen, dass dat eigentlech net nëmme eng Fuerderung war vun dëser Regierung, mä dass dat och eng Konsequenz war aus den Dysfonctionnementen an der Santé, wou de kloeren Optrag erausgaange war, vum Parlament, fir dass de Secteur conventionné ënner verschiddene Gesiichtspunkte sollt analyséiert ginn. Ech weis dofir emol gäre vun der Regierung, wou deen Audit drun ass, wéini mir deen endlech kënnen virgestallt kréien, wéini mir da kënnen eng Debatt doriwwer féieren. Ech wëll verhënneren, dass mer all Joer am Rapport gesot kréien, dass deen Audit soll gemaach ginn, mä dass mer 2004 nach ëmmer net wëssen, wat dra steet. Ech weis gären, ob dee schonn an Optrag gi ginn ass, wat genau d'Kritäre waren, déi do definéiert gi sinn, wat soll analyséiert ginn, wéini dass e soll fäerdeg sinn.

Da wollt ech och eng Fro stellen zu deem Crédit budgétaire, deen dëst Joer nach am Budget steet a mam Accord salarial ze dinn huet, deen de Secteur conventionné betrëfft. Am Kader vum Accord salarial ass en Deel Gelder matgestëmmt gi fir de Secteur conventionné, Gelder, déi eigentlech geduecht sinn, fir dass de Secteur conventionné herno dat, wat beim Stat applizéiert gëtt u Gehälteropbesserungen, och kann applizéieren. Et geet just ervir, dass de Secteur conventionné e gewëssene Verhandlungsspillraum huet. Ech weis gären, wéi d'Regierung et gesäit, well menges Wëssens huet nach net vill bougéiert am Secteur conventionné, wat mat deene Kreditter geschitt. Ginn déi einfach iwwerweisen un déi eenzel Institutiounen oder kënnen déi déi à la limite och fir aner Saache verwenden? Wéi gesäit d'Regierung deen do Problem, well et si vill Leit am Secteur conventionné, déi op eng Äntwert waarden, ob an hirem Kollektivvertrag en Nidderschlag ze fanne wäert si vun deene Gehaltsopbesserungen beim Stat oder net?

Da kommen ech zum Volet e-Lëtzebuerg, wou en totale Kredit an dësem Budget 2001 vun 43,9 Milliounen Euro festgehal ginn ass. Ech hunn et scho gesot am Kader vum État de la Nation, wou de Stats- a Finanzminister ugekënnegt huet, dass d'Regierung an där do Hisiicht gréisser Effort wëllt maachen, dass d'Geld eleng eis sécher net wäert op deen do Défi virbereeden, mä dass een och muss e Konzept hunn, wéi ee wëllt an Zukunft aus der Administratioun en e-Lëtzebuerg maachen.

Och do hunn ech net vill Konkretes bis elo héieren. Ech weess, dass a verschiddenen Administratiounen haut schonn immens Problemer bestinn, fir iwwer-

haapt verschidde Prozesser vun Informatisioun duerchzesetzen, well d'Strategien oft net kloer sinn oder effektiv d'Moyene vun deenen eenzelnen Administratiounen ze kleng sinn.

Ech wëll un de Slogan erënneren, deen de Statsminister virun e puer Joer hei an der Chamber scho lancéiert huet, wou e gesot huet, all Schüler misst e Computer kréien, an dat och als e Bestanddeel gesinn huet, fir Lëtzebuerg op deen Défi virzebereeden. Haut huet sécherlech nach net all Schüler e Computer.

Mir hunn ëmmer als Gréng gesot, dass dat eigentlech éischter Slogane sinn, éischter e bëssen artificiel Mesurë sinn, déi een décidéiert, dass, wann ee kee Konzept entwéckelt an deem Beräich, dat alles net ganz vill bréngt. Als Konzept stelle mir eis vir, dass misst emol definéiert ginn, wéi de Stat den Know-how an deem Beräich wëllt opbauen. Fuere mer weider esou, wéi mir dat zu Lëtzebuerg an der Vergaangeneheet gemaach hunn, dass de Stat higeet a sech den Know-how alleguer akafe geet an de Privatsektor, wat als Konsequenz huet, dass doduerch den Know-how net an der Administratioun selwer opgebaut gëtt, ëmmer erëm verluer geet, een dofir ëmmer erëm muss nei akafe goen, dass een deem ausgeliiwert ass, wat de Privatsektor engem ubitt?

Wéi gesi mer d'Formatioun an deem Kontext? Wéi gesi mer d'Ästellungspolitik beim Stat an deem Kontext? Vill Onkloerheeten herrschen do nach vir, a mir gesinn net esou richteg, wou d'Strategie vun der Regierung ass. A wann ech dann nach weess, dass beim Stat souwisou, wat d'Ästellungspolitik ubelaangt, e gréissere Chaos existéiert, dass a ville Verwaltungen e chronesch Personalangel existéiert, da sinn ech skeptesch, dass eleng duerch de Fait vun där Kreditaschreiwung am Budget fir 2001 mir deem Défi gerecht solle ginn, deen do lancéiert ginn ass.

Ech wëll virun allem op eppes verweisen, wat och am Kader vun den Dysfonctionnementen ëmmer vill diskutéiert a vun alle Fraktiounen an deem leschte Joer scho gefuerdert ginn ass, dass mer endlech missten eng Reform virhuele vun deem ominösen Numerus clausus beim Stat an d'Ästellungspolitik iwwerdenken. Mir müssen d'Ästellungspolitik iwwerdenken, well soss kënne mer sécherlech mat där Rigiditéit, wéi dat haut beim Stat fonctionnéiert, deem Défi nimools gerecht ginn. Dofir wëllt ech eng Motioun ofginn, wou mer verlaangen, dass an deenen nächste Méint a Joren eng Reform vum Numerus clausus virgeholl gëtt.

Motion 7

La Chambre des Députés

- considérant que la procédure de recrutement de l'Etat fait l'objet de nombreuses critiques depuis de longues années en raison de sa rigidité, de sa lenteur et surtout de son incapacité à répondre aux véritables besoins des différents ministères et administrations;

- considérant que les besoins en personnel des administrations et des ministères ont tendance à augmenter en raison de la croissance de la population et des activités économiques, des obligations européennes et des défis posés par le „e-Luxembourg“, c'est-à-dire par la nécessaire adaptation de notre pays au monde électronique;

- considérant que toutes les parties concernées se sont régulièrement prononcées en faveur d'une réforme de la procédure et des conditions de recrutement de l'Etat;

invite le Gouvernement

- à réformer la procédure de recrutement de l'Etat afin de la rendre plus adaptée au contexte luxembourgeois et aux besoins des administrations et ministères.

(s.) François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, schonn zënter 12 Joer maachen ech elo dee Ritual vun de Budgetsdebatten an der Chamber mat, an et ass och net esou, dass deen heitege Rapporteur d'Schold dréit un deem Ritual, dass hie responsabel ass, dass eigentlech net méi derbäi erauskënnt bei deem Ritual, dat mer ëmmer hei veranstellen. Et ass och net esou, dass hien deen éischten ass, dee sech heiriwwer beklot, an et ass och net esou, dass mir als Deputéierten eis fir d'éischt doriwwer bekloen, mä schonn zënter Jore stellt d'Chamber sech Froen iwwer hiert Selbstverständnis an dem Domän vun de Budgetsdebatten, der Beaflossung vum Budget, a mir mengen als Gréng, dass et endlech duergeet, fir sech nëmme Froen ze stellen, mä dass mer och Äntwerte müssen dorop ginn.

Ech wëll lech eng Rei Saachen zitieren, fir opzeweisen, wéi wäit déi Diskussiounen eigentlech scho gaange sinn. Ufanks den 90er Joren huet de President vun der deemoleger Finanzkommissioun, deen aus der CSV komm ass, scho schaarf kritiséiert, dass d'Chamber eigentlech déi reell Pouvoiren, déi se laut der Constitutioun par rapport zum Budget hätt, net géif wouer huelen, dass eigentlech déi Budgetsdebatten immens frustrant wäeren, dass ee sech misst wierklech eeschthaf Gedanken maachen, wann d'Chamber hiren eegene Rôle wëllt eescht huelen, dass déi Debatte misste reforméiert ginn, reforméiert, huet en deemools gesot, an engem Sënn, wéi dat zum Beispill an der Bundesrepublik Däitschland stattfënnt, wou Artikel pro Artikel vum Budget en détail examinéiert gëtt, Département pro Département, vun der zoustänneger Parlamentskommissioun. En huet weider gesot, dass Däitschland net dat eenzeg Land ass, wou et esou gehandhaabt gëtt, et awer duerchweegs d'Regel ass, dass d'Chamber eegestänneg Amendementer zum Budget mécht an déi och eragëtt. An déi Richtung, mengen ech, misst een net nëmme dës

Kéier Froen opwerfen, mä endlech konkret handeln, wa mer eis wierklech wëllen eescht huelen.

Och den Här Grethen huet 1991 vun deene selwechte Frustratiounen geschwat, an en ass souguer nach vill méi wäit gaangen an huet gesot, dass e flagrante Déséquilibre géif bestoen tëschent de Moyenen, déi d'Chamber hätt, fir de Budget ze analyséieren, fir Proposen ze maachen, an de Moyenen, déi d'Regierung hätt, déi iwwer eng gutt Finanzinspektioun verfügt an e ganzen Apparat nach hannendrun huet, mat deem se kann agéieren, dass d'Chamber sech misst endlech selwer d'Moyene ginn, fir dass se kann onofhängeg Konterexpertisen ausschaffe loossen.

An da kommen ech zu deem Punkt, deen den Här Krecké gëschter hei ugeschwat huet, wou en zu Recht als Réplique gëtt, wann dat him virgeworf gëtt, dass, wat déi finanziell Envergure vun de Steiertabellen ubelaangt, déi seng Partei proposéiert, en déi net am Detail konnt rechnen, well en net déi néideg Moyenen huet, als Oppositionsfraktioun, fir dat duerchrechnen ze loossen, d'Regierung awer e ganzen Apparat zur Verfügung huet.

Dat ass genau dat, wat den Här Grethen och deemools ugeschwat huet, an et ass genau dat, wat mer änneren mussen. Dat heescht, mir sinn der Iwwerzeugung, dass mer mussen am Budget vun der Chamber vum nächste Joer e Kredit virgesinn, deen an d'Richtung geet, dass all Fraktioun d'Moyenen huet, fir sech onofhängeg Expertisen ausschaffen ze loossen zu deenen eenzelne Budgetressourcen. Dat ass iwwerengs eng Praxis, déi am Ausland och existéiert. An den auslännesche Parlamenten ass dat eng Selbstverständlechkeet. Fir dass mer och do endlech Neel mat Käpp maachen an net mam Lamentéieren nach fënnef Joer virufueren, hunn ech eng Resolutioun verfaasst, déi an déi Richtung soll innovéieren.

Résolution 1

La Chambre des Députés

- *considérant que l'article 104 de notre Constitution confère à la Chambre des Députés le pouvoir d'arrêter la loi des comptes et de voter le budget auquel doivent être portées toutes les recettes et toutes les dépenses de l'Etat;*

- *considérant que malgré ce pouvoir décisionnel discrétionnaire en matière budgétaire, la prise d'influence de la Chambre des Députés sur la loi budgétaire n'est que très faible;*

- *considérant que ce manque d'emprise de la Chambre des Députés sur le budget de l'Etat résulte essentiellement d'un manque de moyens humains et techniques et d'une procédure budgétaire mal adaptée;*

- *considérant que d'autres Etats européens connaissent une procédure d'adoption budgétaire accordant au pouvoir législatif une emprise conséquente sur le budget annuel des recettes et des dépenses de l'Etat;*

décide

- *de réformer la procédure d'adoption budgétaire dans le sens d'une analyse parlementaire plus approfondie pour chaque département ministériel;*

- *de mettre des moyens substantiels à la disposition de chaque groupe parlementaire afin de leur permettre de recourir à des opinions expertes en matière budgétaire.*

(s.) *François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.*

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer iwwert de Budget vun 2001 schwätzen, da kënnt een och dëst Joer net derlaanscht, fir iwwert de Contrôle vun der Exécutioun vun deem Budget ze schwätzen, dee mer d'nächst Joer exécutéieren, a virun allem kënnt een net derlaanscht weinst Saachen, déi virun zwou Wochen an der Kommissioun geschitt sinn.

Virun zwou Woche gouf an der Commission du Contrôle de l'Exécution budgétaire mat der Majoritéit vun de Stëmmen eng Décisioun geholl géint d'Oppositioun, déi d'Transparenz an de seriösen Émgank mat de Statsgelder, eiser Meenung no, wierklech zrückschrauft, déi wëllt an d'Richtung goen, fir d'Kontabilitéitsgesetz erëm ze ënnergruewen.

An den Här Rippinger ass der Meenung, an engem Tëscheruff, dat wär just nëmme meng Meenung. Ech wäert him elo un Hand vun den Texter de Contraire beweisen. En hätt besser gehat, ier en dat gesot huet, en hätt sech emol eng Kéier d'Méi gemaach, déi Texter ze liesen. Dann hätt e gesinn, dass ech guer net falsch leien, wann ech dat behaupten.

(Interruption)

Här Rippinger, ech hunn do e Verdacht, wéi wann Dir dat net gelies hätt, ier Der ofgestëmmt hätt. Ech ka mech souguer erënneren, dass Dir an der Kommissioun gesot hutt: Wann den Här Weiler seet, dat wier richtig, da sinn ech och der Meenung, dat wär richtig, an dofir stëmmen ech, wéi den Här Weiler stëmmt.

Dat hutt Dir wuertwärtlech an der Kommissioun gesot.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Dat do ass monumentale Quatsch.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här Rippinger, dass Der falsch leit, wëll ech lech, wann Dir lech nach e bësse gedëllegt, am Detail beweisen.

Am Mäerz 2000 hate mir déi Diskussioun eng éischte Kéier an där zoustänneger Kommissioun, an dunn huet deeselwechte Beamten, deen och dës Kéier

d'Hauptwuert gefouert huet an der Kommissioun, deen eigentlech déi Logik, déi herno décidéiert ginn ass, proposéiert a mat Hänn a Féiss verteidegt huet, déiselwecht Behauptungen nach eng Kéier widderholl a gesot, dass hien der Meenung wär, dass d'Chamber sech misst...

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Vu wem schwätzt Der, Här Bausch?

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Vum Här Pesch als Vertrieeder vun der Regierung.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Hien hat keng Instructiounen vu mir.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här Minister, en huet awer am Numm vun der Bauteministesch geschwat. Et deet mer leed. Ech ginn dovun aus, dass d'Bauteministesch nach ëmmer Member ass an Ärer Regierung an net an enger anerer.

Une voix.- Dir hat och e Représentant déi leschte Kéier do.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Dir wäert mir jo den Owend nach d'Chance ginn, zum Budget ze schwätzen, da kann ech lech op all déi Froen äntweren.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, et ass wichteg, dass ech déi Saachen do elo chronologesch virbréngen, fir kënne ze beleeden, dass eigentlech d'Majoritéit an där Kommissioun eng Décisioun geholl huet, déi ganz komesch an och illegal ass.

An der Kommissiounssitzung vun deemools huet den Här Pesch genau dat verlaangt, wat am November décidéiert ginn ass. An der Sëtzung duerno vun där Kommissioun huet de Budgetsminister Folgendes derzou gemengt: „Contrairement à l'opinion exprimée par M. Fernand Pesch, M. le Ministre du Trésor et du Budget estime qu'aucun dépassement au-delà du montant adopté ne peut être toléré. L'article 80 de la loi du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'Etat prévoit un montant de 7,5 millions d'euros au-delà duquel toute réalisation d'un projet d'infrastructure ou d'un bâtiment au profit de l'Etat doit être autorisée par une loi. On ne peut en aucun cas interpréter la loi comme permettant des dépassements de moins de 300 millions sans vote d'un nouveau projet de loi.“

Erstaunlecherweis - oder vläicht net erstaunlecherweis - huet an där Sëtzung duerno d'Mme Hennicot-Schoepges eng Korrektur verlaangt am Rapport vun der zoustänneger Kommissioun, wou se gesot huet, dat, wat den Här Pesch an där Sëtzung virdru gesot huet, wär net d'Meenung vun der Regierung, dofir misst deementspreechend de Rapport corrigéiert gi mat „suite à la question posée par M. Pesch“. Do ass also schonn emol relativéiert ginn. Do ass gesot ginn, d'Regierung huet net déi Meenung.

Wann een elo am Detail kuckt, ëm wat et hei geet, da geet et drëms - dat hätt nämlech de Bauteministère gären -, dass bei Projeten, déi an dëser Chamber gestëmmt gi sinn, dat heescht Projeten, déi ganz kloer ënnert dee betreffenden Artikel vun der Constitutioun an ënnert dee betreffenden Artikel vun der Loi de la comptabilité falen, e Gesetz muss gemaach ginn, dass, wann eng Kéier e Gesetz hei gestëmmt ginn ass an en cours de route duerno Problemer optrieden, de Baute-ministère kann, ouni dass en neit Gesetz muss gemaach ginn, dës Aarbechten einfach viruféieren, just nëmmen higoen an déi zoustänneg Chamberkommissioun oder déi zwou zoustänneg Chamberkommissiounen informéieren, an um Enn vum Joer, am Kader vun der Budgetsprozedur, géif dat après coup regulariséiert ginn. Dat ass illegal.

(Interruptions diverses)

Ech hunn nogefrot, op wat den Här Pesch sech da géif referéieren oder wéi de Bauteministère dat géif maachen, wann zum Beispill am Februar vun engem Joer ee géif feststellen, dass e keng Kreditter méi hätt an engem betreffende Poste fir e betreffende Projet. Da géif jo mat Sécherheet dat antrieden, wat am Kontabilitéitsgesetz virgesinn ass, nämlech dass de Contrôleur financier am Ministère de Visa verweigere géif. De Contrôleur financier ass censéiert, haapt-sächlech dat ze kucken. Do huet den Här Pesch eis geäntwert: Mä dat ass kee Problem, da geet de Contrôleur financier hin a verweigert dat eng zweet Kéier. Da geet dat bei de Minister, an dee mécht e Passer outre, deen e schrëftlech muss motivéiere mat engem Avis un déi zoustänneg Cour des Comptes, an dann ass et fäerdeg, da kënne mir iwwert de Kredit erausgoen.

Allerdéngs muss ech soen, dass dat net richtig ass, well wat gesäit d'Kontabilitéitsgesetz vir am Artikel 59? „Lorsqu'en cas de refus de visa l'ordonnateur maintient respectivement la proposition d'engagement ou l'ordonnance de paiement, il transmet ses observations au contrôleur financier qui accorde ou refuse son visa dans un délai minimum de six jours ouvrables à partir du jour de la réception de ces observations“. An da kënnt dat, wat interessant ass: „Si le contrôleur financier réitère son refus, le ministre du département ordonnateur peut par un arrêté motivé passer outre au refus du visa.“ Awer da kënnt nach e wichtege Saz hannendrun, dee seet: „Toutefois l'ordonnancement ne peut être effectué en cas d'insuffisance des crédits.“

Et ass zimlech kloer laut dem Kontabilitéitsgesetz: Wa keng Sue méi do sinn, kann och de Minister net e Passer outre maachen an einfach soen, ech ginn doriwwer ewech. Donc ass dat, wat mer an der Kommissioun decidéiert hunn, blanken Unsinn an ënnergrueft eigentlech ganz staark d'Kontabilitéitsgesetz.

(Interruption)

Eng gewësse Majoritéit.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Här Bausch, ech kommen den Owend in extenso dorop zrëck, mä ech soen et léiwer awer elo, well héchstwahrscheinlech, wann ech dru kommen, ass et 8 Auer den Owend, an da lauschtert kee méi no.

Dir reegt lech hei op iwwer Aussoen, déi vläicht an enger Kommissioun gemaach gi sinn, un där ech net deelgeholl hunn. Dir hutt d'Kontabilitéitsgesetz zitéiert. D'Gesetz décidéiert, wéi déi Prozedur ass. Dir braucht lech hei net opzereegen iwwert dat, wat vläicht e Beamten aus engem Ministère gesot huet. Et ass och irrelevant, wat hei en Deputéierte gesot huet. D'Deputéierten hunn e Gesetz gestëmmt. D'Beamte wäerten d'Gesetz esou uwenden, wéi se do sinn. Wa keng Kreditter do sinn, da ginn och keng Suen ausginn.

Ech mengen, d'Diskussioun war e bëssen eng aner, well et drëm gaangen ass, ob ee muss en extra Gesetz maachen, wann Dépassementer kommen, oder ob een et iwwert d'Budgetsgesetz, wat och e Gesetz ass, mécht. D'Budgetsgesetz ass jo och e Gesetz, do si mer eis jo eens.

Ech soen lech nach eng Kéier, dass d'Regierung an de Budgetsminister wäerten drop halen, dass d'Kontabilitéitsgesetz voll a ganz applizéiert gëtt, an dofir brauch een net ze diskutéieren, wat deen een oder deen anere seet. Ech kommen dorop am Detail zrëck. Ech kommen och gären an eng Kommissiounssitzung. Et ass e bësse schwierig, och vis-à-vis vun der Opinion publique, wann een aus Kommissiounssitzungen zitéiert, wou net all Mënsch drun deelgeholl huet. D'Gesetz vun 1999 bënnt dëst Haus a bënnt d'Regierung.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här Minister, ech si frou, dass Dir dat do sot, mä an där zoustänneger Kommissioun ass e Vote geholl ginn. Leider ass den Här Ripinger - en huet jo d'Gesetzter anscheinend gelies - elo geflücht, well en erofgaangen ass, sech emol d'Gesetzter sichen, fir déi ze liesen, huelen ech un.

Mir waren entsat doriwwer als Oppositionsparteien, dass d'Majoritéit konnt einfach mir näischt, dir näischt op Proposition vun engem Beamten esou Décisionen ofseenen. Dat war dat, wat eis schockéiert huet, an ech mengen, dass et dofir duerchweegs berechtigt ass, dass mer grad am Kader vun de Budgetsdebatten dat hei thematiséieren an dofir suergen, dass de Plenum eng Décision hëlt, déi an d'Richtung geet, wéi Dir sot.

An dat war de Sträit an der Kommissioun, dass mir gesot hunn, als Opposition, et ass dach kee Problem. Wat hätte mer gäre mat deem neie Kontabilitéitsgesetz gehat? Mir hätte gären, dass méi eng dynamesch Approche entsteet an de Ministère selwer par rapport

zu der Finanzgestioun, dat heescht dass déi betreffend Verwaltung méi oppasst, wat en cours de route geschitt, méi prévisibel kuckt, fir dass effektiv gewëss Situatiounen net entstinn. Dat heescht am Kloertext och, dass, wann en cours de route Schwierigkeete virkommen, dass de Budget eréischt am Endeffekt iwwerschratt gëtt, eigentlech näischt de Ministère drun hënnert, fir fréizäiteg ze kommen an ze soen, do gëtt et e Problem, mir bréngen elo schnell e Gesetz an, dass dëst Gesetz ka verofschied ginn.

Wat mir just contestéiert hunn, ass, datt mer gesot hunn - an ech mengen, datt mer do awer nach ëmmer richteg leien, och an den Erklärungen, déi Dir selwer ginn hutt par rapport zum Gesetz -, datt et net ka sinn, wann am Februar zum Beispill e Ministère an deem dote Fall ass, datt deen da waart, bis d'Budgetsgesetz am Dezember kënnt, a seet: Mir regulariséieren dat do après coup iwwert d'Budgetsgesetz. Dat kann eiser Meenung no net sinn, well da si mer während 7 Méint an der Illegalitéit.

Do ware vun der Opposition konstruktiv Propose komm, mä et ass awer leider sou gaangen, datt do d'Majoritéit sech dem Här Pesch ënnerworf an eng Décision herno votéiert huet, déi wierklech contraire zum Gesetz ass. Ech wëll lech och dat erspueren, wat den Här Weiler - ech kéint lech dat alles virlesen - gesot huet als Rapporteur.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Här Bausch, kënnt Der mir just soen, wat Dir proposéiert, well ech an där Kommissiounssitzung net war, soss versteet een deen Débat hei net, well Dir sot, Dir proposéiert eppes anescht.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Mir hu proposéiert, wann de Problem sech stellt, datt dann den zoustänneger Minister soll an d'Kommissioun kommen a soen: Et gëtt e Problem. An da soll schnell e Gesetz gemaach ginn, an da géif d'Parlament sech verpflichten, datt dat Gesetz sou schnell wéi méiglech hei géif iwwert d'Bühn goen.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Wat geschitt dann an der Tëschenzäit?

De Problem ass jo deen, dass Dir sot, tëscht deem Dag an dem Budgetsgesetz wär soss zevill e laangen Délai. Dat ass jo dee praktesche Problem, dee sech do stellt. Dir sot: Da soll een en extrat Gesetz maachen. Dat Gesetz geet dann op de Wee, a supposé, dass een déi Prozedur mécht, wat geschitt dann tëscht deem Dag, wou een den Dépassement feststellt, an deem Dag, wou d'Gesetz gestëmmt gëtt?

Huele mer e Bauprojet, deen amgaangen ass - an där Diskussioun si mer jo -: Et stellt een dat am Februar fest, an Ärem Beispill. Da kënnt de Minister an d'Chamber, all Mënsch ass d'accord, datt d'Ursaachen, déi de Minister virleet, richteg sinn, an da gëtt dat Gesetz op den Instanzewee geschéckt. Tëscht dem

Februar an deem Dag, wou dat Gesetz gestëmmt gëtt, dauert et eng Zäitchen, well et geet an de Conseil d'Etat, an Är zoustänneg Kommissiounen an et kënnt an de Plenum. Wat ass do den Ennerscheed, wann ee bis op d'Budgetgesetz waart, sauf datt d'Budgetgesetz am Dezember kënnt? Do gesinn ech en Ennerscheed! Wat geschitt dann an der Tëschenzäit? Muss de Bau gestoppt ginn oder net?

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Mir sinn der Meenung, datt, wann de Ministère an Zukunft méi eng virrausschauend Finanzgestioun eescht hëlt, et an de seltenste Fäll wäert virkommen, wann dat esou gemaach gëtt, datt en eréischt um Enn constatéiert, datt e keng Sue méi huet. Wann elo en cours de route e Problem optaucht, dann huet e säi Budget jo nach net erschöpft, da kënne jo selbstverständlech nach am Kader vun deem Budget, dee gestëmmt ass, d'Aarbechte weidergoen, mä da weess hie just: Ech muss elo ganz schnell handeln, ech muss bei d'Parlament goen an iwwert d'Parlament e Gesetz maachen.

(Interruptions)

Et geet jo hei drëms - ech mengen, dat war jo och de Geescht vum Kontabilitéitsgesetz, an dat fënnt ee jo och an den Texter erëm -, datt eigentlech och en Drock geschafe gëtt op déi eenzel Verwaltungen, datt si hir eege Finanzgestioun méi eescht huelen.

(Interruptions)

M. Lucien Clement (CSV).- Här Bausch, et ass jo awer net gesot ginn an der Kommissioun, dass e Minister net kann direkt e Gesetz renouveléieren an op den Instanzewee bréngen.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Dat hu mir proposéiert, an Dir waart do dergéint!

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Dir waart do dergéint!

M. Lucien Clement (CSV).- Här Krecké, dat steet a kengem Rapport, datt mir do dergéint waren, an et steet och a kengem Rapport, datt dat net dierf gemaach ginn.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här Clement, et ass ofgestëmmt ginn!

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Ma Dir hutt eng aner Prozedur gestëmmt, Här Clement, et deet mer leed!

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Ech hunn den Text hei, ech kann lech e virlesen, wann Der wëllt. Dir hutt an där Kommissioun ofstëmme gelooss, datt Dir wëllt alles iwwert d'Budgetgesetz realisieren.

M. Lucien Clement (CSV).- Neen, net alles!

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Dach!

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Iwwer 300 eréischt!

M. Lucien Clement (CSV).- „Alles“ steet net dran!

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Jo, iwwer 300 wëllt Der et natierlech, mä do geet et souwisou net méi anescht!

M. Lucien Clement (CSV).- An 20 %. Den Här Krecké selwer huet proposéiert: Bei engem gréissere Projet si mir net derfir, datt d'Schubkar Sand, wann et net méi duergeet, muss gestoppt ginn!

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Also wierklech!

M. Lucien Clement (CSV).- Bei engem gréissere Projet, sinn do 50 Milliounen vill?

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Lauschtert emol! Här Clement, loosst den Här Bausch hei schwätzen! Deen huet d'Wuert!

En Deputéierte brauch net d'Genehmegung vu senge Kolleegen, fir dëst oder dat kënne ze soen. E kann hei soen, wat e wëllt, wann e sech am Kader vum Gesetz a vum Reglement beweegt. Déi eenzeg, déi en Uerteel kënne fällen iwwert dat, wat e Riedner seet, sinn d'Wieler all fënnef Joer! Et ass net un de Kolleegen ze mengen, si kéinten hei Schoulmeeschter spillen! Dat bréngt näischt! Et huet kee Sënn, hei sou e Gedeessens opzeféieren!

Den Deputéierten ass nëmme vis-à-vis vu senge Wieler verantwortlech an net vu senge Kolleegen. Deemzufolleg kann en hei seng Saache soen, an Dir hutt d'Recht, lech anzedroen an herno dozou Stellung ze huelen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Här Bausch, fuert virun! Wann ee gär d'Wuert hätt, soll en et froen!

(Interruption)

Den Här Strotz wëllt lech eng Fro stellen, Här Bausch.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Jo, selbstverständlech därerf en eng Fro stellen.

M. Nicolas Strotz (CSV).- Här Bausch, an deem Rapport, wann ech e gutt gelies hunn, ass et awer och ëm Chiffere gaangen. Ech hu se elo net am Kapp, well ech net an där Kommissioun war. Déi Chiffere ware vill méi niddreg wéi déi 300 Milliounen, mä an deem Rapport stinn awer och Chifferen, mengen ech, vu wéi engem Moment un datt do misst en neie Projet presentéiert ginn. War dat esou oder net?

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Neen, Här Strotz, et ass...

M. Nicolas Strotz (CSV).- Ech froe just, a wann e Chiffer genannt gëtt, da sidd Der grad sou falsch, ob et elo 300 oder 100 Milliounen sinn.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här Strotz, dat ass net richtig, wat Der do sot.

M. Nicolas Strotz (CSV).- Ma ech froe jo just!

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- D'Opposition war der Meenung, datt de toute façon an alle Fäll misst e Gesetz gemaach ginn. Mir haten zwar gesot, et kéint een d'Gesetzer regroupéieren, de Ministère kéint soen: Mir hunn dräi Saachen elo festgestallt,...

M. Nicolas Strotz (CSV).- Schued, dass ech de Rapport elo net hei hu vun der Kommissioun!

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Ech kann lech e virlesen, ech kann lech en och ginn, wann Der wëllt! Dir hätt och kënne dohinner kommen, et ass näischt, wat lech dat verbitt, well Dir sidd jo President vun der Bautekommissioun, an et ass sécherlech en Dossier, deen lech vill an Zukunft wäert betreffen.

Här President, ech sinn awer der Meenung, datt dat, wat d'Kommissioun do decidéiert huet, contraire ass zum Gesetz an och zur Constitution. Ech muss soen, datt mir wierklech erstaunt waren, mat wat fir enger Lichtfankegkeet do d'Majoritéitsdeputéiert konnten esou enger Saach zoustëmmen. Ech sinn och elo frou, datt de Budgetminister éischter schéngt an déi Richtung ze denke wéi d'Opposition.

Ech wëll och dofir, fir datt dat awer ee fir allemol kloer ass - an datt et och ee fir allemol kloer ass, datt keng eenzeg Kommissioun vun dësem Parlament e Recht huet, fir esou eng Prozedur iwwerhaupt festzeleeën, datt, onofhängeg vu Gesetzgebungen, déi bestinn, nëmmen de Plenum kann esou eng Décisioun huelen -, eng Resolutioun abréngen, Här President, déi éischten déi Décisioun, déi geholl ginn ass, an där leschter Sitzung als nul erkläert an zweetens festhält, datt an Zukunft scrupuleusement den „esprit et la lettre des dispositions“ vum Artikel 99 vun der Constitution a vum Kontabilitéitsgesetz vum 8. Juni 1999 solle respektéiert ginn.

Résolution 2

La Chambre des Députés

- *considérant que l'article 99 de notre Constitution exige une loi spéciale pour toute acquisition par l'Etat d'une propriété immobilière importante, toute réalisation au profit de l'Etat d'un grand projet d'infrastructure ou d'un bâtiment considérable ou tout engagement financier important;*

- *considérant qu'en application de l'article 99 de notre Constitution, l'article 80 de la loi du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'Etat fixe le seuil au-delà duquel tout engagement financier de l'Etat doit être autorisé par une loi spéciale à 7.500.000.- EUR (valeur 503,26 de l'indice annuel des prix à la construction);*

- *considérant la décision prise majoritairement par la Commission du Contrôle de l'Exécution budgétaire de la Chambre des Députés lors de sa réunion du 24 novembre 2000 autorisant le Ministère des Travaux publics à effectuer - dans le cadre de la réalisation au*

profit de l'Etat des grands projets d'investissements - des dépassements de crédit jusqu'à 7.500.000.- EUR sans vote préalable d'une loi spéciale;

- *considérant que la loi du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'Etat interdit explicitement en son article 59 tout ordonnancement en cas d'insuffisance de crédits;*

- *considérant que la décision prise majoritairement par la Commission du Contrôle de l'Exécution budgétaire de la Chambre des Députés lors de sa réunion du 24 novembre 2000 est contraire aux dispositions de l'article 99 de notre Constitution et de la loi du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'Etat;*

décide

- *de déclarer sans objet la décision prise majoritairement par la Commission du Contrôle de l'Exécution budgétaire de la Chambre des Députés lors de sa réunion du 24 novembre 2000 autorisant le Ministère des Travaux publics à effectuer - dans le cadre de la réalisation au profit de l'Etat des grands projets d'investissements - des dépassements de crédit jusqu'à 7.500.000.- EUR sans vote préalable d'une loi spéciale;*

- *de veiller scrupuleusement au respect de l'esprit et de la lettre des dispositions de l'article 99 de notre Constitution et de la loi du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'Etat.*

(s.) *François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.*

Här President, ech kommen zu menger Konklusioun. Ech mengen, ech hu genuch Beispiller opgezielt, déi weisen, datt dës Regierung net innovativ ass, datt se net deenen Défie gerecht gëtt, déi souguer richteg beschriwwen ginn, mä awer net nei beschriwwen gi vum Rapporteur a sengem Rapport. Mir sinn der Meenung, datt dës Regierung net fäeg wäert sinn, an deenen nächsten zwéi Joer déi Défien ze bewältegen, déi dëse Moment awer missten opgeholl an och, wéi gesot, beschriwwen ginn.

De Budget 2001 ass, eiser Meenung no, e weideren Transitionsbudget vun der CSV-DP-Majoritéit. D'CSV läit gewëssemooßen an der Kontinuitéit vun deem, wat se an deene leschte Jorzéngte gemaach huet. D'DP hat kaum Afloss op dëse Budget, setzt weëneg, fir net ze soe keng zukunftsweisend Akzenter, an et ass och dofir kloer, Här President - an dat wäert lech net iwwerraschen -, datt déi gréng Fraktioun dëse Budget net wäert stëmmen.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Aloyse Bisdorff agedroen. Den Här Bisdorff huet d'Wuert.

M. Aloyse Bisdorff (*déi Lénk*).- Här President, ech muss mech och dem Protest vum Här Bausch uschleissen, well ech sinn och betraff, vun enger Kommissiounssitzung, déi elo stattfënnt, wou ech och elo grad hei muss d'Wuert ergräifen. Am Géigesaz zum Här Bausch - an déi Ursaache verstitt Der - kann ech mech net do ersetze loosse.

Une voix.- Dann ersetzen ech lech!

M. Aloyse Bisdorff (*déi Lénk*).- Dat wëll ech elo net soen.

Et muss ee sech d'Fro stellen, Här President, ob et net noutwendeg gëtt, an eisem Land eng Aart „Club of Rome“ ze bilden, fir d'Grenze vum Wuesstum auszeloten, fir feststellen, wat fir eng Auswierkungen do nach op eis zoukommen, fir unzereegen, a wat fir eng Richtung ee muss ëmdenken a wat fir eng aner Weeër ee muss goen.

Beim Budget d'lescht Joer ass vill geschwat gi vun der nohalteger Entwécklung. Awer mat engem Wirtschaftswuesstum, wéi mir en an deene leschte Jore kennen, ass et wuel net gutt méiglech, esou eng nohalteger Entwécklung fir e klenge Land oprecht ze erhalen. Et ass net dru geduecht ginn, dass mam Ula-ckekele vun ëmmer méi auslänneschem Kapital mat Hëllef vum Bankgeheimnis a vun niddrege Steieren och noutgedronge Leit géife kommen. Mir leien elo bei 90.000 Grenzgänger, an de positive Sold vun der Immigratioun läit bei 6.000 d'Joer. Domat ass Lëtzebuerg dat Land mat deem gréisste Bevölkerungswuesstum an der ganzer EU. E bedréit 1,5 %.

Esou eng Entwécklung stéisst an engem klengen Land no enger Zäit op physisch Grenzen. Et kann ee sech allerdéngs virstellen, dass, well eis Fläch ongeféier där vun der Stad London entsprécht, mer dann och do kéinten esou vill Leit ënnerbréngen wéi zu London, 9 oder 10 Milliounen. Awer wéi ass et da mat der Liewensqualitéit? Wéi ass et mat de Verkéiersproblemer, déi ëmmer méi komplex ginn, mat den Autobunnen an de Stroossen, déi verstoppt sinn, besonnesch zu de Stousszäiten, a mam Zäitverloscht, deen domat verbonnen ass? Souguer en züegen Ausbau vum öffentlechen Transport kéint déi Situatioun, déi elo do ass, nëmmen ofschwächen, awer net léisen.

Et muss do iwwert d'Grenzen eraus geduecht ginn, an ech géif proposéieren, iwwert d'Grenzen eraus e regionale BTB op d'Been ze setzen. Deen nationalen hei geet jo net méi duer.

Dës Entwécklung, déi mer elo erliewen, zitt d'Aarbechtskraaft aus der ganzer Ëmgéigend of. D'Chambre de Commerce fäert schonn, dass dës Quell vun Aarbechtskräften kéint versiegen, dass se keng Leit méi géif fannen, a versteet dofir net, grad sou wéi vill aner och net, dass keng Regulariséierung vun de sougenannte Sans-papiers virgeholl gëtt, Leit, déi scho

jorelaang hei am Land wunnen a schaffen, awer net eng regelrecht Openthaltserlaubnis hunn.

Ech erlaube mer och dofir, eng Motioun an deem Sënn anzubringen, fir déi Regulariséierung virzehuelen. Datselwecht bezitt sech och op d'Openthaltserlaubnis an d'Aarbechtsvertrag vun deene Flüchtlingen, déi mer hei hunn. Si wëlle schaffen, si géifen och Aarbecht fannen, firwat solle mer hinnen dat net ginn?

Motion 8

La Chambre des Députés

- *considérant que le marché de l'emploi luxembourgeois a un besoin grandissant de main d'œuvre (cf. avis de la Chambre de Commerce) qu'il sollicite avec de plus en plus de difficultés en des endroits de plus en plus éloignés des pays limitrophes, asséchant en même temps le marché de l'emploi dans ces régions;*

- *considérant qu'en même temps des personnes actives venant de pays tiers à l'Union Européenne se trouvent au Luxembourg en situation irrégulière comme „sans papiers“;*

- *considérant que par ailleurs des demandeurs d'asile se trouvent interdits de travail et, dans la plupart des cas, voient leur demande d'asile refusée;*

- *considérant que des personnes en âge de travailler et voulant travailler, voire des personnes travaillant déjà et déclarées à la sécurité sociale, risquent par conséquent à chaque instant l'expulsion manu militari;*

- *considérant que cette situation malsaine ne saurait perdurer;*

invite le Gouvernement

- *à régulariser la situation des travailleurs étrangers dans un proche avenir;*

- *à promouvoir une politique d'asile généreuse, notamment vis-à-vis des personnes venant du Kosovo et d'autres régions de Yougoslavie touchées par la guerre;*

- *à arrêter immédiatement la pratique des expulsions.*

(s.) Aloyse Bisdorff.

D'Zersiedlung geet monter weider. Dat grénzt Häerz vun Europa, mat deem fréier an den Tourismusbro-schüre geworbe ginn ass fir Lëtzebuerg, ass geschwënn nëmme méi eng Erinnerung. Dës Zersiedlung, déi mer musse feststellen, ass allerdéngs och eng Auswirkung vun der onsënneger Politik vun eisem Inneministère. D'Ëmverdeelung vun de Steieren op d'Gemengen aus dem Fonds communal de Dotation geschitt nämlech zu 60% no der Bevölkerungszuel. Net berücksichtegt ginn déi Uertschaften, déi regional Zentre sinn an domat och regional Aufgaben hunn.

Déi Gemeng, an där d'Bevölkerung net wisst mat 1,5% wéi den Duerchschnitt vun eisem Land, kritt proportionell doduerch ëmmer wéineger. Mir brauchen awer Infrastrukturen um Gebitt vun der Gesond-

heet, der Kultur, dem Sport, de Schoulen an de Betriber. Déi sti gewéinlech an deene gréissere Gemengen, an et kann een net gläichzäiteg Wunn-siedlungen hunn op deene Plazen, wou e Spidol, Schoulen oder sportlech Infrastrukture sinn. Dofir muss derfir gesuergt ginn, dass déi Ëmverdeelung anescht gewiicht gëtt, well soss geet et mat der Zersiedlung ëmmer weider.

Och an déiselwecht Richtung geet jo déi geplangten Ofschafung vun der Gewerbesteier. Wann dat geschitt, dann huet eigentlech keng Gemeng méi en Interesse drun, en Industrie- oder Handwierksbetrieb op hirem Terrain ze lokaliséieren, well se jo net méi direkt eppes dofir kritt, mä nëmmen d'Auswierkungen an d'Nodeeler huet, déi sou Betriber noutgedronge mat sech bréngen. Och dat ass eng falsch Entwécklung, déi eng nohalteg Entwécklung net kann erlaben.

Den Terrain gëtt onbezuelbar. Den Här Juncker hat eng Kéier d'Iddi lancéiert, datt vum Stat géif Bautorain op de Maart geworf ginn. Et huet een näischt méi dovunner héieren. Ech weess net, ob dat geschitt ass, et ass mir op jidde Fall onbekannt. Et missten awer Moosnamen ergraff ginn, fir Terrainsspekulationen anzedämmen. Mir hu souvill där Investéierungsfongen. Ech mengen, et gëtt souguer een, wat den Terrain ubelaangt. Et misst een e Fonds de réserve foncière grënne vum Stat, deen Terraine géif opkafen, do wou se eben ze kréie sinn.

Verschidden Aktivitéite fannen duerch déi Zersiedlung iwwerhaapt keng Plaz méi, keng Lokalisatioun méi hei am Land. Ech wëll nëmmen un déi Schwierigkeiten erënneren, déi eise Minister mat senger Bauschuttdeponie huet, déi am Fong geholl e Bauschuttrecyclage misst ginn.

Et kann dofir nëmmen zu enger Verbesserung vun deser Entwécklung kommen, wa regional geduecht gëtt, wann iwwert d'Grenzen eraus gekuckt gëtt a Lëtzebuerg hëlleft, fir wirtschaftlech Aktivitéiten och an de Grenzregiounen ze entwéckelen, fir domat déi onsennege Transportweeër anzeschränken.

Ech bréngen och an deem Sënn eng Motioun an.

D'Fuerderungen no finanzieller Kompensatioun ginn ëmmer méi haart an deene regionale Gebidder ronderëm eist Land. Et existéiert esou eng Regelung zum Beispill tëschent Frankräich an der Schwäiz. D'Schwäiz hëlt jo och vill franséisch Grenzgänger op. Mir kommen héchstwahrscheinlech net dolaanscht, fir och an esou eng Richtung ze goen.

Och d'Zesummenaarbecht tëschent de Gemengen iwwert d'Grenzen eraus muss gefördert ginn, a si däerf net ëmmer gebremst ginn duerch d'Asproochrecht vum Inneministerium, deen do gewéinlech als Brems funktionéiert.

Fir beim Inneministerium ze bleiwen, muss ech hei och eppes soen zu der differenzéierter Waassertax.

Verschidde Gemengen hunn aus ekologesche Grënn differenzéiert Waassertaxen agefouert, an deem Sënn, datt fir en niddrege Verbrauch och en niddrege Präis bezuelt gëtt, a wann de Verbrauch iwwer e bestëmmtent Mooss eraus geet, dann ass do méi en héije Präis pro Kubikmeter Waasser ze bezuelen. Dat ass eng ganz vernünfteg Moosnam am Sënn vun der Ekologie. Dat gëtt de Gemengen elo vum Inneministerium verbueden.

Gläichzäiteg lese mir awer dann am Budgetsgesetz den Artikel 10, wou dann elo d'Regierung higeet an eng differenzéiert Tax beim Stroumverbrauch aféiert. Et gëtt nämlech dräi Kategorien do: déijéineg, déi manner wéi eng Millioun Kilowattstonne verbrauchen - dat sinn 200.000 Clienten -, déijéineg, déi tëschent enger Millioun an honnert Milliounen Kilowattstonne verbrauchen - dat sinn nach ëmmerhin 200 Clienten -, an déijéineg, déi iwwer honnert Milliounen Kilowattstonne verbrauchen. Dat sinn nach 6 Clienten.

Déi ginn ënnerschiddlech belaauscht pro Kilowattstonn. Déi éischt Kategorie, wat déi meescht Leit ugeet, muss 9,5 Centimes pro Kilowattstonn bezuelen, déi zweet Kategorie 9 Centimes an déi lescht Kategorie, wat nëmme 6 Clienten sinn - déi 6 gréisst -, nëmmen 1 Centime pro Kilowattstonn. Dat heescht, déi aner sinn néngmol méi schwéier belaauscht wéi déi grouss Verbraucher. Dat ass absolut guer net am Sënn vum Energiespueren oder vun der Ekologie.

Wie sinn dann elo déi 6 Clienten? Dir däerft dräimol roden! Do sinn natierlech d'ARBED-Betriber dobäi, déi op Elektrostol ëmguesuedelt hunn. Dofir ass et natierlech esou, datt déi hei am meeschte begënschtegt sinn.

Eng weider Saach, déi sech och op den Inneministerium bezitt, ass déi Geschicht vun de Fonds de péréquation conjoncturelle. Den Här Graas, mengen ech, hat déi Fro un den Inneminister gestallt. Doraus ass ervirgaangen, datt deen en Avoir huet vun 1,5 Milliarden. Et ass awer am Laf vun deene leschte fënnef Joer absolut näischt méi mat deene Suen do geschitt.

Dofir verlaange mir an enger Motioun, datt dee Fong do net méi soll gespeist ginn, datt déi Zësen, déi bei deene Suen ufalen, an de Fonds de dotation vun de Gemenge solle fléissen.

Trotz dem héije Wirtschaftswuesstum kenne mir an eise Land och Wuesstumsverléierer. Eng schlecht Verdeelung, déi vun enger Etüd vun der Chambre des Employés privés bewise ginn ass, bedeit, datt d'Kapitaleinkünfte ëmmer méi schnell zouhuelen a wuesse vis-à-vis vun den Einkünften op der Aarbecht.

Den Undeel vun de Léin um Bruttoinlandprodukt hëlt of. D'Léin wuesse vill méi lues wéi d'Produktivitéit, an dat géif am marxistesche Jargon heeschen, datt d'Profitrate zouhëlt.

Déi berühmte Berliner Mauer, déi do gefall ass, weist lues a lues, datt de Kapitalismus déi Konzessiounen um soziale Plang zrëckhëlt, déi e während der Systemausenansetzung huet missen zougestoen. E kritt a kuerzer Zäit deen Niveau vun Entwécklung, wéi wann en nom Krich zum Beispill eleng dominéiert hätt.

Fir déi Ëmverdeelung vun ënnen no uewen ze bremsen, hëllefen och déi Steiererlichterungen net, déi d'nächst Joer komme wäerten. Et gëtt geschätzt, datt ongeféier 30 % vun den Haushalter keng Steiere bezuelen, also net dovun profitéieren. Dofir besteet d'Noutwendegkeet vun enger Kompensatioun, dat heescht also vun enger Negativsteuer, an och dozou bréngen ech eng Motioun an.

Déijéineg, déi Steiere bezuelen an zum Beispill eng Wunnéng beim Fonds de Logement hunn, wäerten och net vun deene Steiererlichterungen profitéieren, well da geet gläichzäiteg hire Loyer an d'Luucht, an déi Steiererlichterung, déi se kréien, gi si da beim Fonds de Logement of.

Wann een d'Zuele méi genau kuckt, da stellt sech eraus, datt déi Steiererlichterung net eng wuel iwwerluegte Saach, mä éischer en erzwungenen Zuch war. Dofir ass se wuel och esou iwwerraschend komm. Ugesiichts de Mehreinnahmen, déi dëst Joer - dat heescht 2000 - ongeféier 27 Milliarden ausweise wäerte géintwärtig de Budgetsprévisiounen, och ugesiichts den Einnahme fir 2001 - wann déi richteg ageschätzt gi wäeren - an den Ausgaben, déi elo virgesi sinn, wär mat Liichtegkeet e Boni fir d'Joer 2001 erauskomm vun iwwer 30 Milliarden.

Weder virum Land, nach virum Ausland hätt d'Regierung kënnen esou eppes als Budget presentéieren, an dofir si wuel déi virgezunne Steierreduktiounen gemaach ginn, vun deene gesot gëtt, datt se 8 bis 10 Milliarden Ausfall géife bedeiten.

Déi ausseruerdentlech gutt Statsfinanze verzeien awer net, datt een esou Dommheete mécht wéi déi bal Verzwanzegfachung vun eise Militärausgaben. Um pluriannuelle Plang vun de Kapitalausgabe gëtt d'Speisung vum Fonds d'équipement militaire op 1,6 Milliarde Frang d'Joer eropgesat. Dee mécht dann domat 96 % vun de Kapitalausgabe vum ganze Ministère vun den Affaires étrangères, vum Commerce extérieur, vun der Coopération a vun der Défense aus.

Déi Dotatioun ass ze vergläiche mam Fonds spécial d'investissement hospitalier, deen 1,4 Milliarden d'Joer ausmécht. Wann et dem lesel ze bonnt gëtt, da geet en op d'Äis danzen. Dat hei gëtt e ganz geféierlechen Danz, well nom éischten Ugrëffskrich vun der NATO sinn ëmmer manner Hemmungen do, fir zu de Waffen ze gräifen.

Et bleift mir nach op ee Paradox hinzewiesen, Här President. Ass et net bal onverständlech, datt trotz deem grouse Wirtschaftswuesstum d'Zuel vun de Fail-

liten hei am Land nach ëmmer zouhëlt? Si huet am Joer 1999 550 Stéck bedroen. Do ass eppes net normal. Verschidde Faillitë sinn net wirtschaftlech bedéngt, mä vläicht provoziert.

Mir mengen, d'Gesetz iwwert d'Faillitë misst revidéiert ginn, an dofir bréngen ech och an deem Sënn eng Motioun an, well déi Beschäftegt, déi do vun esou Faillitë betraff sinn, jo am Groussen a Ganzen déi Leidtragend sinn.

No de Regierungsamendementen schléisst dann de Budget mat engem Gesamtboni vun ongeféier 40 Milliounen of. Wann no engem Joer d'Mehreinnahmen, déi awer nach ze verzeene wäerte sinn, dobäi kommen, da gëtt et en anert Bild.

Bei den Amendementen vun der Regierung ass d'Heicht vun der Lounsteuer, wéi gesot gëtt, un d'Realitéit ugepasst ginn, mat enger Erhéijung vu just 10 Milliounen Euro - dat sinn ongeféier 400 Milliounen eiser Frang - op 44,4 Milliarden. Fir d'Joer 2000 awer wäerte schon 48 Milliarden erakommen. Dat heescht, den Ausfall, deen do duerch déi Steierreduktioun soll kommen, ass real gesi laang net esou grouss, wéi dat ugekënnegt ginn ass.

Net ugepasst un dat Resultat, wat 2000 ze erwaarden ass, sinn awer d'Amendementen - do ginn iwwerhaupt keng Amendementen gemaach -, wat d'Einnahme bei der Taxe d'abonnement ubelaangt a bei de gemeinsamen Einnahme bei der UEBL. Bei der éischer ginn ongeféier 100 Milliounen Euro - dat heescht 4 Milliarde Frang - méi fir 2001 erwaart, wéi dat elo do steet. Dat kann een elo scho viraussoen, a bei de gemeinsamen Accisé vun der UEBL sinn et och e puer honnert Milliounen Frang, well jo dee Verdeelungsschlüssel nach zu Gonschte vu Lëtzebuerg wäert verbessert ginn.

Déi sougenannt Périodicitéit vum Budget ass also nëmme relativ.

Ofschléissend, Här President, wëll ech festhalen, datt eist Land, no deene verschiddene Konferenzen, déi op EU-Niveau elo stattfonnt hunn, ongeféier en Zäitraum vun 10 Joer huet, fir kënnen ëmzedenken. Op d'laang Dauer kann een de Wuelstand vun engem Land oder vun enger Regioun net opbauen op friemt Kapital - oft op Steierfluchtkapital - oder op d'Bankgeheimnis. De Wuelstand léisst sech nëmme opbauen op sengen eegene Leeschtungen, dat heescht op Leeschtungen an der realer Wirtschaft.

Dofir menge mir, datt et drëm geet - anstatt Kapital unzelackelen -, fir Kapassitéiten an der Wëssenschaft an an der Technik ze hunn, fir déi zukünftige Wëssenschafts- an Technologieentwécklungen kënne mat ze bestëmmen, mat ze gestalten an doduerch déi zukünftige Produktiounstechniken och hei an eisem Land ofzesécheren.

Ech soen lech merci.

Här President, ech ginn lech hei d'Motiounen all zesammen of.

Motion 9

La Chambre des Députés

- considérant l'expansion spectaculaire de l'économie luxembourgeoise comportant une immigration soutenue et un afflux important de frontaliers;

- considérant que le Luxembourg connaît déjà la croissance démographique la plus importante en Europe;

- considérant que des prévisions portant sur une augmentation encore plus importante du nombre des habitants et des personnes actives sont faites actuellement;

- considérant qu'une telle croissance, pour ne pas se faire uniquement dans l'intérêt des grands acteurs économiques, doit être analysée de manière critique et dans tous les aspects qu'elle implique;

- considérant qu'une telle évolution a nécessairement un impact sur les régions limitrophes et ne saurait à l'avenir plus être pensée autrement qu'en termes de politique régionale;

invite le Gouvernement

- à instituer un groupe de travail large, comprenant notamment toutes les forces politiques et syndicales, pour analyser l'opportunité du rythme et de l'orientation d'une telle croissance, pour évaluer les besoins nouveaux qu'elle implique en termes de moyens de transport, de logements, d'infrastructures diverses et de politiques sociales, d'environnement, d'éducation etc., ainsi que pour inclure dans ces raisonnements le développement durable et harmonieux de toute la grande région Saar - Lor - Lux et Wallonie, impliquant également des transferts de richesses.

(s.) Aloyse Bisdorff.

Motion 10

La Chambre des Députés

- considérant que les avoirs du fonds communal de péréquation conjoncturelle, alimenté par les communes, s'élèvent actuellement à 1,5 milliards de francs;

- considérant que depuis des années aucune commune n'a dû avoir recours à ce fonds destiné à couvrir un éventuel découvert dans les budgets ordinaires des différentes communes;

- considérant la situation économique actuelle et les prévisions économiques pour l'avenir;

invite le Gouvernement

- à renoncer à faire doter à partir de l'année prochaine ce fonds par les communes;

- à transférer les intérêts qu'il porte sur le fonds de dotation communale.

(s.) Aloyse Bisdorff.

Motion 11

La Chambre des Députés

- vu la décision du Ministre de l'Intérieur de ne pas approuver des délibérations de plusieurs conseils communaux portant augmentation des taxes et redevances relatives à la consommation d'eau au motif que le prix différencié de l'eau y pratiqué violerait le principe constitutionnel des citoyens devant la loi;

- considérant que le principe du tarif différencié de l'eau selon la consommation pratiqué dans ces communes (tarif plus bas pour une consommation raisonnable de l'eau, variable selon la composition du ménage; tarif plus élevé pour une consommation plus élevée) ne heurte en rien ledit principe constitutionnel;

- considérant que selon la jurisprudence „il importe que les critères de distinction que l'autorité communale retient soient objectifs et que celle-ci puisse en donner une justification qui soit en rapport avec l'objet de la mesure prise ou avec le but que celle-ci peut légalement poursuivre" (Conseil d'Etat 12.12.1990, Ville de Dudelange, n° 8343, Pasicrisie 28, p.103);

- considérant que les motifs pouvant justifier l'introduction d'une taxe d'eau différenciée tiennent tant à sa nature écologique (incitation à épargner l'eau comme ressource naturelle élémentaire) que sociale (prix abordable de la quantité d'eau correspondant à un besoin fondamental de l'homme);

- considérant qu'on trouve des parallèles de tarification selon des seuils de consommation ou selon les heures de consommation notamment en matière d'électricité ou de gaz, souvent, il est vrai, au bénéfice des consommateurs importants;

- considérant qu'en matière d'impôts de l'Etat on trouve de nombreux exemples de différenciations selon les différentes catégories de contribuables qui ne heurtent nullement le principe de l'égalité devant la loi, comme l'impôt progressif, les différentes catégories d'abattements, les réductions pour charges de famille etc.;

- considérant que les motifs qu'on peut invoquer en faveur de la différenciation de la taxe d'eau sont toujours d'actualité, indépendamment de la position qu'on peut avoir par rapport au niveau concret de ces taxes;

invite le Gouvernement, respectivement le Ministre de l'Intérieur

- à reconsidérer sa position en matière de taxes d'eau différenciées et à ne plus s'opposer à l'avenir à des délibérations de conseils communaux portant introduc-

tion ou modification de telles taxes par le motif qu'elles se heurteraient au principe de l'égalité des citoyens devant la loi.

(s.) Aloyse Bisdorff.

Motion 12

La Chambre des Députés

- considérant que la politique fiscale poursuivie par les gouvernements successifs a abouti à une asymétrie des personnes physiques vis-à-vis de l'impôt sur le revenu;

- considérant que les abattements d'impôts constituent une compensation de dépenses diverses pour les personnes soumises à l'impôt sur le revenu, tandis que les personnes non soumises à cet impôt ne peuvent compenser les mêmes dépenses;

- considérant que les abattements fiscaux favorisent par ailleurs les revenus les plus élevés en les faisant descendre dans une classe à taux d'imposition réduit;

- considérant que ces inégalités peuvent être éliminées par le recours d'une part à l'instrument de l'impôt négatif, consistant en un revenu fiscal compensant les avantages fiscaux non accordés, et d'autre part à l'instrument des crédits fiscaux égaux pour tous qui seraient déduits de l'impôt final à payer selon les classes de revenus et qui remplaceraient les abattements traditionnels;

- considérant que cette plus grande égalité vis-à-vis de l'impôt sur le revenu des personnes physiques, dont sont concernés avant tous les salariés et pensionnés, ne doit cependant pas empêcher ni une politique salariale active, notamment par le biais du relèvement du salaire minimal, ni une amélioration structurelle des pensions, ni une sécurité sociale de haut niveau;

- considérant que seule une politique active des revenus et des revenus de remplacement, et surtout des revenus bas et moyens, permet les rentrées fiscales indispensables à un haut niveau des dépenses publiques profitable à la communauté entière;

invite le Gouvernement

- à instituer un groupe de travail large, comprenant notamment toutes les forces politiques et syndicales, pour analyser la possibilité de l'introduction d'un impôt négatif et de crédits d'impôts.

(s.) Aloyse Bisdorff.

Motion 13

La Chambre des Députés

- vu le nombre croissant de faillites qui s'est élevé à plus de 550 pour l'année 1999;

- vu l'influence de cette évolution sur la situation sociale des travailleurs concernés et notamment l'évolution du chômage;

- considérant qu'une partie de ces faillites sont dues à des manœuvres délibérées pouvant être qualifiées de faillites organisées, respectivement tombant sous la qualification de banqueroute simple ou frauduleuse;

- considérant que d'autres entreprises peuvent tomber en faillite du fait de causes économiques momentanées qui ne leur sont pas imputables comme des difficultés financières et des faillites de la part d'autres acteurs économiques;

- considérant que les pouvoirs judiciaire et politique n'ont pas à l'heure actuelle les moyens pour faire face aux différents problèmes posés par cette évolution;

invite le Gouvernement

- à préconiser des mesures législatives et administratives permettant le recours plus systématique par les tribunaux à des faillites personnelles avec interdiction d'exercer une activité indépendante personnellement ou sous le couvert d'une société de capitaux;

- à modifier la procédure de la gestion contrôlée en y apportant une plus grande souplesse et en conférant un rôle plus actif au tribunal de commerce;

- à permettre notamment une recapitalisation plus facile de certaines entreprises viables dans le cadre de la gestion contrôlée, par l'intermédiaire de la SNCI;

- à faire un contrôle stricte des aides accordées aux entreprises afin de vérifier qu'elles ne soient détournées de leur objectif qui est celui de préserver l'emploi et l'outil économique;

- à présenter, ensemble avec l'étude annoncée sur les transferts sociaux, une étude sur les transferts aux entreprises.

(s.) Aloyse Bisdorff.

Motion 14

La Chambre des Députés

- considérant que le dumping social est à l'origine d'une concurrence débridée dans de nombreux secteurs économiques;

- considérant que notamment les licenciements économiques sans aucun besoin financier sont utilisés comme une arme dans cette concurrence;

- considérant que les conséquences sociales individuelles et collectives et les frais publics qu'elle engendre au niveau des régimes de protection sociale sont énormes;

invite le Gouvernement

- à combattre le dumping social en empêchant par des sanctions et un contrôle efficaces, notamment par un renforcement des pouvoirs de l'Inspection du Travail et de la médecine du travail, les entreprises d'enfreindre la législation fiscale, sociale et de droit du travail;

- à renforcer la législation sur les licenciements collectifs en prévoyant notamment une réduction obligatoire préliminaire des coûts autres que salariaux;

- à renforcer la protection des salariés victimes de faillites en étendant la période d'indemnisation du chômage jusqu'à ce qu'ils aient retrouvé un travail équivalent.

(s.) Aloyse Bisdorff.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Lucien Clement agedroen. Den Här Clement huet d'Wuert.

M. Lucien Clement (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ier ech mat mengen Développementementer ufänken, wëll ech vun der Geleeënheet profitéieren, fir dem Budgetsrapporteur fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport ze félicitéieren an him fir seng excellent Aarbecht merci ze soen. Als Rapporteur vum Budget vum leschte Joer weess ech, dass de Budgetsrapport eng zolidd Aarbecht erfuerdert.

Ech wäert a menger Interventioun haaptsächlech op d'Situatioun vun de klengen a Mëttelbetreiber zu Lëtzebuerg agoen, éischstens an enger Optik à court terme, wat déi zur Zäit excellent wirtschaftlech Situatioun vun eisem Land betrëfft; zweetens wëll ech op déi Problemer agoen, déi sech eiser Wirtschaft mëttel- a laangfristeg stelle kënnen. Hei wëll ech, wat déi kleng a Mëttelbetreiber ugeet, op d'Noutwendegkeet vun enger op d'laang Zäit ausgeriichte Politik hiweisen.

An hirem Rapport vum Mount Abrëll 2000 huet déi europäesch Kommissioun sech iwwert déi grouss wirtschaftlech Orientéierung vum de Memberstate geäussert. Op Grond vun enger säit Summer 1999 unhalender Period vu wirtschaftlech Opschwonk ass et méiglech, eng besonne gemeinsam Politik ze definéieren, déi sech op eng gesond wirtschaftlech Situatioun vun de Länner an der Europäescher Unioun stäipe kann. Dobäi huet d'Kommissioun de fundamentale Stelleväert vun der Innovatioun a vun enger gudder Formatioun souwuel vum Patron wéi vun den Aarbechtskräften am Betrib ënnerstrach. D'Formatioun ass als de Motor schlechthi vun der Kompetitivitéit an der Produktivitéit, dem wirtschaftleche Wuesstum, der Beschäftegung an der Verbesserung vum Liewensstandard unzegesinn.

Déi wirtschaftlech Situatioun vun eisem Land gëtt eis, kuerzfristeg gesinn, als excellent beschriwwen. Fir d'Joer 2001 gëtt eis vun der Organisation de Coopération et de Développement économique, kuerz OECD genannt, e Wirtschaftswuesstum vu 6,2 % virausesot, dat trotz enger duerch d'Inflatioun an duerch d'Iwwerbewäertung vum Dollar zum Euro bedéngter lichter Konjunkturofschwächung. D'Länner aus der EU hu momentan mat deem Phänomeen ze dinn, deem eis iwwregens vun der OECD fir d'zweet an d'drëtt Trimester vum Joer 2000 virausesot gi war. Domat

läit Lëtzebuerg, wat d'Progressioun vum PIB ugeet, wäit iwwert de Wuesstumsprognose fir d'Joer 2001 vu respektiv 3 % fir d'Eurozon a vun 2,9 % fir d'EU vun de 15 Memberstaaten.

Ech ka mech also, wat déi excellent wirtschaftlech Situatioun vun eisem Land à court terme ugeet, nëmmen dem Constat vum Budgetsminister a vu mengem Fraktiounspräsident uschléissen. Et ass haaptsächlech dës excellent Situatioun vun eisem Land, déi eis d'Steierreform fir Privatpersounen dëst Joer a fir d'Betreiber am Joer 2002 erméigleche wäert.

Vun dëser Steuerreduktioun gëtt sech duerchaus en duebele positiven Impakt fir eis Wirtschaft insgesamt an domat och fir eis kleng a Mëttelbetreiber erwaart. Duerch déi steierlech Entlaaschtung vun de Privatpersounen gëtt de Revenu disponible an domat de Pouvoir d'achat vun den Haushalter vergréissert. Duerch eng Steigerung vun der Consumatioun gëtt sech e positiven Impuls fir eis Wirtschaft am allgemengen, awer virun allem fir de Commerce an den Artisanat erwaart.

Duerch d'Reduzéierung vun der Steuerlaascht op d'Gehälter vun de Privatpersounen gëtt also e positiven Impuls fir eis Économie geschafen. Doriwwer eraus beneficiéieren och déi Betreiber, déi en nom personnel fonctionnéieren, schonn dëst Joer vun där Steuerreduktioun.

Duerch déi fir 2002 geplangte Reform an déi domat verbonne steierlech Entlaaschtung vun deene Betreiber, déi der Kollektivitéitssteuer ënnerleien - d'Charge fiscale vun de Betreiber soll bekanntlech vu 37,49 % op 30 % erofgesat ginn -, gëtt ee fir si gönschtegt Wettbewerbsëmfeld geschafen. Et ass wichteg, dass eis Betreiber vis-à-vis vun deenen aus dem Ausland, mä haaptsächlech vis-à-vis vun deenen aus der Groussregioun net benodelegt ginn, dat souwuel op steierlechem wéi op administrativem Plang.

Dës Period vu Wuesstum muss fir Investissementer an d'Zukunft genotzt ginn. Et gëllt, eise Wuelstand op laang Zäit ofzesécheren. Dëst bedeit, dass déi zur Zäit iwweraus gönschteg wirtschaftlech Situatioun dozou genotzt muss ginn, fir verschidden Aarte vu Betreiber ze stäerken oder nei opliewen ze loossen an domat de Secteur vun de PMEe weider auszebauen, dëst am Sënn vun enger gréisserer Diversifizéierung an enger erëm méi nohalterger Entwécklung vun eiser wirtschaftlecher Aktivitéit. Do leeën ech d'Betounung op nohalteg.

Net méi spéit wéi d'lescht Woch hate mer d'Diskusioun iwwert de BSE, an ech mengen, si huet ganz kloer gewisen, wou et net nëmmen hei zu Lëtzebuerg muss higoen, mä och wou Europa seng Defiziter huet, a wat fir eng Richtung et goe muss.

Gëschter huet den Här Gibéryen hei op der Tribün vu 700.000 Salariee geschwat, net vu 700.000 Awunner. Ech ginn him Recht, dass dat net onbedingt ustrie-

wenswäert ass. Wann hien duerno derfir plädéiert, fir keng aarbechts- a lounintensiv Betriber méi op Lëtzebuerg ze lackelen duerch gönschteg Konditiounen, kann ech him eventuell nach eng kéier Recht ginn. Mä, Här President, wann en dann awer 10 Minutten drop der Regierung virrechent, mir hätten net 4.800 Chômeuren, mä mir hätten der 6.800, dann ass jo awer sécher d'Fro erlaabt, wéi e sech dat virstellt: op där enger Säit keng aarbechtsintensiv Betriber méi op Lëtzebuerg, op där anerer Säit kritiséieren, d'Zuel vun de Chômeuren géif an d'Luucht goen.

Ech wär frou, wann den ADR oder säi Mëttelstandssprecher sech emol méi genee géifen erklären.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här Clement, et ass lech sécher net entgaangen, dass déi lescht véier Joer als Joer netto 10.000 nei Aarbechtsplazen am Land geschafe gi sinn, dass trotz deene 40.000 neien Aarbechtsplazen a véier Joer d'Zuel vun de Chômeuren net erofgaangen ass.

M. Lucien Clement (CSV).- Net wesentlech erofgaangen.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Neen, si ass net erofgaangen. Wann Dir déi Leit an de Beschäftigungsmoosnamen abezitt, dann ass déi Zuel nach ëmmer konstant. Dat ass de Beweis, dass duerch d'Schafung vun neien Aarbechtsplazen de Chômage net onbedéngt zu Lëtzebuerg erofgeet. Deen ass zum Beispill bei der Éducatioun sichen ze goen, net dass ee mengt, dass ee misst masseweis nei Aarbechtsplaze schafen. De Gros vun deenen neien Aarbechtsplaze besetze mer mat Frontalieren.

M. Lucien Clement (CSV).- Dat ass richtig, wat Der do sot, mä et kann een net einfach dat eent kritiséieren a soen, mir wëlle kee Land vu 700.000 Leit. Dat wëllen déi meescht Leit heibannen net. Et muss een et vläicht net besser maache wéi an der Groussregioun, mä et muss een et awer esou gestalten, dass d'Betriber kënne mathalen. Dat zitt net onbedingt nei Aarbechtsplazen op Lëtzebuerg. Et kann een net soen, dat eent wëlle mer net, an dann op där anerer Säit dat anert kritiséieren an dofir Léisunge froen. Dat wollt ech domat soen. Keng Opreegung also.

D'Restrukturatioun vun der Eisenindustrie säit Mëtt vun de 70er Joren, esou wéi déi rasant positiv Entwécklung vun de Services financiers op der Banken- a Finanzplaz Lëtzebuerg an den Export vu Services de communication hunn eng Verlagerung vun eiser Wirtschaft vum Secteur secondaire an de Secteur tertiaire mat sech bruecht. Den tertiaire Beräich mécht haut 74,2 % vum PIB aus, wouvun eleng d'Finanzservicer 44,3 % ausmaachen an de Commerce 23,2 %.

Mat 23 % Undeel um PIB, 10 % Undeel um Emploi an 30 % Undeel um Statsbudget ass de Finanzsecteur oncontestéiert dee Wuesstumsmotor schlechthi vun eiser Wirtschaft.

Fir de Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg nach méi ze stäerken, wier et gutt, niewent der Banken- a Finanzplaz, der Industrie an der Informatiounsgesellschaft de Secteur vun de klengen a Mëttelbetriber als zousätzlech Standbee vun eiser Wirtschaft weider auszebauen an ze verstärken.

D'Tatsaach, dass hei zu Lëtzebuerg den Undeel um Emploi vun Net-Lounëmfänger, also vu Fräiberuffler, weiderhi schwaach bleift, dat am Verglach zu der Moyenne an der Europäescher Unioun, ass net ofzestreiden.

De Manktum un Esprit d'entreprise ass e Problem, mat deem sech d'EU-Kommissioun an hirem „Rapport sur la mise en œuvre du plan d'action pour la promotion de l'esprit d'entreprise et de la compétitivité“ vum 27. Oktober 2000 auseneegesat huet.

En aneren, weiderhi bestoende Problem, deen eis notament an den Avie vun der Chambre de Commerce a vun der Chambre des Métiers confirméiert gëtt, ass deen, dass op där anerer Säit Entrepreneuren aus dem Privatsecteur Problemer hunn, fir qualifizéiert Leit ze fannen, déi si brauchen, fir der Demande vun deem vu Wuesstum gepräegte wirtschaftlechen Ëmfeld nozekommen.

Tatsaach ass och, dass eist Land schonn eng ganz Rei vu Moosnamen geholl huet, fir d'Ëmfeld vun de Betriber nei ze gestalten an ze verbesseren. Positiv Akzenter sinn um steierleche Plang gesat ginn. D'Lounniewekäschte sinn zu Lëtzebuerg déi niddregst an Europa. D'Adoptioun vun engem Aktiounsplang fir kleng a Mëttelbetriber, d'Schafung vu Guichets uniques fir d'PMEn, Promotiounsaktiounen am Schoumilieu, d'Mise en place, säit Mäerz 1999, vu sougenannte Centres de formalités, wou d'Charges administratives a Grenze gehale ginn, sinn e puer vun dese scho realiséierte Moosnamen.

Mir mussen awer - an doru musse mer schaffen, alleguer - dem Erscheinungsbild vum Handwierk an domat vum selbstännege Patron, esou wéi deene Leit, déi an dese Betriber schaffen, en neien, e bessere Stellwäert an eiser Gesellschaft vermëttelen.

Et muss eist Zil sinn, de Moosnamekatalog fir d'Ëmfeld vun de PMEn ze verbesseren, ze erweideren an ze verstärken. Laut Kommissiounspabeier dréinen des vun de Memberstaten ze huelend Moosname ronderëm sechs Achsen:

1. d'Verbesserung vun der Ausbildung vun den zukünftigen Aarbechtskräften, déi an den Entrepreneuren schaffen, ergo och vun den zukünftege Patronen, déi nei Entrepreneuren grënne wëllen;

2. eng substanzuell Verbesserung vum Zougank vun de PMEn zum noutwendege Startkapital, fir d'Entrepreneuren ze lancéieren, se iwwert déi éischt Jore vun hirem Fonctionnement finanziell ze begleeten a gegebenenfalls steierlech manner ze belasteschten, esou wéi

och den Entreprises en phase de croissance am Héich-technologieberäich en Zougank zum Finanzement fir d'Ausdehnung vun hiren Aktivitéiten ze ginn;

3. den Entreprises den Accès un d'Technologie ze erliichteren. Duerch d'Gesetz iwwert den e-commerce an duerch d'Aféierung vun der Signature électronique ginn nei Prospektiounsméiglechkeete fir déi Betriber geschafen;

4. d'Visibilitéit vun den Informatiounsservicer fir d'Entreprisë verbessern: Guichets uniques, Système de suivi et d'évaluation régulier;

5. d'Verbesserung vum administrativen Ëmfeld vun de Betriber;

6. eng Verbesserung vun den Aarbechtsbedingungen innerhalb vun de Betriber. Och dat, Dir Dammen an Dir Hären, ass séier wichteg, well nëmmen zefridden Employéen an zefridden Aarbechter kënnen eng qualitativ héichwäerteg Aarbecht ofleeën.

Lëtzebuerg huet schonn eng ganz Rei vu Verbesserungen op dese Punkte bruecht. Mir sollen eis awer net domat begnügen oder dorop ausrouen, mä au contraire, all Measure muss an enger sech rasant entwéckelnder Economie erëm nei iwwerpréift an adaptéiert ginn.

Den Zougank zum Risikokapital muss erweidert an erliichtert ginn. Dëst ass besonnesch am Intréss vu jonke Betribsgrënner, deenen oft dat noutwendegt Startkapital fehlt, fir hir Entreprise ze lancéieren oder hir Iddi ze verwierklechen.

Am Kader vun de Budgetsdebatte vum 16. Dezember 1999 gouf d'Regierung an der Motioun 21 opgefuerdert, d'Méiglechkeet fir en adequaten institutionellen a reglementaresche Kader fir Risiko- a Startkapital ze studéieren. Hei sollen d'SNCI esou wéi d'Mutualitéite vum Handwierk an Handel an des Initiativ mat abezu ginn. Ech wëll drun erënneren, dass des Motioun eestëmmeg hei an der Chamber ugeholl ginn ass.

Bis elo ass et awer esou, dass just Entreprises, déi ënner enger Gesellschaftsform bestinn an doriwwer eraus eng Activité innovativ opweise kënnen, déijéineg sinn, déi iwwert d'SNCI Zougank zum Risikokapital hunn. Or, am Beräich vun de rengen Handwerksbetriber - laut mengen Informatiounen - gëtt et eng ganz Rei vu Betriber, déi enger handwierklecher Tätigkeet noginn, ouni ënnert déi Kritäre vun Innovatioun a Gesellschaftsform ze falen, déi d'Gesetz fir den Zougank zum Risikokapital imposéiert.

Och déi Entreprises, déi sech an der Ufanks- oder an enger Entwécklungsphas befannen, missten de Wee zum Risikokapital iwwert d'SNCI erliichtert a méi zougänglech gemaach kréien.

Ech verweisen hei op mäi Budgetsrapport vum leschte Joer, dee mëndleche wéi dee schrëftlechen, wou ech op Grond vu verschiddene Beispiller den Ist-Zoustand

skizzéiert an domat d'Noutwendegkeet vun esou enger Moossnam ënnerstrach hunn.

45 % vun de Betriber am Artisanat - an d'Zuel ass réckleefeg; dat beweist och den Impôt par voie d'assiette, deen nëmme ganz lues klëmmt - sinn nach Betriber en nom personnel. Ech stellen d'Fro: Wat fir e Grond gëtt et, fir des Betriber beim Accès zum Capital à risque vu virerän auszeschléissen? Ech ka mir einfach net virstellen, dass d'Politik en Uleies soll hunn, fir dass et zu Lëtzebuerg nëmme méi Betriber soll ginn, déi ënnert der Form vu Kapitalgesellschaften en nom personnel bestinn. Et sinn nämlech, Här President, just déi Betriber, déi en nom personnel funktionéieren, déi déi wéinegst Faillité produzéieren. Hei haft de Patron nämlech nach mat sengem gesamten Eegebesëtz. D'Fro ass, firwat déi hei éliminéieren?

Dofir wëll ech op deser Plaz den Appel un d'Regierung erneieren, wat den erweiderten Zougank zum Risiko- a Startkapital fir d'Betriber ugeet, déi an der Start- oder Entwécklungsphas sinn, an d'Fro stellen, wéi wäit d'Motioun, déi virun engem Joer vun der Regierung ugeholl ginn ass, bis elo ëmgesat gouf.

Dat steuerlecht Ëmfeld am Fall vun enger Transmissioun vun engem Betrib kéint verbessert ginn. Bis elo war et esou, dass de Fils oder d'Meedchen, wat de Betrib vun den Elteren iwwerhuele sollt, ergo huet misse Schold maachen, fir seng Geschwëster am Kader vum Transfert vum Betrib kënnen ofzeleeën.

D'Zëse vun deem Prêt konnt een net als Fraie steuerlecht ofsetzen.

Et ass dat e Punkt aus deem éischten 10-Punkte-Programm vun de Classes moyennes. De Minister, den Här Fernand Boden, huet ugekënnegt, en neien, iwwerschaften 10-Punkte-Programm ze bréngen, wat ze begréissen ass. Dee Punkt, deen ech elo grad ugeschwat hunn, ass menges Wëssens no ëmgesat ginn, awer nëmme fir Betriber, déi en nom personnel schaffen.

D'Chambre des Métiers weist mat Recht drop hin, dass des Mesuren och applicabel misste si bei enger Participatioun an enger S.à r.l. Dofir ass et wichteg, dass bei enger nächster steuerlecher Gesetzesëmännerung deem Punkt onbedéngt Rechnung gedroe gëtt.

Finalemment wollt ech a menger Interventioun op den Inflationrisiko hiweisen, deem mir och nach an der Eurozon weider wäerten ausgesat sinn.

Mir hunn dat an deene leschte Méint am Zesummenhank mat der Ënnerbewäertung vum Euro par rapport zum Dollar an am Zesummenhank mat der Präisexplosioun am Energieberäich erlieft. An hirem Avis huet d'Chambre de Commerce ausdrécklech op d'Gefore vun esou enger Inflation an eiser Wirtschaft hiweisen.

Laut dem harmoniséierten Inflationstaux fir de Mount Oktober leie mir hanner Irland mat 6 % op där zweet-

leschter Plaz. Dësen harmoniséierten Inflatiounstaux vermëttelt allerdéngs e bësschen e falscht Bild vun eise Land, insofern bei der Berechnung vun dësem Taux de Konsum vun Uelechprodukter vun den Non-résidents mat agerechent gëtt. Mä och mat engem nationalen Inflatiounstaux vun 3,45 % fir de Mount Oktober gehéiert Lëtzebuerg zesumme mat der Belsch, Griichenland, Spuenien, Irland a Portugal zu den EU-Länner mat deenen héchsten Inflatiounstauxen.

Och wann d'Inflatioun hei zu Lëtzebuerg nach net Ulass zur Besuergnis gëtt, esou ass et wichteg, fir eis kleng a Mëttelbetriber an, am Intréss vun eiser Wirtschaft, d'Präsentwécklung am A ze behalen an d'Inflatioun an der Gitt ze halen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Den Här Bodry huet d'Wuert.

M. Alex Bodry (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, gëschter - an och am Virfeld - ass dem Budgetsrapporteur vu verschiddene Säite virgeworf ginn, sai Rapport wär ze seicht, e wär flaach a géif keng Visiounen enthalen. Ech deelen déi do Kritik nëmme bedéngt a mengen, datt d'Schold dorun net beim Budgetsrapporteur läit, mä bei deem Dokument, dat hien ze kommentéieren hat, an zwar beim Budgetsprojéit fir 2001.

Vun deem Dokument si weineg Fonken eriwuer komm, an dat konnt och de Budgetsrapporteur a sengem Rapport net emänneren.

Ech sinn d'accord mat senger a mam Budgetsminister senger Aschätzung, wa si soen, datt dës Budget fir 2001 e budgetairen Équilibre erëmispigelt: gesond Statsfinanzen, eng geréng Statsverschëldung an zolidd Reserven, zumools well déi do Finanzsituatioun - an esou bescheiden ass souguer och dës Regierung - net d'Friichte si vun enger Regierungsaktivitéit vun deene leschte 15 Méint, mä, wéi de Statsminister dat bei all gudder Geleeënheet an Erënnerung rëfft, zréckzeféieren ass op d'Politik an op d'wirtschaftlech Entwécklung, déi an de leschten 10, 15 Joer hei zu Lëtzebuerg war, eng wirtschaftlech Entwécklung, déi positiv war an duerch eng Rei vu politesche Moosnamen begleet a gefördert ginn ass iwwert déi lescht zwou, dräi Legislaturperioden.

Dat, wat also vum Finanziellen hier vun dëser Koalitioun a vun dëser Regierung bei der Budgetsdebatte besonnesch an d'Vitrine gestallt gëtt - déi gutt Finanzsituatioun vum Lëtzebuerger Stat -, ass net op dat zréckzeféieren, wat zënter dem August 1999 hei zu Lëtzebuerg geschitt ass, mä dat ass eng sougenannten Altlast, wéi d'Demokratesch Partei sech gären ausdréckt. Ech géif soen, et wär eng déck an zolidd Ierfschaft, déi dës Koalitioun konnt untrieden.

Dat ass eng Altlast, déi zum Beispill aus enger Statschold vun nëmme 3,85 % géintwuer dem PIB besteet. Dat ass eng Altlast, déi aus méi wéi 70 Milliarde Frang Reserve besteet. Ouni dat kéinten dës Koalitioun an dës Regierung net déi Politik maachen, déi se wëllen duerchzéien.

D'DP war virun de Walen déi, déi haaptsächlech versicht huet, op d'Risiken hinzewiesen, déi gro Wollecken ausgemaach huet iwwert der wirtschaftlecher Situatioun vum Land. Elo sinn déi gro Wollecke verschwonnen, d'Sonn schéngt erëm, an alles ass an der Rei.

Als Sozialiste wäerte mir net an deeselwechte Feeler fale wéi d'Demokratesch Partei an deene leschte Joren. Mir soen och haut - well d'Zuelen dat ausweisen, och wann eng aner Regierung do ass -, datt déi politesch a wirtschaftlech Finanzsituatioun gesond ass hei zu Lëtzebuerg. Mir mengen, datt mir als Sozialisten a 15 Joer Regierungsbedeelegung eise Bäitrag geleescht hunn, net anerer, déi haut mat an der Regierung sëtzen.

D'Fro, déi sech haut stellt, ass: Wéi geet dës Koalitioun - an dës Regierung - mat där gudder Finanzsituatioun ëm? Wéi notzt si dës Gestaltungsraum, déi si duerch dat, wat u Reserven ugeluegt ginn ass, kritt huet, an duerch dee gesonden Équilibre, deen an der Statsfinanzen drastéiert? Et ass déi Fro, déi mir haut mussen behandelen, wou mir müssen eng kritesch Äntwert dozou ginn.

An der Debatte zu der Lag vun der Natioun huet de Premier zwëschen duerch méi nodenklech Téin ugeschnidden. Dat ass sengerzäit vun der Press als groussen Exploit ervirgehuewe ginn, nom Thema vun der nohalteger Entwécklung. Ech wëll hei net lauter Zitater uféieren, mä d'nohalteger Entwécklung sollt sech a sämtleche Politikberäicher erëmispigelen. Den Zentrum vun all politeschem Handele sollt d'Nohaltegkeet duerstellen.

Abee, wéi steet et dann haut mat der Nohaltegkeet an der konkreten Décisiounen vun der Regierung, am Laf vun dësem Joer an am Budgetsprojéit fir 2001? Gëtt deen héije Standard, deen d'Regierung an der Premier sech selwer mat deene groussen Zukunftsfroe ginn hunn, deem Dokument, wat se hei presentéieren, gerecht, jo oder neen?

Mir mengen, datt dat net de Fall ass. Mir mengen, datt virun allem hei deiselwecht Froen erëm eng Kéier mat anere Wieder opgeworf ginn, datt souguer och net usazweis konkret Äntwerten op déi Froestellung - op dat Politibiddilemma, wat de Premier nach am Mee gezechent huet - virleien.

Och de Budgetsrapporteur huet am Fong geholl a sengem mëndleche Rapport näischt anescht gemaach wéi de Premier ze paraphraséieren an erëm eng Kéier deiselwecht Froen opzeweieren. Et ass awer nun eben

net nëmmen d'Aufgab vun der Regierung, fir Froen opzuerwerfen, mä et ass och hir Aufgab, fir Äntwerten ze ginn.

Keng Äntwert gëtt et bei de Renten. Et ass e Joer vun de verpasste Chancen.

Keng Äntwert gëtt et bei der Ëmweltpolitik. Do ass et net vill besser gaangen. Wann een déi uschwätzt, dann ass déi eenzeg Äntwert, déi een ëmmer erëm kritt, déi vun den 1,5 Milliounen Euro nei Kreditter fir erneierbar Energien. Dat si 60 Milliounen Frang, bei engem Gesamtstatsbudget vun 220 Milliarden. Ech muss éierlech soen, datt et domat net duergeet, wann een dann och nach bedenkt, wéi zerstridden d'Regierung an der Ausrichtung vun hirer Energiepolitik ass, wou den Här Goerens fir d'Regierung op Pressekonferenz Programmer virleet a sech Zilsetzungen am Beräich vun den erneierbaren Energie gëtt an de Wirtschaftsminister an engem Ministerrot zu Bréissel de Contraire behaupt, wou den Här Goerens an aner Leit heihi kommen a soen, datt si zu deem Engagement stinn, dat d'Klimakonferenz eis operluegt huet, vu minus 28 % bei den Zäregase bis 2010, wou den Här Grethen da bei enger öffentlecher Table ronde seet, d'Regierung wär jo verréckt, fir esou eng Zilsetzung iwwerhaupt an Erwägung ze zéien.

Wéi soll do eng nohalteg Politik bedriwwen ginn, wann esou en Duercheneen an der Ausrichtung an an der Zilsetzung vun der Energiepolitik besteet, wat e kruziale Facteur ass vun all Nohaltegkeet?

Et kann een där Beispiller do nach vill opféieren.

Am Transportwiesen: Ass et eng nohalteg Décisioun, wann ee seet, datt de Cargoflughafen elo nach weider ausgebaut gëtt? Ass et eng nohalteg Décisioun ze soen, datt ee fir eng O+-Variant beim Bus-Tram-Bunn-Projet ass? D'Null seet scho bal alles. Dat bedeit de Stéllstand, an O+ ass eng Verschënerung vun deem Ganzen.

Ass et richtig, datt an dësem Budget keng nei Akzenter an deem wichtege Beräich vum öffentlechen Transport dra sinn? Et ginn haaptsächlech zousätzlech Stroosse gebaut. Aner riseg Projete ginn trotz technischer Bedenken awer einfach duerchgezunn.

Et brauch een net esou wäit ze goen, Dir Dammen an Dir Hären, fir vu 700.000 Awunner hei ze schwätzen um Horizont 2050. Loosse mer mol e Stéchdatum huelen, dee méi no ass. Loosse mer mol kucken, wat 2010 hei zu Lëtzebuerg lass ass, wann déi Entwécklung esou weider geet wéi an deene leschte Joren. Da leie mir hei zu Lëtzebuerg bei 460.000 Awunner, a mir hu wäit iwwer honnerttausend Pendler, déi all Dag op Lëtzebuerg kommen, wou mir elo scho mat deene 70.000-80.000, déi mir haut hunn, total congestionnéiert sinn an an e Verkéierschaos kommen.

Mat deene Feelentscheidungen an deem Zögeren, fir wierklech einschneidend Décisiounen am Transportbe-

räich ze huelen, nieft dem Energieberäich, brauch een net méi vun Nohaltegkeet an Zukunft ze schwätzen. Hei gi wichteg Méint a Joren u Chancë verdoen, fir déi richtig Décisiounen zukunftsweisend an deenen do Beräicher ze huelen.

D'Sozialwiesen ass ënner anerem e kruziaalt Feld, wou d'Nohaltegkeet muss spillen. Wat ass dann do un Décisiounen geholl ginn am Laf vun deem leschte Joer? A puncto Krankekeesen? A puncto Spidolswiesen? A puncto geplangte Bettenofbau? Zum Beispill de Moratoire, dee verhaange ginn ass, d'Zréckstelle vu groussen Projeten am Beräich vun der Moderniséierung bei de Spidolsinfrastrukturen. Ass dat alles kompatibel mat deem offiziellen Diskurs vun der Nohaltegkeet, deen ëmmer erëm a verschiddene Rieden hei opgeworf gëtt?

Dat do ass d'Realitéit, net déi schéi Rieden, déi all Joer vun de Majoritéitspolitiker hei gehale ginn.

Wéi ass et zum Beispill mat engem koherente Konzept a puncto Dezentraliséierung vun der Statsverwaltung hei zu Lëtzebuerg? Firwat ass näischt geschitt zënter dem Mee 1999, wou eng Etüd fäerdeg gestallt ginn ass iwwer eng Methodik vun der Dezentraliséierung vun de Statsverwaltungen? Déi verschimmelt an engem Tirang vum Inneministère, amplaz se opze-gräfen a sech en Zäitplang ze ginn, fir eng konsequent Dezentraliséierungspolitik ze maachen.

All Respekt fir dat, wat weidergedriwwen ginn ass a puncto Industriebroochen. Mä domat geet et net duer. Mir brauchen net nëmme punktuell Décisiounen, fir mol hei, mol do eng Statsverwaltung ënnerzebréngen, vläicht och grad, well soss kee se wëll, mä mir brauche wierklech eng kloer Linn an deem ganze Beräich. Ech ka mech nëmme wonneren, wat d'Industriebroochen ubelaangt, datt elo am Statsbudget e Kredit drasteet vun - lauschtert gutt - 7,4 Milliounen Euro, wat den Investissement vun där Entwicklungsgesellschaft do ugeet.

7,4 Milliounen seet mir eppes. Dat läit ganz no bei deene berühmt-berüchtigte 7,5 Milliounen Euro, wou muss bei esou Engagementer vum Stat e Spezialgesetz gestëmmt ginn. Hei gëtt versicht, e Contournement vun de Gesetzer ze maachen. Erëm eng Kéier! Net nëmmen an de Bauprojeten, mä et ass ganz kloer vun der Regierung deklaréiert ginn, datt déi Gesellschaft e Kapital vun iwwer zwou Milliarden Frang soll hunn. Dat misst duerch e Spezialgesetz vun der Chamber guttgeheescht ginn.

Wat mécht d'Regierung? Si geet hin a setzt am Ufank e ganz klengt Ufankskapital vun der Entwicklungsgesellschaft an, an am Statsbudget geet si ouni Spezialgesetz hin a schreift e Kredit an, dee just ënnert der Limite ass vun deem, wou d'Chamber misst e speziellen Accord ginn, fir op deen do Wee ze goen. Hei gëtt sech net un den Text gehalten. Hei gëtt menger Ansicht no absichtlech de Contournement vun

de Prozedure gemaach. D'Verfassung, den Artikel 99, soll iwwert deen do Wee ausser Kraaft gesat ginn.

Dat wäerte mir an där do Form net acceptéieren. All déi Froen hei mussen öffentlech an der Chamber diskutéiert ginn.

Mir kennen dat schonn aus anere Beräicher. Am Beräich vun der Verdeidigung gi politesch a finanziell Engagementer vun der Regierung geholl. En Transportflieger an en Transportschëff fir Milliarde vu Frangen, ouni datt d'Chamber iwwer e Spezialgesetz hiren Accord ginn huet: Dat si verbindlech Engagementer, déi d'Regierung agaangen ass.

Ech wunnere mech och, datt des Weideren op verschiddene Plazen am Budget elo scho Kreditter stinn, déi nodréiglech am Laf vum Joer duerch e Spezialgesetz vun der Chamber musse guttgeheescht ginn, wou eigentlech d'Budgetkreditter net duer ginn, fir déi rechtlech Grondlag vun deem Engagement do duerststellen. Dat gëllt och erëm eng Kéier fir de Verdeidigungsberäich.

Mä wa mer vun deenen dote Froen ofgesinn, Nohaltegkeet a Respekt vun elementare Prozedure vun eise Rechtsstat, kommen ech da ganz gären op déi Fro vu weideren Akzenter an deem heite Budget. An do géif ech gären emol dat uféieren, wat d'Regierung selwer gesot huet, respektiv de Rapporteur an der Virstellung vum Statsbudget, wat dann d'Schwéierpunkte wäeren.

Ech géif dräi Beispiller wëllen opzielen.

M. le Président.- Här Bodry, den Här Minister géif lech gären eng Fro stellen.

M. Alex Bodry (LSAP).- Ech wier frou, wann ech mäin Développement zu deem heiten Thema awer kéint weiderféieren.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Et ass zu deem Saz virun, well Der hei gesot hutt, et géife wesentlech Prinzipie vun dësem Rechtsstat violéiert ginn. Dofir fannen ech, dass ech muss direkt intervenéieren, well ech dat muss staark zréckweisen.

Et ass ganz kloer, dass, wa souwuel bei den Dépenses am Beräich vun der Verdeidigung, wann do e Schëff géif mat de Belsch finanziert ginn, wéi bei der Société de Développement, vun där Der virdu geschwat hutt, déi Montante géifen dépasséiert ginn, also 7,5 Milliounen Euro, et da selbstverständlech ass, dass d'Regierung e Spezialgesetz abréngt, a mir hunn net méi spéit wéi zu Nice, um Rand vun deem Sommet, e Gespréich gehat mat der belscher Regierung, wou nach eng Kéier iwwert dee Projet Rieds gaangen ass, och iwwert dat Schëff, dat soll mat de Belsch am Beräich vun der Défense eventuell zesumme gebaut ginn, an do ass och vu Regierungssäit gesot ginn, dass mir selbstverständlech missten den Accord vum Parlament dozou siche goen.

Et schéngt mer elementar, hei festzehalen, dass d'Regierung sech un déi Gesetzter hält an domat an d'Chamber wäert kommen.

Ech wollt dat just präziséieren. Hei gëtt also net de Rechtsstat iwwer Bord gehäit.

M. Alex Bodry (LSAP).- Här President, ech deelen dem Budgetsminister seng Aschätzung net, wat d'Entwécklungsgesellschaft ugeet. Do ass e politeschen Accord mat der ARBED getraff ginn, deen d'Regierung ënnerschriwwen huet, wou e maximalen Engagement a Milliardenhéicht virgesinn ass an deem dote Beräich. A wann dat d'Absicht ass vun der Regierung, muss d'Regierung net eréischt, wann dee Montant dépasséiert ass, mä scho virdu virun d'Chamber kommen, well d'Absicht schrëftlech virläit vun der Regierung, fir doriwwer erauszugeen. Et kann een net bis un de Montant erfueren an dann, wann en iwwerschritt ass, soen: Elo kommen ech an d'Chamber, well dat ganz Konzept läit vu virer an um Dësch, an et muss een am Virfeld bei d'Chamber kommen. Ech bleiwe bei menger Meenung, dass, wann d'Absichten esou däitlech waren, d'Regierung misst direkt virun d'Chamber kommen, an net eréischt an e puer Joer, wann dee Plafong iwwerschritt ass.

Ech kommen awer zréck zu mengen aneren Ausféierungen zum Budgetsprojekt 2001, wou bei der Presentatioun gesot ginn ass, d'Sozialwiesen ass elo wierkelech e groussen Akzent vun dësem Budget. Dovun ofgesinn, dass dat och bei de viregte Regierungen ëmmer ee vun den Akzenter war, wonneren ech mech dann awer, wann ech d'Zuele kucken.

Als Beleg fir déi Ausso do seet d'Regierung: D'Sozialausgaben am Statsbudget ginn ëm 9 % an d'Luucht a belafen sech elo op 88 Milliarden. Dat klénkt ganz gutt, et klénkt awer vill manner gutt, wann ee bedenkt, dass de Gesamtbudget op der Ausgabesäit ëm 11,5 % an d'Luucht geet. Dat heescht, d'Sozialausgabe steige manner staark wéi de gesamte Budget. Ech gesinn do net, wou dee groussen Akzent an der Sozialpolitik soll leien, wann d'Sozialausgabe manner schnell steige wéi de Budget vum Stat insgesamt. An et kéint een dat do och nach op déi aner sougenannt Akzenter vun der Regierungspolitik an dësem Budget ausdehnen.

Wat d'Schoulwiesen ubelaangt, liesen ech mat grousser Interesse am Budgetsrapport, dass de Budget vum Éducationnsministère géint iwwer dem Virjoer am Joer 2001 soll ëm 7,95 % an d'Luucht goen. Ech huelen un, dass dat d'Dépenses courantes sinn. Ech stellen awer fest, dass d'Dépense beim Budget de consommation ëm 8,77 % an Luucht ginn. Also, och do steigt de Volet vun der Éducation nationale manner staark wéi dee vum Gesamtvolum vum Stat fir d'nächst Joer. Et ass also kee groussen politeschen Akzent, mä et ass eigentlech e gebremstene

Wuesstum par rapport zu deem, wat fir de Gesamtbudget fir 2001 gëllt.

Ech kann en anert Beispill uféieren. D'öffentlech Sécherheet gëtt och an d'Vitrine gestallt, obschonn d'Demokratesch Partei do jo vill méi roueg ginn ass. Ech hu keng Pressekonferenz méi matkritt a leschter Zäit zu deem doten Thema, obschonn et genuch Ulass ginn hätt an deene leschte Méint, fir dat e bësse méi genau ënnert d'Lupp ze huelen. D'DP a besonnesch d'Mme Polfer si ganz roueg ginn op deem doten Thema. Vun där sougenannter Well vu Verbrieche, déi an de vergaangene Joren iwwert d'Land gaangen ass, schéngt elo näischt méi ze bestoen. Et gëtt eng spannend Diskussioun, wa mer déi neiste Statistiken iwwert d'Kriminalitéit hei zu Lëtzebuerg kréien, wann den Inneminister dann och de Courage huet, déi öffentlech virzestellen. En huet et d'lescht Joer net gemaach. Jiddefalls wäert et eng öffentlech Debatt zu där Problematik ginn. Esou einfach kann ee sech net verstoppen hannert enger Entwécklung.

Mä och do géif ech einfach gär nëmmen d'Budgetsuele kucken, wat d'öffentlech Sécherheet ugeet. Do gëtt gesot, formidabel, déi ginn ëm 11,4 % an d'Luucht. Wat vergiess ginn ass ze soen, dat ass, dass déi doten Augmentatioun praktesch ausschliesslech op zwee Facteuren zrëckzeféieren ass.

D'Fusioun, nei Gebailechkeeten, d'Gebaier mussen ëmgebaut ginn - dat war geplangt vu vireran; dat gëtt iwwer e puer Joer duerchgezunn -, an d'Personalkäschten, well einfach beim Accord salarial den Index vum Budget vun der Police iwwerdurchschnittlech staark an d'Gewicht fällt. 2/3 vun där Erhéijung sinn eleng Personalkäschten. Dat huet näischt mat zousätzlechem Personal ze dinn. Dozou wëll ech och eppes soen.

Do huet sech d'Koalitioun d'lescht Joer domadder gebreetzt, mir maachen elo méi wéi déi Regierungen virdrun. 50 nei Plaze waren am Budget 2000 virgesinn, an am Budget 2001 sinn eigentlech nach 20 zousätzlech Posten, déi iwwert den Numerus clausus bäikommen. Et ass genau dee Rhythmus, dee mer iwwert déi lescht 10 Joer hei zu Lëtzebuerg bei der Police haten. Ech kann also net erkennen, wat dee formidabelen neien Akzent an deem dote Beräich soll sinn.

Äusser Sécherheet, Défense: Och do hunn ech schonn op déi Problemer opmierksam gemaach, déi mer am rechtliche Beräich gesi mat deem Engagement, deem d'Regierung agaangen ass, wat den Transportflieger an d'Transportschéffer ugeet, an do stellt sech och d'Fro, ob se politesch déi richteg Décisioun geholl huet, ob se net lichterfankeg déi Optioun, déi um Dësch loug, fir Helikopteren anzekafen, ewechgewëscht huet, fir a Schéffer an an de Flieger ze investéieren. Ech sinn der Meenung, op Grond vun den Entwécklungen vun de leschte Méint, dass et eng richteg Décisioun gewiescht

wär, éischter prioritär an d'Helikopteren ze investéieren anstatt a Schéffer an an Transportfliegeren, mä mat deene Suen, déi momentan do sinn, gesinn ech keng Schwierigkeet, dass een zousätzlech nach kann Helikopteren als Lëtzebuurger Stat akafen, fir se och hei zu Lëtzebuerg an net onbedéngt am Ausland kënnen anzesetzen.

Den Här Rippinger war gëschter esou léif, fir meng Ried zum 2000er Budget hei ze zitéieren. Deemools hat meng Fraktioun eng ganz Rëtsch Kritiken zu deem 2000er Budget abruecht, an ech wëll se nach eng Kéier uféieren, wat d'Motivatioun vun eisem Neen zu deem 2000er Budget ugeet.

Deemools ass gesot ginn: „Mir wäerten dëse Budget net stëmmen, well dëse Budget eng Regierungsorganisatioun erëmspigelt, déi an hirer Grondausrichtung wënsch an onausgeglach ass.

Mir wäerten dëse Budget net stëmmen, well en net der Wourécht entsprécht. Mir wäerten dëse Budget net stëmmen, well hien d'Steierlaascht uwuesse léisst, anstatt se direkt erofzesetzen.

Mir wäerten dëse Budget net stëmmen, well d'Weichstellung an der Sozial-, der Gesondheits- an der Ëmweltpolitik falsch ass.

A mir wäerten dëse Budget net stëmmen, well hien a kengem Mooss eng Äntwert op déi grouss Zukunftsfro vun eisem Land duerstellt.“

Deemools ass vun de Regierungssprecher hei gesot ginn: Et ass alles Quatsch, wat d'Sozialisten do verzielen. Dat ass alles ganz anescht.

Gëschter ass den Här Rippinger heihinner komm an huet gesot: Dir hat deemools zwar Recht, mä elo fir den 2001ter Budget stëmmt dat net méi. Do ass jo d'Ausgankslag ganz anescht.

An effektiv hu mer als Sozialiste Recht kritt mat alle fundamentale Kritiken, déi d'Grundlag vun eisem Neen zum 2000er Budget waren. Mir hu Recht kritt bei der falscher Aschätzung vun den Einnahmen vum Stat. Ech si sécher, dass dëse Stat wäert am Joer 2000 un déi 20 Milliarde Plus-valuë kréien. Eleng de Progressivitäts- vum 2001ter Budget läit bei gutt 13 %. Bei dee misst een nach eng Kéier 8 Milliarde bäischloen. Dat sinn déi Milliarden, déi eigentlech am Budget 2001 feelee weinst de Steuererliichterungen.

Da komme mer also op e risege Pak vu méi wéi 16 % Ënnerscheed tëschent dem 2000er an dem 2001ter Budget. Dat huet näischt mat Wirtschaftsentwécklung ze dinn. Dat huet mat enger falscher Aschätzung vun den Einnahmen ze dinn. Dat hu mer deemools dénoncéiert, a mir hu Recht kritt duerch déi Zuelen, déi haut um Dësch leien.

Datselwecht gëllt fir den Duercheneen an de Kompetenzen. D'Waasserwirtschaftsamt besteet nach ëmmer net. Bei der Kommodo-Genuehmung sinn ech sécher,

dass an Zukunft dräi Ministeren déi mussen ënnerschreiwen. Wéi dat kompatibel ass mat enger grousser Verwaltungsreform, dat kann d'Regierung da spéiderhin dëser Chamber nach eng Kéier erklären.

Méi Transparenz, wéi den Här Rippinger dat gëschter hei ugeschnidden huet, bréngt dëse Budget och net, well weder d'Fuerderung vum Budget rectifié, déi mir gärén opgegraff hätten, zréckbehale ginn ass vun dëser Koalitioun - an do muss d'Demokratesch Partei Kräid friessen op deem dote Punkt -, an och nach eppes anescht net gemaach ginn ass an deem 2001ter Budget, an zwar och eng richtig Aschätzung vun deene groussen ausseruerdentlechen Ausgaben iwwert d'Fongen.

D'Regierung ass net higaangen, obwuel se weess, dass de Bauindex grad an deem leschte Joer eng fulgulant Steigerung matgemaach huet, dass all d'Ausschreiwungen alt 20 % iwwert d'Devien erausginn, fir eng Upassung vun hirem Zuelematerial ze maachen. Déi Zuelen, déi mir an deenen eenzelnen Investitiounsfonge stoen hunn, déi eis presentéiert gi si virun e puer Wochen, si falsch, well se net der Realitéit entspriechen, sou dass ech ka mat rouegem Gewësse soen, dass mer Recht kritt hu mat all deem, wat mer zum 2000er Budget gesot hunn. D'Zuele weisen dat aus, an déi grondlegend Ausrichtung vun eise Kritike gëllt och haut nach, well grondlegend sech an der Budgetpolitik vun dëser Regierung näischt geännert huet zu de Virjoren.

Si huet just aus der Nout eng Dugend gemaach. Si huet jo missten eng aner Aschätzung virhuele vun den Dépensen, fir kënnen eng Steiererlicherterung nach ze rechtfertegen, eng Steiererlicherterung - an do wëll ech net esou grausam sinn, den Här Weiler hei ze zitëiere vun den Dezemberdiskussionen vum leschte Joer -, déi mir als Sozialiste gefrot haten, direkt ze maachen, wou den Här Weiler an och d'Spriecher vun der DP gesot hunn: Dat kënnt net a Fro. Den 1. Januar 2002 ass dee richtigen Zäitpunkt, well mir brauche vill Zäit, méi wéi e Joer, fir déi Steuerreform do ze preparéieren. Den Här Weiler ass souguer esou wäit gaangen an huet déi Steuerreform un den Tarif gekoppelt, un d'Reform vun den Abattementen.

Näischt méi wouer, wat hei gesot ginn ass vun den Haaftsprécher vun CSV an DP. Et ass alles ganz anescht gaangen, a mir hunn am Fong och do am Nachhinein Recht kritt, well d'Regierung gesinn huet, dass se ze wäit gaangen ass. Dat, wat d'Leit elo dat éischt Joer als Steiererlicherterung kréien, ass zu engem Deel dat, wat se zu Onrecht am Joer 2000 hu missen u Steiere bezuelen, wou et duerchaus mat deene Virussoen un Einnahme méiglech gewiescht wär, déi dote Steuerreform schonn am vergaangene Joer duerchgezéien, wéi mir et als LSAP-Fraktioun gefrot haten.

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss vu mengen Ausféierungen. Ech sinn der Meinung, dass dat hei e Budget ass, deen ech géif als 0+-Budget bezeichnen. Et ass d'O+-Variant vun der Budgetpolitik vun dëser Regierung.

Null, well wéineg Neies dran ass. Et ass en zolidd Budget am Équiliber, mä deen net façonnéiert ass mat Iddien, an de Plus ass dorobber zréckzeféieren, dass eben d'Statskeese voll sinn an ee ka mat der Strenz riets a lénks ausdeelen. Et feelt u kloere Prioritéiten an dësem Statsbudget. Dat geet scho praktesch eraus aus deem, wat den Haaftsprécher vun der CSV, der gréisster Regierungspartei, gëschter hei presentéiert huet.

En huet sech drolegerweis méi mat der LSAP-Opposition auseneegesat wéi mam Statsbudget, an e weess och firwat en dat gemaach huet, well en näischt dra fonnt huet, wat der Méi gewiescht wär, laang kommentéiert ze ginn op dëser Tribün. Dat ass och eis Aschätzung vun deem dote Budget, an dofir wäerte mir en net stëmmen.

M. le Président.- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Marco Schroell agedroen. Den Här Schroell huet d'Wuert.

M. Marco Schroell (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Sécurité sociale am Budget 2001 mécht ronn 50 Milliarden aus. Dat si bal 25 % vum gesamte Statsbudget. Mat dëse Sue finanzéiert de Stat ronn 1/3 vun de Kranken- a Pensiounskeesen, awer och vum Unfall a vun der Fleegeversécherung. Ech wëll mech haut op déi zwee éischt Poste beschränken.

Ech hat schonn hei op der Tribün d'Geleeënheet, fir op déi strukturell Problemer vun der Assurance maladie hinzeweisen. Et ass dat d'Gestioun vun de Krankekeesen, wou d'Salariat vertrauten ass duerch Gewerkschaften, déi op där enger Säit fir niddreg Cotisationen fir d'Assurée antrieden an op där anerer Säit Kollektivverträge fir d'Spidolspersonal verhandelen. D'Haaftfournisseuren allerdéngs - wéi d'Dokteren - sinn doran net vertrauten. Et ass dofir och net verwonnerlech, wann de Corps médical, virun de Fait accompli gesat, rebelléiert!

Dann ass et d'Jurisprudenz Kohll-Decker, duerch déi d'Territorialitéit vun der Assurance maladie opgehuewen an doduerch d'Kontrollméiglechkeet vun der UCM ageschränkt gouf. Et ass dat de Finanzement vun de Krankekeesen duerch d'Sozialpartner an de Stat, deen zu enger chronischer Pénurie vu Moyene féiert. Et ass dat de Conventionnement automatique an obligatoire vun de Prestataires de soins, deen all Leeschtung iwwer dee sougenannten „utile et nécessaire“ onméiglech mécht.

Den dynamesche Secteur vun der Gesondheet gëtt domat artificiel an engem Carcan gehalten, anstatt datt d'Leit sech e Supplément un Dingschtleeschung,

Confort an Notoriétéit leeschte kéinten. Firwat net och aus dem Gesondheitswiesen e Secteur économique porteur maachen, deen zur Diversificatioun vun eiser Wirtschaft bäidroen kéint?

Mä zréck zu eiser gesetzlecher Krankeversécherung. De President vun der UCM, den Här Kieffer, huet ausgerechent, datt an deene leschte Joren d'Consommation vu Gesondheitsprestatiounen pro Kapp all Joer netto ëm 5 % zouhëlt, an dat bei enger gläichbleiwender Altersstruktur. D'Progressioun ass déiselwecht bei de Spideeler, den Dokteren, den Apdikten, de Laboratoiren.

Ouni fundamental Reformen ass eise System geschwënn net méi finanzéierbar! D'Augmentatioun vun de Cotisatiounstauxen huet seng Grenzen, souwuel fir den Assuré, dee seng Kafkraaft wëll halen, wéi fir d'Betriber, déi kompetitiv bleiwe wëllen. Datselwecht gëllt fir d'Ausdehne vun der Assiette cotisable op sechs-, siwen- oder aachtmol de Mindestloun. Eng Alternativ wär hei eng Contribution sociale généralisée, déi prélevéiert gëtt op de Revenue vun de Bierger a vun de Betriber. D'Fleegeversécherung gëtt jo scho sou finanzéiert.

D'Offer vun der UCM muss qualitativ a quantitativ sou gutt bleiwen, datt et net zu enger zwou-Klasse-Medezin ka kommen. Mä donieft gesinn ech net an, firwat datt d'Gesondheitsausgaben duerch eng rigid Budgetiséierung solle rationéiert ginn. Loosse mer d'Krankekeesen de mëttleren an de grouse Risiko couvréieren. De Bierger ass duerchaus bereet, de kleng Risiko, de Confort an e bessere Service selwer oder iwwer eng Zousazversécherung ze iwwerhuelen. Wéi bis elo mussen dann Härtefäll iwwer sozial Transferte kompenséiert ginn!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Här Schroell, wann ech d'äerf nohaken: Hunn ech lech richteg verstanen, dass Der op där enger Säit sot, dass d'Ausgabe vun de Krankekeesen net sollen duerch eng strikt Budgetiséierung limitéiert ginn, an op där anerer Säit sot Der awer, et soll een d'Leeschungen ofbauen, doduerch dass ee gewëss Risiken ausschléisst. Ass dat net e gewëssene Widdersproch: op där enger Säit net Begrenzung, op där anerer Säit Begrenzung?

M. Marco Schroell (DP).- Neen, Här Di Bartolomeo! Ech gesinn dat sou - ech bleiwe bei mengem Beispill vum Risiko -, datt de mëttleren a grouse Risiko géif vun der Assurance maladie iwwerholl ginn, ...

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- ...egal, wat e kascht!

M. Marco Schroell (DP).- ...a bei deem kleng Risiko, do misste mer dann all selwer bäidroen, iwwer Zousazversécherungen z. B.!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Wann ech just d'äerf nohaken, eng Sekonn, bei där Contribution généralisée: Sidd Der do der Meinung, dass dat soll équi-

bréiert op Assuréeen a Betriber verdeelt ginn, well bei deem Beispill, dat Der gebraucht hutt - d'Fleegeversécherung - ass deen Équilibre net do!

M. Marco Schroell (DP).- Ech si fir en équilibréierte Prélèvement social généralisé, e bëssen nom franséische Modell!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Merci!

M. Marco Schroell (DP).- Ech mengen, d'Krankekeesegesetz vun 1992 muss reforméiert ginn, an d'Lëtzebuerger musse soen, wivill Responsabilitéit si selwer fir hir Gesondheet wëllen iwwerhuelen.

Här President, bei de Pensiounskeesen ass et net anescht! Och hei besti strukturell Problemer, och wann à première vue d'Ham an der Mëllech gekacht gëtt.

Iwwert de Premier gouf gelästert, well e virun dräi Joer gesot huet, datt mer den 1. Januar 2015 mat Karacho an d'Mauer renne géifen. Hien huet sech zwar am Datum géiert, mä iergendeng Kéier no 2020 sinn d'Reserve vun de Pensiounskeesen opgebraucht, ...

(Interruptions et hilarité)

...an dat entweder mat engem Pensiounskeesebeitrag vu 50 % an 120 Pensionisten op 100 Aktiver, oder awer mat engem Beitrag vun 28 %, praktesch deeselwechte wéi haut, mä mat enger demographescher Explosioun vu 600.000 Beschäftegten, ech betoune Beschäftegten, net Awunner! Dat sinn d'Simulatiounen vum Bureau International du Travail vu Genève, dem BIT, fir de Fall, wou eis Pensiounsregime ouni strukturell Reforme weider lafen.

Am Januar gi mer d'Reformpropositiounen vum BIT gewuer. Gewosst ass awer elo schon, datt fir de BIT de Problem zu Lëtzebuerg bei der Freipensionéierung läit, haaptsächlech bei deem extrem héijen Niveau vun Invaliditéiten. D'Invaliditéitsregelung hei am Land huet fir de BIT net vill mat Invaliditéit ze dinn, mä ass eng Aart Préretraiteregulung. Si schreiwen an hirem Bericht fir déi zoustänneg Chamberkommissioun, ech zitieren: „Soviele Leute können überhaupt nicht von Gerüsten fallen! Es sind da Kriterien, wo man sagen muss: Die mögen politisch gewollt sein, aber sie spiegeln sicherlich nicht die reale Invalidisierung in diesem Land wider!“

D'Statistiken vun der Inspection Générale de la Sécurité sociale weisen tatsächlech, datt mir Lëtzebuerger an der Moyenne mat 55 Joer a Pension ginn oder eng Invaliditéit kréien, an hei stécht de Mued an der Ham. Strukturell Reforme vun eise Pensiounsregime si bluttnéideg, awer net iwwert d'Ausbezuelen vun engem 13. Mount, deen net emol jidder Aktiven zegutt huet, oder iwwer eng nach méi grousszügig Invaliditéitsregelung, mä villméi iwwert d'Schaffung vun Incitants, fir méi laang beruflech aktiv ze bleiwen.

(Coups de cloche de la Présidence)

Ech wëll hei net falsch verstane ginn! Mir all kenne Leit, wou ee sech freet: Firwat schafft deen do net méi? Mir kennen der awer och, wou mir eis froen: Firwat huet deen do nach keng Invalidérent? Ech sinn d'accord mam Här Schroeder, dem Direkter vun der IGSS, wann e mengt, mir missten eis bewosst sinn, datt d'Finalitéit vu jidder Pensiounssystem nëmmen déi ka sinn, en Ersatzrevenu ze garantéieren am Fall vun Alter, Invaliditéit, Ewechfale vun den Elteren oder vum Partner. Dat gëllt fir déi Retraitéiert a fir déi Aktiv vun haut, mä och fir déi zukünftég Generatiounen. D'Responsabilitéit vun enger Pensiounskeess läit am „long terme“, net an der kuerzfristeger Effekthascherei duerch Grosszügigkeiten, déi méiglech wäeren, well momentan d'Keess stëmmt.

Här President, déi...

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här Schroell, erlaabt mer eng Tëschefro! Ziele fir lech och déiselwecht Argumenter, wat d'Laangfristegkeet ubelaangt, fir d'Fonction publique?

M. Marco Schroell (DP).- Ech mengen, dat ass evident!

(Hilarité et interruption)

Mir kucke jo, op eng gewëss Konvergenz ze kommen!

M. Gast Gibéryen (ADR).- An anere Wieder: D'DP trëtt dofir an, datt de 5/6-Pensiounssystem soll an der Fonction publique weiderhi bestoe bleiwen!

M. John Schummer (DP).- Loosst den Här Schroell schwätzen!

M. le Président.- Jo, loosst den Här Schroell schwätzen!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Ma neen, et ass eng Fro, déi ech stellen. Dir triet jo dofir an als Demokratesch Partei!

M. Jean Asselborn (LSAP).- Här Schroell, ech wëll lech just soen: Dir braucht net drop ze äntweren!

(Hilarité)

M. Marco Schroell (DP).- Ech wollt den Här Gibéryen un d'Regierung...

M. Gast Gibéryen (ADR).- ...weider ginn!

(Hilarité et interruptions diverses)

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Bravo!

M. Marco Schroell (DP).- Här President, déi laangfristeg Finanzéierbarkeet vun eisem Rentewiese muss ofgeséichert bleiwen! Och an der Sozialpolitik ass Nohaltegkeet gefrot!

Ech soe merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Robert Garcia agedroen. Den Här Garcia huet d'Wuert.

(Interruption)

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, entschëllegt, dass ech lech aus Ulass vum Budget muss mat Zuele belästegen. Dat schéngt net sou üblech ze si beim Budget, mä e Budget besteet eben haaptsächlech aus Zuelen, an ech wollt eng Partie vun den Zuele vum Kulturbudget e bësse méi enger genauer Analys ënnerzéien. Ech wollt haaptsächlech dräi Mythen hannerfroen, déi hei am Kader vum Kulturbudget zu Lëtzebuerg zirkuléieren.

- Den éischte Mythos ass, dass de Kulturbudget géif kontinuéierlech steigen.

- Den zweete Mythos ass, d'Kulturförderung am Kader vum Kulturbudget géif haaptsächlech privaten Initiativen zegutt kommen, net der staatlecher Prestigepolitik.

- Den drëtte Mythos ass, an der Vergab vu Subsidien a Konventionne géif Dialog an Transparenz an deser Regierung virherrschen.

Zum éischte Mythos, de Kulturbudget steigt kontinuéierlech.

Dat war bis viru kuerzem effektiv de Fall: tëscht 1998 an 1999 ëm 27,5 %, tëscht 1999 an 2000 ëm 13,7 %, an des Käier, fir d'éischt Käier säit aacht Joer, ass de reguläre Kulturbudget ëm 0,25 % gefall. Dat ass natierlech geschéckt kaschéiert doduerch, dass et net nëmmen an Euro ausgedréckt ass, mä och well den Enseignement supérieur mat der Kultur zesumme geschloen ass, a vu dass den Enseignement supérieur an d'Recherche staark Wuesstumsschub kennen, kéint ee mengen, dass de Kulturbudget och gestiege wär.

Mir hunn also fir d'éischt Käier säit aacht Joer e Kulturbudget, deen net nëmme manner wiisst wéi d'Norme budgétaire, mä och nach ëm 0,25 % zrëckgeet. Ech bieden lech, dat eng Käier festzehalen!

Wann een dann d'Ventilatioun vum Kulturbudget kuckt... E bedréit am Ganze 46 Milliounen Euro. Vun deene 46 Milliounen Euro ginn 20 Milliounen un déi bestehend Instituts culturels. Wann een dann aner staatlech Institutiounen dobäi rechent wéi den 100,7, de Musée d'Art moderne, den OPL an de Centre de rencontres Neumünster, da komme mer am Ganzen op 32 Milliounen Euro vu 46. Dat heescht, 70 % vum Kulturbudget fléissen a staatlech Institutiounen!

Wann een da kuckt, wat an dee berühmte privaten an associative Secteur fléisst, da kënnt ee bei de Konventionne fir Associatiounen op 2,5 Milliounen Euro, bei de Subsidien op eng Millioun Euro, an da kommen nach sou Peanuts dobäi fir Presse culturelle, Subsidies littéraires, Production littéraire, Bourses pour artistes indépendants vun 0,16 Milliounen Euro, an de Congé culturel, dee jo ëmmer sou an d'Fënster gestallt gëtt, mat 0,01 Milliounen Euro.

Mir kommen also, wann een dat elo ofrechent - déi Sue fir aner staatlech Aktivitéite wéi z. B. Aktivitéiten am Kader vun der UNESCO, Échangé mat anere Länner -, beim net staatlechen an net Gemengesecteur op e Gesamtvolumen vu 5,35 Milliounen Euro, déi un dee sougenannte privaten oder associative Sectar ginn. Dat representéiert 11,6 % vum Budget! Wann een elo e bësse méi streng ass a just den associative Sectar kuckt, da si mer op 8,8 % vum deem Budget, wat natierlech diamétralement opposéiert ass zum offiziellen Discours, wou ëmmer gesot gëtt, dass d'Suen haaptsächlech géifen an de private Sectar fléissen!

D'Tatsaach, dass 88,4 % vun de Suen an den öffentliche Sectar fléissen, wäert sech an deenen nächste fënnef Joer awer nach verstärken, wéi ech mat enger virsiichteger Projektion op d'Joer 2005 wäert nowiesen. Zu deenen 32 Milliounen Euro, déi de Moment an d'Kulturinstituter vum Stat fléissen, kommen nämlech an deenen nächste fënnef Joer héchstwahrscheinlech folgend dobäi:

- d'Sport- a Kulturhal mat 5 Milliounen Euro Fonctiounskäschen,
- d'Concertshal fir klassesch Musik: 8 Milliounen,
- de Pei-Musée hunn ech och emol op ongeféier 8 Milliounen geschätzt,
- den Neimünster och op 8 Milliounen Euro,
- dem Musée de la Forteresse ginn ech emol zwou Milliounen Euro,
- der Rockhal nëmmen eng, an
- de musealen Aktivitéiten op Belval ëmmerhi 6 Milliounen Euro.

Da kéim ech zesummen op 70 Milliounen Euro, déi am Joer 2005 géifen an de staatleche Kultursecteur fléissen!

Wann also déi aner Suen, déi un d'Associatiounen am Privatsecteur ginn, net géife wuessen, dann hätte mer am Joer 2005 bei engem Gesamtbudget vu 84 Milliounen Euro 93,6 %, déi géifen an den öffentliche Sectar fléissen! Dat ass also e bësse sou eng Proportion, wéi dat beim Kim Il Sung an Nordkorea de Fall war, oder an den ehemolege sozialisteschen Ostländer, déi jo ëmmer virgeworf kruten, eng staatlech oder verstaatlecht Kulturpolitik ze maachen. Dobäi ass et kloer, dass et zu Lëtzebuerg net vill anescht ass!

Ech kommen dann zum Mythos, dass et eng Transparenz géif ginn am Kader vun de Subsidien an de Konventiounen mat de sozio-kulturellen Associatiounen.

Do war ech ganz erstaunt, datt ech fir d'éischte Kéier säit 8 Joer Konkurrenz krut an deem Beméien, fir de soziokulturelle Sectar ze ënnerstëtzen, nämlech mat engem Amendement vun der sozialistescher Partei, déi gär hätt, dass de Budget fir d'Animation socioculturelle, conventions avec les associations, vun 2,5

Milliounen Euro op 3 Milliounen Euro géif steigen. Dunn hunn ech e bësschen a mengem Computer gewullt an Amendementer vu mir selwer, beziungsweis vu menger Fraktioun erëmfonnt aus de Joren 1994 an 1995,...

(Interruption)

...wou ech all Kéiers gefrot hunn, dass dee Budgets-poste géif op 30 Milliounen Lëtzebuerger Frang, wat jo mol...

(Interruption)

...keng Millioun Euro war, gehéicht ginn, an déi sinn all Kéiers mat de Stëmme vun der sozialistescher Partei ofgelehnt ginn.

M. Alex Bodry (LSAP).- Net gären awer!

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Net gären, natierlech, an dofir géif ech...

(Interruptions)

Här Budgetsminister, ech ënnerstëtze selbstverständlech den Amendement vun der sozialistescher Partei, géif lech awer roden, deen Amendement ofzelehnen, an zwar aus Rücksicht op d'Glawierdegkeet vun der sozialistescher Partei!

(Hilarité et interruptions)

Wann Der nämlech deen Amendement unhuet, da géifen d'Leit éischters der sozialistescher Partei Hypokrisie ënnerstellen, well se nämlech an der Regierung géife Saachen oflehnen, déi se herno an der Opposition ënnerstëtzen,...

(Interruptions)

...an zweetens géifen d'Wielerinnen an d'Wieler vläicht op d'Iddi kommen, dass, wann deen Amendement ugehall gëtt, d'sozialistescher Partei an der Opposition méi effikass wär wéi an der Regierung,...

(Interruptions)

...an da géife se bei deenen nächste Walen dorausser Konsequenzen zéien. Mir wëlle jo awer alleguer, dass e Changement op bleift fir déi nächste Regierung, an dofir wär et vläicht besser, Dir géift deen doten Amendement oflehnen.

(Interruptions)

M. Jean Asselborn (LSAP).- Här Garcia, Der sidd jo awer mat mir d'accord, dass Dir dat nach musst beweisen, dass Der besser an der Regierung sidd wéi an der Opposition!

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Adressez-vous au Président, wann ech glift! Kee Chaos hei, Här Asselborn.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Dir hutt Recht, Här Garcia.

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Et muss een awer elo der Regierung, bezéiungsweis där Regierungs-partei, déi d'Kultur an hirem Ressort huet, Gerech-teg-keet widderfuere loossen an erklären, wéi sech d'Evolutioun vun deem Budgetsposten entwéckelt huet.

Dee Budgetsposten, deem de Moment op 2,5 Milliounen Euro, also 100 Milliounen Lëtzebuerger Frang, veranschlagt ass, huet 1995, wéi ech déi éischte Kéier déi Amendementen abruecht hunn, 3,5 Milliounen Lëtzebuerger Frang bedroen. En ass dunn erop gaangen op 7, dunn op 15, dunn op 38, dunn op 70 an elo op 100 Milliounen, d.h. dat war eng Steigerung vun 2.750 %. D'LSAP fuerdert elo eng Steigerung vun 100 op 120. Dat ass also eng Steigerung vun 20 %. Also ass se relativ bescheide par rapport zu deem, wat an deene leschte 5 Joer geschitt ass. Mä, wéi gesot, et ass eng flott Initiativ, a mir wäerten déi selbstverständlech ënnerstëtzen.

Wat eis awer méi wichteg erschénkt, ass d'Tatsaach, wien dann elo schliesslech an de Genoss kënnt vun deene Suen. Ech hu missen all Kéiers nofroen, wann do e Budgetsposte steet vun 2,5 oder 3 Milliounen Euro, wien dann déi Sue kritt. Dat huet een all Kéiers missen nofroen. Dat huet och ze di mat der Transpa-renz vum Budget, well do steet einfach global e Chiffer, dee géif an de Bénéfice vun deenen Associa-tiounen goen.

Wann een dann herno den Detail kuckt, da weess een, dass eng Villzuel vun Associatiounen Peanuts kréie vun 100, 200 oder 300.000 Frang, während e puer Asso-ciatiounen, déi komescherweis alleguer aus engem gewëssene Secteur kommen, nämlech deem vun der classescher Musik a vun anere verwante Secteuren, direkt bei der éischter Kéier e puer Milliounen Subside kréien. Aner Associatiounen sti scho säit Joren an enger Waardeschlaang. Ech mengen, virun engem Joer war gesot ginn, dass iwwer 50 Associatiounen op esou Konventiounen a Subside géife waarden.

Dofir wëll ech hei am Numm vu menger Fraktioun eng Motioun déposéieren, déi endlech e bëssche méi Transparenz an deem Domän fuerdert an d'Regierung opfuerdert, an deene beschten Délaien d'Konzept fir de Conventionnement an de Subventionnement vun de soziokulturellen Associatiounen virzeleeën.

Ech soen lech merci.

Motion 15

La Chambre des Députés

- *consciente de la nécessité d'un soutien continu d'initiatives privées dans le domaine socioculturel;*
- *saluant l'augmentation considérable depuis 1995 des crédits budgétaires consacrés aux subventions et aux conventions en faveur des associations socioculturelles;*

- *inquiète face à l'attitude réticente du Gouvernement de s'engager dans de nouvelles conventions entre le Ministère de la Culture et des associations sociocultu-relles,*

- *soucieuse de voir se renforcer des structures de coordination et de gestion d'initiatives dans le domaine socioculturel visant à encadrer le travail béné-vole par une gestion professionnelle minimale;*

- *consciente du fait que toutes les demandes de finan-cement ne pourront être satisfaites dans le cadre des crédits budgétaires et qu'il échoit de faire un choix qui devrait être un reflet aussi représentatif que possible de l'échiquier associatif socioculturel;*

- *considérant la détermination du Gouvernement à intégrer la refonte de la loi sur le Fonds culturel national dans le contexte d'une réorientation plus globale du système de (co)financement public des acti-vités associatives socioculturelles;*

invite le Gouvernement

- *à présenter dans les meilleurs délais les résultats des travaux entrepris dans le cadre de l'évaluation du système de financement et de conventionnement dans le secteur socioculturel à la commission de la culture du parlement;*

- *à élaborer un dispositif global de (co)financement public des activités associatives socioculturelles (subsidés, conventions, cofinancements etc.) permet-tant une ventilation optimale sur les différents domaines et une meilleure transparence;*

- *à soumettre dans les meilleurs délais ces propositions à la Commission de la Culture de la Chambre.*

(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.

(Interruptions)

M. le Président.- Als nächsten Diskussionsriedner ass den Här Nicolas Strotz agedroen. Den Här Strotz huet d'Wuert.

M. Nicolas Strotz (CSV).- Här President, Dir Dammen an dir Hären, erlaabt mir, mech am Kader vun der Budgetsdebatt mat etlechen Aspekter vum Départe-ment vun den Travaux publics ofzeginn.

Dëse Sujet ass ganz vaste, well hie souwuel de Stroos-sebau wéi d'Schoulbauten a sou weider betrëfft, mä deen awer och Problemer wéi Bauschuttdeponien net ondifferent kënne loossen.

Zum Budget selwer ass, mengen ech, allgemeng ze soen, datt trotz massive Steiersenkungen d'Ausgabe fir d'öffentlech Baute substanzuell an d'Luucht ginn. Och wann ech net wëll vill Zuele benotzen, sou schénkt et mer awer wichteg, fir verschidde budgetär Dota-tiounen an dësem Zesammenhang ze ernimmen, an zwar déi vum Fonds d'investissements publics.

De Fonds d'investissements publics administratifs gëtt mat 37,2 Milliounen Euro dotéiert. Dat ass e Surplus vu bal 14 Milliounen Euro oder 58,3 % vis-à-vis vun 2000. D'Dotatioun vum Fonds d'investissements publics scolaires bedréit 55,75 Milliounen Euro. Dat si bal 10 Milliounen méi wéi fir de Budget 2000 oder 21,5 %. Fir de Fonds d'investissements publics sanitaires et sociaux si 37,2 Milliounen Euro virgesinn. Dëst bedeit eng Rekorddotatioun. 1999 loug déi nämlech bei 20,5 Milliounen Euro, a fir de Budget 2000 waren et der nëmmen 8,6.

Ech wëll dann nach ernimmen, datt de Fonds des routes mat 86 Milliounen Euro dotéiert gëtt. Zejoer waren et wuel 120 Milliounen Euro, dofir sinn awer quasi 100 Milliounen iwwer en Emprunt an de Fong gaangen, wat dëst Joer net de Fall ass. Des Weidere gëtt de Fonds des établissements hospitaliers mat zousätzleche 5,3 Milliounen - am Total 35 Milliounen Euro - alimentéiert. Am Globale geet d'Investitionsquot vum Stat vun 9,5 am Joer 1999 an 10,2 % am Joer 2000 am Joer 2001 op 10,8 % vum Total vun de Statsdépenses erop an ass domat bei wäitem déi héchsten Investitionsquot an der EU.

Dës Zuele bewiese kloer, datt de Stat och an Zukunft seng Engagementen am Interesse vu modernen Infrastrukture wëllt oprecht erhalen, an dat an alle Secteuren. Mir sollten also domat ophalen, fir zum Beispill Projeten am Interesse vun der Kultur a Projeten aus dem soziale Beräich géinteneen auszespillen.

Dëse Budget setzt Akzenter souwuel fir déi eng wéi och fir déi aner Beräicher. Mir hunn de Moment, dank enger säit Jore virsiichteger Budgetspolitik, eng formidable Finanzsituatioun mat genuch Reserven, déi et erlaben, déi néideg zukunftsorientéiert Infrastrukturen opzebauen.

Wa mer den héijen Investitionsprogramm vun deene leschte Joren also net nëmmen oprecht erhalen, mä nach weider ausbauen, wëll ech awer drop hiweisen, dass mer an Zukunft virsiichteg mussen sinn, fir dass et net duerch zevill an important Opträg zu enger Surchauffe am Bausecteur kënnt, wat engersäits géif mat sech bréngen, datt d'Baupräisser eis kéinte fort lafen, an anerersäits mer nach méi auslännesch Betriber an d'Land era kréichen, fir déi Aarbecht ze verrichten.

Mir müssen also oppassen, dass mer net an eng Spiral erageroden, aus där et schwéier ass erauszekommen. Dëst géif sech dann negativ op d'Präisser auswirken, déi de Stat fir seng Baute bezuele muss. Wat a mengen Aen awer nach méi schlëmm wär, sinn d'Auswirkungen op d'Präisser um private Marché. Och fir déi Leit, déi da wëllen en Eegenheem bauen, bréngt de Bauboom eng Hausse vun de Präisser mat sech. Do muss gutt opgepasst ginn, datt mir net op e Präisniveau kommen, dee keng Privatpersoun sech méi leeschte kann.

Dat läit sécherlech net an den Intentiounen vun der öffentlecher Hand. An dofir mussen mer bei der Realisatioun vun de groussen Investitionsprogrammen déi néideg Virsicht walte loosser, fir mat Zäiten enger ongesonder, dat heescht iwwerdriwwener Präisexplosioun entgéintwierken ze kënnen.

En anert Phenomen, dat amgaangen ass derbäi ze kommen, ass de Manktum un Aarbechtskräften. Bis elo waren eis portugisesch Matbierger eng droend Sail an der Bauwirtschaft. Mir konnte jorelaang op hir Aarbechtskraaft zréckgräifen an op hir Kompetenz zielen. Mä dëst ass amgaangen, sech ze änneren. D'Wirtschaft a Portugal boomt. Dat bréngt mat sech, datt och a Portugal vill gebaut gëtt. Am Moment fänkt dat un, sech bei eis an deem Sënn bemierkbar ze maachen, dass eis portugisesch Fachleit zréck a Portugal ginn, fir do hiert Fachwëssen an den Dénge vum der portugisescher Wirtschaft ze stellen. Leider kommen awer zu Lëtzebuerg keng sou Fachleit méi bäi. Dofir mussen mer ufänken ze iwwerleeën, a wat fir eng Richtung mer nei Overture maachen, fir déi néideg Fachleit aus anere Länner ze kréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no dëse méi allgemenge Bemierkunge wëll ech mech elo méi intensiv mam Stroossebau beschäftegen. Et ass gewosst, dass eis Autobunne regelméisseg iwwerlaascht sinn an de Rush-Aueren, mä awer och regelméisseg bei Ufank a bei Enn vun de Vakanzen, sief dat an der Belsch oder an Holland, geet souzesoen op eenzelne Stroossenofschnëtter glat näischt méi.

Fir de Verkéier besser ze leeden, hu mer de CITA-Programm agefouert. Ech wier nawell frou ze héieren, ob dee Programm schonn asazbereet ass a wat déi éischt Resultater sinn. Dat ass natierlech eng Fro, déi ech elo net hei un de Budgetminister ka riichten.

Op jidde Fall sinn ech der Meenung, datt mer de CITA müssen op eist ganz Autobunnnetz ausbauen, fir ze garantéieren, datt mir de Verkéier kënne maximal steieren.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Do misst emol e Gesetz driwwer gemaach ginn!

M. Nicolas Strotz (CSV).- Dat Gesetz hu mer jo versprach kritt, dat hu mer diskutéiert, an ech sinn iwwerzeegt, datt mer deen Zousazprojet dann och virgeluegt wäerte kréien.

Wéi gesot, iwwert dee Wee gëtt et eis méiglech, méi Gefierer iwwert eise Réseau kënnen ze féieren.

Mä den Ausbau vum CITA-System geet sécherlech net duer, fir de Problem vun eisen iwwerfëllten Autobunnen an de Grëff ze kréien. Mir wäerte kaum derlaanscht kommen, fir eng drëtt Spuer, op d'mannst op der Achs Briddel-Diddeleng, ze bauen. Dofir, mengen ech, wär et rotsam, fir déi néideg Etude sou schnell wéi méiglech ofzeschléissen an de Bau vun der drëtter Spuer ulafen ze loosser.

Elo kann een natierlech behaupten, eng Verbreederung vun der Autobunn géif méi Verkéier unzéien. Op sou en Argument wëll ech äntweren, datt auslännesch Statistiken a Prévisiounen beweisen, datt den Autosverkéier, ob mir wëllen oder net, an deenen nächste Jore souwisou wäert zouhuelen, ob mir eng zwee- oder eng dräispuereg Autobunn hunn. Et geet virun allem also drëm, den absolute Chaos ze vermeiden.

An deem Szenario muss natierlech den öffentlichen Transport an Zukunft eng gréisser Roll spillen. Mir kommen net derlaanscht, fir mat nach méi engem attraktiven öffentlichen Transport, mat donieft och genügend Opfangparkingen, de Verkéiersproblemer entgéintzewierken. Den öffentlichen Transport, besonnesch am schwéiere Verkéier, ass awer sécherlech net nëmmen en nationaalt Thema. Och op europäeschem Plang muss do nach vill geschéien. Sou laang Europa net fäeg ass, fir ähnlech Normen a puncto Schinnen- a Stroumnetzer a Sécherheet ze schafen, sou laang sinn all d'Diskussiounen, fir de schwéieren a geféierleche Verkéier vun der Strooss op d'Schinn ze kréien, quasi émsoss.

Dobäi kënnt och nach déi vun Europa staark bedriwwwe Liberaliséierung. Maartwirtschaft a Rentabilitéit, jo, mä net op Käschte vun der Sécherheet. An dëst ass besonnesch bei der Liberaliséierung vum Schinnennetz eng grouss Gefor. Fir rentabel kënnen ze schaffen, gëtt um falschen Enn gespuert. Zu wat dat féiere kann, hu mer a leschter Zäit zum Beispill an England erlieft, wou d'Sécherheet bei de privatiséierten Eisebunnsgesellschaften net méi am gefuerderte Mooss garantéiert ass. Sécher, iwwerall kënnen Accidenter geschéien, mä de Risiko gëtt einfach méi grouss, wann nëmme méi op de Benefiss gekuckt gëtt. Dofir mussen mir op europäeschem Plang gutt oppassen, fir net an déi falsch Richtungen ze goen.

E puer Wieder zur Nordstrooss. Als Bauten- an Ëmweltkommissioun ware mer dee ganz Chantier vun der zukünftiger Strooss Lëtzebuerg-Miersch-Ettelbréck besichtegen, an ech konnt net feststellen, dass grouss Beanstandungen, egal vu wéi engem politesche Bord, ervirbruecht gi wäeren. Ech mengen, dass endlech jiddereen agesinn huet, dass d'Verkéiersopkommes fir d'Uelzechtdallawunner an och fir déi, déi all Dag deen Trajet hin an hier fuere müssen, onzoumuttbar an et onëmgänglech ass, dass déi Strooss schnellstens fäerdeg gestallt gëtt.

Leider hu mer duerch eng O+-Lösung, vun där den Här Bodry de Moie sou vill geschwat an déi säi Ministère deemools fir d'Nordstrooss propagéiert huet, beim Plange vun där Streck vill Zäit verluer. Och de Problem am Zesammenhang mat der Ouverture vum Contournement vu Miersch ass diskutéiert ginn. D'Benotzer vun där Strooss, awer besonnesch déi Mierscher Leit, géifen net verstoen, wann dee Contournement net

um Enn vum nächste Joer oder spéitstens am Joer 2002 géif opgemaach ginn.

Dass dat e Problem fir d'Streck Miersch-Koplescht-Briddel no sech zitt, ass bekannt, mä Léisunge leien um Dësch, an ech verstinn net, dass säitens dem Envronnement nach ëmmer gepowert an doduerch d'Exekutioun vun deenen eenzelne Projete verzögert gëtt. Dat gëllt souwuel fir den Tronçon Miersch-Schëndels wéi fir de Südcontournement vum Briddel. Dëse Contournement muss, a mengen Aen, eng absolut Prioritéit hunn, fir ze vermeiden, dass um Briddel de perfekte Chaos entsteet, wann de Contournement vu Miersch mol bis opgaangen ass.

Des Weidere müssen d'Contournemente vu Keespelt-Meespelt a vu Kiele mat Uschloss un d'Areler Autobunn Prioritéit kréien. Et ass ze hoffen, dass am Konsens mat de betraffene Gemengen an am Interesse vun hire Bierger definitiv Léisunge fonnt an déi Projete sou schnell wéi méiglech an de Fonds des routes opgeholl ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Verkéiers-situatioun, d'Autobunnnetz am Norden, do kënnt een automatesch op de Kierchbiere ze schwätzen. Dofir och zu deem Thema e puer Gedanken. Um Kierchbiere gëtt aus deem, wat emol eng Kéier eng Autobunn war, e Boulevard urbain gemaach. Vill Tënt a vill Otem si verbraucht ginn, fir dëst ze kommentéieren. Mä mir müssen eis bewusst sinn, dass de Kierchbiere e Quartier vun der Stad ass, an deem net nëmme geschafft gëtt, mä deen och ëmmer méi zu engem Wunnquartier gëtt an an Zukunft och eng grouss kulturell Bedeitung wäert kréien.

Dëst entsprécht souwuel de Bestriewunge vun der Regierung wéi och vun der Gemeng Lëtzebuerg, an zu deem Konzept hu mir och als Chamber eisen Accord ginn. Dofir kann een déi Aarbechten, déi elo gemaach ginn, nëmme begrëssen, well d'Liewensqualitéit an d'Sécherheet si schlecht vereinbar mat enger Autobunn, déi e Quartier an der Mëtt duerchschnit.

Deemno wéi de Verkéier sech um Contournement vun der Hauptstadt verdeelt, ass domat ze rechnen, datt besonnesch, deemno wat um Kierchbiere lass ass, zum Beispill bei grouse Foiren, dëse Verkéier um Boulevard zréckstaut. Et muss dofir fir genuch Stauraum gesuergt ginn, fir dass dee Stau sech dann net op der Autobunn bemierkbar mécht.

Och muss de Problem vun engem Opfangparking fir de Verkéier, deen aus Richtung Norden an Oste kënnt, enger Lösung zougefouert ginn. An deem Kontext war d'Bautekommissioun der Meenung, dass déi Problematik mat an den Zousaz-Projet de loi, dee fir d'Nordstrooss noutwendeg ass, soll integréiert ginn.

Zum Käschtepunkt vun den Aarbechten um Boulevard urbain wëll ech soen, datt dës Aarbechte quasi zum Nulltarif gemaach ginn, well d'Valeur vun deem nei

geschafene Bauraum, deen duerch de Réckbau vun der Autobunn entsteet, d'Onkäschten ausgläicht. Wann Der am Budget kuckt, sinn och keng nei Dotatiounen fir de Fong vum Kierchbiereg virgesinn. Wann de Kierchbiereg sech ëmmer méi zu engem komplette Quartier vun der Stad entwéckelt, da muss den öffentliche Transport och dës Entwécklung Rechnung droen. Dofir mussen mir d'Raim um Kierchbiereg esou gestalten, dass den öffentliche Transport ëmmer realisierbar bleift, dës och wa mer op nei Transportmëttelen, zum Beispill den Tram - oder wéi mer en och ëmmer nenne wäerten -, ëmklammen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, op en Thema anzugehen, dat an deene leschte Wochen héich Welle geschloen huet: déi verschidde Bauschuttdeponien am Land. Hei mussen Neel mat Käpp gemaach ginn. Léisungen, déi fonnt ginn, dierfen net vum Lokalkolorit diktéiert ginn. Et gefällt sécherlech kengem hei am Land, wann hien an der Noperschaft vu senger Hausdier sou eng Bauschuttdeponie huet. Et geet awer net, fir ze soen: Net viru menger Dier, mä beim Noper ass et mer egal. Dofir muss de gesunde Mënscheverstand bei den Décisiounen matspillen.

Sécherlech huet d'Implantatioun vun enger Bauschuttdeponie zäitlech Impakter op d'Ëmwelt an op d'Liewensqualitéit vun den Urainer. Si mussen also esou aménagéiert ginn, dass se sech, nodeems se voll sinn, komplett an d'Landschaft integréiere loosse. Dofir muss d'Implantatioun vun enger Deponie och begleet si vun Entscheedungsmoossnamen am Interesse vun där Gemeng, an där se sech befënnt.

Eng gerecht regional Opdeelung vun den Deponië schéngt mer eng Selbstverständlechkeet ze sinn. Dës Deponië mussen esou leien, dass keng zevill laang Transportweeër noutwendeg sinn. Well laang Transportweeër géifen nees en negativen Impakt souwuel op d'Ëmwelt wéi och op de Gesamtpräis vun enger Soumissioun mat sech bréngen.

Här President, erlaabt mer, e Wuert a mengem perséinlechen Numm zum Gesetzesprojet iwwert d'Marchés publics ze soen. Op déi Diskussioun, déi iwwert dës Projet gefouert gëtt, wëll ech net agoen. Dozou wäert genuch Zäit bliwen, wa mir de Gesetzesprojet hei an der Chamber diskutéieren. Ech wëll awer drop hiweisen, dass et fir eis Economie wichteg ass, dass souvill Marchée wéi méiglech kënnen u Lëtzebuerger Betriber vergi ginn. Dofir sollte mir, wéi dat an all aner Land selbstverständlech ass, dee Spillraum, deen d'EU-Direktiv eis opléisst, voll ausnotzen.

Une voix.- Très bien!

M. Nicolas Strotz (CSV).- Mir brauche schliesslech net méi helleg ze si wéi de Poopst. Musterschüler an Europa ze sinn, ass jo flott, et dierf awer net zevill op Käsche vun der nationaler Economie goen. Dës wollt ech elo schonn am Kader vun der Budgetsdebatte kloer gesot hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi grouss Majoritéit vu quasi alle grouss Bauprojeten, déi an der Exekutiounsphas sinn, si Projeten, déi nach ënnert där leschter Regierung ausgeschafft gi sinn, falen also - och wa mir eng Solidarité gouvernementale hunn - nach mat ënnert d'Responsabilitéit vum viregte Baute-minister.

Déi jëtze Bauteministesch huet an deene leschte Méint misse vill Energie drop verbrauchen, fir d'Succesiounsmass ze gäreieren. Si muss fir déi Feeler riicht stoen, déi virun an dësem Ministère gemaach goufen. Dobäi denken ech besonnesch un déi hefteg Diskussiounen, déi an der Kommissioun vum Contrôle budgétaire gefouert ginn, wann et drëms geet, fir budgetär Dépassementer ze autoriséieren, oder wann duerch e Changement de programme an de Projeten e Surplus un Ausgaben entsteet.

Dobäi kënnt den Androck op, dass d'Bauteministesch, déi a sech just eng Vergaangenheitsbewältigung muss maachen, selwer Schold un deenen Dépassementer, fir net ze soen un deem Schlamassel, wär, dee mir elo mussen bei verschiddene Bauprojekte feststellen.

Mä de Géigendeel ass de Fall. D'Bauteministesch sicht nämlech no Weeër, déi et an Zukunft sollen erlaben, dass keng gréisser Schwierigkeete méi mat Bauprojeten entstinn. Dofir wëll ech och déi Note begrëssen, déi de Bauteministère erausginn huet an an där e Wee opgewise gëtt, wéi an Zukunft sollen Dépassementer vun Devie gehandhaabt ginn.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Dat ass jo illegal!

M. Nicolas Strotz (CSV).- Da loosst mech viru schwätzen!

An dësem Virschlag bleift d'Chamber natierlech an der Evolutioun vun den Dossieren involvéiert. Mam Virschlag vum Bauteministère, dee vun der Kommissioun vum Contrôle budgétaire amendéiert ginn ass, wäert och d'Bautekommissioun sech beschäftegen. Mir mussen do garantéieren, dass mer eng Léisung fannen, dass souwuel e Contrôle bestoe bleift, mä dass awer och séchergestallt gëtt, dass de Fortgang vun den Aarbechten net perturbéiert gëtt. Ob elo esou eng Léisung soll vu Kommissiounen ofgeseent, iwwer eng Resolutioun an der Chamber soll diskutéiert oder léigiféiert muss ginn, ...

(Interruption)

...dozou gëtt den Här Minister eis jo nach - an dat huet en ugekënnegt - herno seng Meenung.

Dem Här Bausch hat ech awer d'Fro gestallt, ob an der Proposition, déi d'Opposition propagéiert huet, fir un dee Problem erunzegoen, och Chiffere virgesi wäeren. Do hutt Der alleguer hei héieren, dass hie kloer mat Nee geäntwert huet. Ech wëll him awer do soen - an ech liese vir, wat am Rapport vun der Kommissioun steet -: „M. le Président met en vote sa proposition prévoyant le recours à une loi spéciale si le dépasse-

ment pour cause interne est supérieur à 10 % du devis voté et à un montant absolu de 125 millions. La proposition de M. Krecké est rejetée par quatre voix pour - Bausch, Fayot, Krecké, Mehlen - et six voix contre."

Also war den Här Bausch net, wéi en hei gesot huet, domat d'accord, ...

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Neen!

M. Nicolas Strotz (CSV).- Sot elo net erëm neen, well et steet hei kloer schwaarz op wäiss!

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, ...

M. Nicolas Strotz (CSV).- An ech hat gefrot, ob Chifferen do mat am Spill wieren. Do hutt Der gesot: Neen!

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Dann zitéiert och alles, wat an deem Rapport steet!

M. Nicolas Strotz (CSV).- Déi Proposition ass an Ärer Logik genau sou falsch wéi déi, ...

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Neen!

M. Nicolas Strotz (CSV).- ... déi herno vun der Majoritéit ugeholl ginn ass.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Déi Leit, déi net alles gelies hunn, verstinn dat souwisou ni!

(Interruptions)

M. Nicolas Strotz (CSV).- Ech liesen dat esou, wéi et hei steet!

Dono ass eng Proposition vum Här Weiler ugeholl ginn, wou Dir sot, se géif net der Constitution entsprechen. Dont acte!

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Oh, oh!

Une voix.- Bravo!

M. Nicolas Strotz (CSV).- Mir wäerten eis e Méindeg an eiser Kommission, ...

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Neen, mir diskutieren dat haut.

M. Nicolas Strotz (CSV).- ... doriwwer ënnerhalen, nodeems mer dem Minister seng Explikatiounen de Mëtteg hei héieren hunn.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Hien huet seng Meenung längstens gesot de Moien, Här Strotz!

M. Nicolas Strotz (CSV).- Neen, hien huet gesot, hie géif am Detail dorop agoen. Souvill zu deem Problem do!

Ech wëll zum Schluss vu menger Interventioun kommen an nach eng Kéier ënnersträichen, datt mir frou sinn, datt dës Budget Akzenter setzt fir eng Rei Infrastrukturen net nëmmen am Schoul-, am Sozial- an am Kulturberäich, mä och am Stroossebau.

(Interruptions)

Domat kritt eist Land sécherlech Infrastrukturen, déi et fit fir d'Zukunft maachen. Zu enger nohalteger Politik gehéieren och anstänneg Stroossen an anstänneg Infrastrukturen.

Et gëllt dofir, mat der néideger Wäitsicht déi eenzel Projeten unzegoen an déi jëtzeg héich Finanzreserven ze notzen, fir déi ustoend an als noutwendeg erkannte Projeten ze realiséieren. Mir sollten eis net dozou verleede loossen, d'Finanzreserve kuerzfristeg iwwert d'Land ze verspreeden, mä mir sollte se notzen, fir an d'Zukunft vun eisem Land ze investéieren.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Den Här Bausch huet d'Wuert gefrot!

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, ech muss wéinst Fait personnel hei d'Wuert froen.

Wat den Här Strotz ugeet - an ech hunn dat scho méi wéi eng Kéier versicht ze erklären -, sou géif ech wierklech en drénglechen Appel maachen u säi Fraktiounspresident, fir eng Kéier mat him en eescht Gespréich ze féieren a senger Fraktioun, fir datt hien him emol erkläert, ëm wat et hei geet.

(Interruptions)

M. Nicolas Strotz (CSV).- Dir sidd esou iwwerhiefléich, an Dir wësst iwwerhaupt net, wéi et dobausse leeft.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Wat en elo virgelies huet, Här President, déi 10 % an déi 125 Milliounen, ...

M. Nicolas Strotz (CSV).- Ja, wat ass domat?

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- ...wou eng Loi spéciale soll gemaach ginn: Dat ass richteg, dass d'Opposition dat proposéiert. Mä wat Der nach net verstanen hutt, Här Strotz, wat eis ënnerscheed, ass: Mir hu jo gesot, d'office dierf kee Frang iwwert dat ausgi ginn, wat virgesi war an hei gestëmmt ginn ass. Du kouw jo d'Diskussion op, fir ze soen, wou dann en Tëscheruff virdrun hei komm ass: Wann eng Schubkar Sand felt, an et si keng Sue méi do...

Do hu mir gesot: Mir si bereet, doriwwer ze diskutieren, datt een eng Prozedur fënn, wou dann dat vun deenen 10 % an deenen 125 Milliounen festgehale géif ginn, wou een da kéint festhalen, dass dat am Prinzip kéint esou gehandhaabt ginn, ...

(Interruption)

...awer, Här Strotz, iwwer Loi spéciale, eben net iwwert dat, wat Är Majoritéit proposéiert huet!

M. Nicolas Strotz (CSV).- Mir maache just datselwecht, mä ...

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Ma neen! Dir maacht net datselwecht, Här Strotz! Dir verstitt dat einfach net!

Mir sinn der Meenung, dass a priori kee Frang iwwert de Budget eraus ausgi ka ginn. A mir sinn der Meenung, datt bis an déi do Héichte soll eng Loi spéciale gemaach ginn. A mir sinn der Meenung, datt et op kee Fall dierf goen, wéi d'Majoritéit dat wëllt, datt gesot gëtt, iwwert d'Loi budgétaire gëtt alles regulariséiert, well dat op alle Fall dozou féiert, datt mer effektiv an d'Situatioun kommen, datt mer während Méint an der Illegalitéit sinn.

Mä och déi 125 Milliounen an déi 10 %, déi Dir elo zitëiert hutt - dat steet am Rapport ganz kloer dran, an Dir hutt et och virgelies -, dat soll iwwer Loi spéciale goen. Dat heescht, och wann an deenen doten Héichten en Dépassement géif festgestallt ginn, misst effektiv direkt, d'office hei an der Chamber e Gesetz déposéiert ginn. Dat ënnerscheid eis vun lech, Här Strotz, mä, ech mengen, Dir wëllt et net verstoen.

M. Nicolas Strotz (CSV).- Ech hu gelies, wat hei...

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Majo, sou steet et och am Rapport, mä Dir hutt et net uerdentlech gelies!

(Interruption)

Jo, genau sou steet et jo och an deem Text dran, dat ass och richtig. Mä et ass e wesentlechen Ënnerscheid tëschent deem an deem, wat d'Majoritéit mat ofgestëmmt huet, herno, an der Kommissioun, wou gesot gëtt: Et gëtt iwwert d'Loi budgétaire regulariséiert. Dat ass eng wesentlech Differenz!

M. Lucien Weiler (CSV).- Här Bausch, Dir hutt awer net ausgeschloss, datt de Minister selbstverständlech kann eng Loi particulière proposéieren, wann hien dat wëllt.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Ma, Här Weiler, Dir kënnt net decidéieren, datt et iwwert d'Loi budgétaire regulariséiert gëtt. Ech hunn - Dir waart de Moien du leider net hei - bewisen iwwert d'Artikele vum Gesetz, datt dat illegal ass. Dir kënnt dat net maachen!

M. Lucien Weiler (CSV).- Dat ass falsch, Här Bausch! Ech wäert herno d'Wuert nach eng Kéier dozou ergräifen an lech erklären,...

M. Marcel Glesener (CSV).- Dat ass Är Meenung, Här Bausch!

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Neen!

M. Lucien Weiler (CSV).- ... firwat dat net contraire zum Artikel 59 ass.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Also, deen do Fall ass ofgeschloss.

(Interruptions)

Als leschte Riedner huet d'Wuert den Här Xavier Bettel.

M. Marcel Glesener (CSV).- Den Här Bausch, dee weess alles.

M. Nicolas Strotz (CSV).- Den Här Minister huet gesot,...

M. Marcel Glesener (CSV).- Deen Här Bausch ass Jurist, dee weess dat,...

M. Nicolas Strotz (CSV).- ...mir géifen eis un d'Gesetz halen, an dat maache mir och!

M. Marcel Glesener (CSV).- ...Du kenns dach näischt dovun!

(Interruptions)

M. Xavier Bettel (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hu ganz vill déi lescht Wochen hei iwwert d'Schoulwiesen diskutéiert.

Ech wollt nach eng Kéier kuerz op de Sujet vun den Unisstudien zrëckkommen. Nodeem ech de Rapport vun der REEL - wat jo de Rassemblement ass vun de Lëtzebuerger Studenten am Ausland, deen zu Zürich stattfonnt huet - an d'Aussoe vun der Mme Hennicot héieren hunn, hunn ech de Budget gelies.

Do fannen ech nämlech bei Aides financières de l'Etat pour Etudes supérieures d'Subventions d'intérêts. Do ass déi Konventioun, déi mat de Banken ënnerschriwwen ginn ass, frësch ënnerschriwwen ginn, an op Grond dovun wäeren d'Zënse vun 2,5 % op, mengen ech, 3 % eropgaangen. Ech waarden nach op d'Äntwert op eng parlamentaresch Ufro, déi ech gestallt hunn. Am Budget awer géif et u Moyene feelen, sot d'Mme Hennicot.

Hei wëll ech just eng Kéier dem Budgetsminister d'Remarque maachen, datt déi Subventions d'intérêts, och wann et en halwen oder 1 % ass, eng Augmentatioun vu 44.000 Euro sinn. Ech weess net, ob dat duergeet, fir 1 % fir souvill Dausende Studenten ze couvréieren.

Selbstverständlech luewen ech awer och d'Initiativen, déi vum Ministère geholl gi sinn, fir justement de Studente mat der Aide financière, de Boursen an de Primen d'Studië méi einfach ze maachen. Och aner Sujeten, déi d'Jugend concernéieren, notament de Projet iwwert de Surendettement, dee mer dëst Joer gestëmmt hunn, si ganz wichteg.

Et gëtt awer och nach aner Themen, déi d'Jugend interesséieren a concernéieren. Ech wëll an deem Zesummenhang dem Gusty Graas, dem Budgetsrapporteur, merci soe fir säi Rapport, deen och vun deem Problem geschwat huet. Am Koalitionsaccord hunn nämlech déi zwou Parteie festgehalten, dass d'Bestiednis ee vun de Fondementer vun eiser Gesellschaft a vun eisen Droits civils ass. Domat sti si net eleng. De Mariage bitt nach ëmmer déi bescht juristesche Ofsécherung vun enger Koppel. Mir sinn eis dofir eens, dass de Mariage als Institutioun muss protégéiert ginn.

Et muss ee sech awer bewosst sinn, dass eis Gesellschaft amgaangen ass, eng Evolutioun duerchzemaachen, eng Evolutioun, déi nach ëmmer net ofgeschloss ass. Ëmmer méi Koppele maachen de Choix, hiert Zesummeliwwen ausserhalb vum Bestiednis ze organisieren. Dëst kann een eleng op eng empiresch Manéier feststellen, wann ee sech a sengem Entourage, sengem Bekanntekrees ëmkuckt.

A Frankräich huet den Institut national d'Études démographiques festgehalen, dass de Mariage net méi deen eenzegene Acte fondateur vun enger Koppel ass. A sengem Rapport vun 1999 stellt den IED fest, dass vun 10 bestuetene Koppelen der schonn 9 virdrun zesummegelieft hunn, dass vun deene Koppelen, déi sech ufanks vum Joer 1990 zesummegedoen hunn, 30 % nach ëmmer an enger Union libre zesummeliwwen. Och Gebueren ausserhalb vun engem Mariage gëtt et ëmmer méi. A Frankräich sinn am Joer 1967 ongeféier 6 % vun de Kanner, déi op d'Welt komm sinn, vun Elteren, déi net bestuet waren. Am Joer 1997 waren et scho 40 %.

Säit November 1999 ass a Frankräich eng nei juristesche Form vun Zesummeliwwen agefouert ginn: de Pacte civil de solidarité, genannt de PACS.

(Interruption)

Här Glesener, et ass jo iwwert déi nei Besteuerung vun de Célibataires geschwat ginn. Et ass och eng Form vu fiskaler Politik, wann een déi aner Méiglechkeet mat abegräift.

Wat den Impakt vum PACS ugeet, wëll ech lech dës Chiffere matdeelen: 13.972 Pactes civils de solidarité sinn enregistriert ginn tëscht November 1999, wou d'Gesetz a Kraaft getrueden ass, an Enn März 2000. Wann dës Evolutioun sech net ralentiséiert, gëtt geschätzt, datt et der 40.000 fir d'Joer 2000 sinn. 1/10 vun alle franséische Koppelen, déi sech an engem Joer zesummendinn - den Institut national d'Études démographiques zielt déi op 450.000 -, géif dann ënnert dem Statut vum PACS zesumme liewen.

Ech wëll domat net soen, datt hei zu Lëtzebuerg e PACS-ähnleche Statut soll agefouert ginn, mä dës Chifferen illustréieren, menger Meinung no, dass do effektiv eng Evolutioun besteet. Och hei zu Lëtzebuerg gëtt et eng ähnlech Evolutioun. Eng Etüd vum CEPS-Instad aus dem Joer 1999 huet festgestallt, dass 9 % vun alle Koppelen an Union libre liewen; 23,8 % an Dänemark am Joer 1994, 16 % a Frankräich am Joer 1997, 10,2 % an der Belsch am Joer 1994 an 9,6 % an England.

Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn lech dës Zuelen opgezielt, fir drop hinczewisen, dass hei eng däitlech Evolutioun besteet an, menger Meinung no, e Stat dëser Evolutioun vu Liewensweise Rechnung droe muss. Dofir dës Wichtegkeet, Här Glesener.

Ech hunn dat bis elo nach net ernimmt, mä bei dëse Koppelen gëtt et jo och déi homosexuell Koppelen, déi, am Géigesaz zu den heterosexuellen, net de Choix hunn tëscht dem Mariage an der Union libre. Se ginn duerch déi aktuell Situatioun diskriminéiert, well si net den Nodeeler vun der aktueller sozialer a fiskaler Léiglatioun kënnen aus dem Wee goen, andeem si sech bestueden. Och hei muss e Stat enger gesellschaftlecher Evolutioun Rechnung droen an dofir suergen, dass d'Bierger net diskriminéiert ginn.

Am Koalitiounsaccord hunn déi zwou Regierungsparteie festgehalen, dass dës Evolutioun eng Rei vun Upassungen néideg mécht. Duerch Aménagementen vu Gesetzter wëllt d'Regierung legal punktuell Solutiounen fir praktesch Problemer bréngen. Dës Ukënnungen kënnen enger Rei vu Leit net wäit genuch goen.

Soit, mä et ass vu grousser Wichtigkeet, dass déi konkret Problemer, mat deem déi Leit, déi an enger Union libre zesumme liewen, konfrontéiert ginn, esou séier wéi méiglech eng Léisung fannen, sief dat, wat d'Sozialrecht ugeet, mat de Pensiounsrechter an d'Unfall- oder d'Krankeversécherung, den Droit de propriété am Beräich vun der Indivisioun, de Loyersbailen oder den Droit de succession, also déi fiskal Aspekter.

Et besteet hei Handlungsbedarf, et muss gläich eppes geschéien. Et wier wirklech ze begrëssen, wa mir an noer Zukunft an der Chamber Avant-Projet vun dësen Ännerungen kéinten diskutéieren. Et waren zwou Propositionen de loi erakomm vun der Mme Wagener an der Mme Err, wou mer op en Avis vum Conseil d'Etat gewaart hunn. Deen huet gesot, hie géif op Projet vun der Regierung waarden. Dat heescht, de Ball läit bei der Regierung.

Wéi schonn eng Rei vu Spriecher et hei betount hunn, begrëssen ech och, datt d'Regierung d'Steierreform virgezunn huet. Et ass positiv, dass d'Célibataire manner besteiert ginn, well - dat brauch ech lech net ze widderhuelen - och wann eng Fra oder e Mann an enger Union libre liewen, gi se nach ëmmer als Célibataire besteiert.

Ech wëllt dofir nach eng Käier un d'Regierungserklärung erënneren an e viren Appel un déi concernéiert Regierungsmembere maachen, fir esou séier wéi méiglech ze handeln.

Ech soen lech merci.

(Interruptions)

M. le Président.- Domat wiere mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut de Moien ukomm. Déi nächst Sitzung ass haut de Mëtteg um halwer 3.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 12.18 heures)